

Présidence: M. Lucien Weiler, Président
M. Laurent Mosar, Vice-Président • Mme Anne Brasseur, Doyenne

Sommaire

- 5890 - Débat d'orientation sur la réorganisation territoriale du Luxembourg
- *Rapport de la Commission spéciale «Réorganisation territoriale du Luxembourg»: M. Michel Wolter (déposant une résolution et une motion)*
 - *Débat: M. Lucien Clement, M. Fernand Etgen, M. Alex Bodry, M. Camille Gira, M. Gast Gibéryen (déposant deux motions), M. Marco Schank, M. Jean-Pierre Klein, M. Gilles Roth, M. Jean-Marie Halsdorf, Ministre de l'Intérieur et de l'Aménagement du Territoire*
 - *Motions: motion 1 adoptée; motion 2 rejetée; motion 3 rejetée*
 - *Résolution 1 adoptée*

Au banc du Gouvernement se trouvent: M. Fernand Boden, Mme Marie-Josée Jacobs, MM. Mars Di Bartolomeo, Jean-Marie Halsdorf et Claude Wilseler, Ministres.

(Début de la séance publique à 14.30 heures)

» M. le Président.- D'Sitzung ass op. Huet d'Regierung der Chamber iergendwellech wichteg Matdeelungen ze maachen?

» M. Mars Di Bartolomeo, Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale.- Neen, Här President.

» M. le Président.- Dann ass et och gutt. Mir kommen dann zum éischten an eenzege Punkt vun eiseem Ordre du jour vun haut, d'Orientéierungsdebatt iwwert d'Reorganisation territoriale. D'Riedezäit ass nom Modell 3 festgeluecht. Et si bis elo ageschriwwen: déi Häre Clement, Etgen, Bodry, Gira, Gibéryen, Schank, Klein, Roth an d'Madame Mutsch. Den honorabelen Här Michel Wolter presentéiert eis de Rapport vun der Commission spéciale „Réorganisation territoriale“. Här Wolter, Dir hutt d'Wuert.

5890 - Débat d'orientation sur la réorganisation territoriale du Luxembourg

Rapport de la Commission spéciale «Réorganisation territoriale du Luxembourg»

» M. Michel Wolter (CSV), rapporteur.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, léif Kolleegen, säit der Grënnung vun de Gemengen an der Form wéi mer se haut kennen, dat heescht dem Ufank vum 19. Jorhonnert, sinn et ëmmer nees Diskussiounen ginn iwwert d'Gemenge selwer, hir Gréisst, hir Aufgaben, a wat se sech sollen implizéieren an a wat net. Et ass e ganz grouse Feeler ze mengen, dass d'Diskussion iwwert d'Relationen tëschent dem Stat an de Gemengen eng Erfindung vun der Neizäit wier an dass sech fréier Generatiounen mat deem Sujet net beschäftegt hätten.

Am 19. Jorhonnert ware mer an enger Zäit, wou mer haaptsächlech mam Splitte vu Gemenge beschäftegt waren, wat domadder ze dinn hat, dass Dierfer sech ausernee-gelieft hu respektiv Dierfer Gréisste kruten, wou se gemengt hunn, dass si och déi Gréisst elo hätten, déi noutwendeg wier aus der Siicht vun deemools, fir eng autonom Gemeng ze sinn. Beispiller aus dem 19. Jorhonnert gëtt et der eng Rei. Zum Beispill d'Auserneegoe vun de Gemenge Leideleng a Recken, Walfer a Steesel, Stroossen a Bartreng, an der Mëtt vum 19. Jorhonnert.

Déi bis elo vläicht gréisste Reorganisatioun vun der Gemenglandschaft, déi och komescherweis zu Lëtzebuerg ganz weénege diskutéiert gëtt, mä ouni déi ech mech géif froen, wéi notament d'Hauptstad vun eiseem Land haut géif fonctionnéieren, huet 1920 stattfonnt, wou deen anere Wee gefuer ginn ass, wou eng Rei vu Gemengen, déi ronderëm dat, wat deemools d'Stad Lëtzebuerg war, dat heescht praktesch de Centre historique vun deem, wat haut d'Gemeng ass, mat der Stad Lëtzebuerg fusionéiert gi sinn. D'Gemengen Hollerech, Rollengergronn, Eech an Hamm sinn 1920 zesumme mat der Stad Lëtzebuerg zu enger Gemeng ginn, mat där d'Hauptstad och déi raimlech

Importenz duerno hat, déi noutwendeg war, fir déi Expansioun kënne virzehuelen, déi mer haut kennen.

An et misst ee sech d'Fro stellen, wat da wier, wann - ähnlech wéi haut verschidde Leit diskutéieren - deemools diskutéiert gi wier. Da wier haut héchstwahrscheinlech de Buergermeeschter vun Hollerech deen importenteste Buergermeeschter am Land, well hien hätt op sengem Territoire déi meeschten an déi gréissten Aktivitéits- an Entwécklungszonen a Potenzialen a wier wäit méi bedeitend, wéi de Buergermeeschter vun der Stad Lëtzebuerg dat wier. Et gesäit een also, dass an der Zäit et och ëmmer wichteg ass, sech nees d'Froen ze stellen, ob d'Gréisst, d'Étendue, d'Aart a Weis wéi d'Gemengen opgebaut sinn och de Bedierfnisser an den Erausforderunge vun der Zäit entsprechen.

En drëtte groussen Datum, deen ech mer opgeschriwwen hunn, war dee vun de 70er Joren. Et war eng Aart a Weis wéi een eng Démarche net ugeet; nämlech eng Démarche, déi an de véier Wänn vun engem Ministère zu enger neier Kaart gefouert huet, déi enges guddes Daags op den Dësch geluecht ginn ass an déi dann zu enger ganz grousser Oprou bei de Gemengepolitiker gefouert huet. Dobäi - an déi Kolleegen, déi sech d'Méi gemaach hunn, emol eng Kéier nozeliesen, wat dann an de 70er Joren d'Argumentatioun war, déi à la base war vun där Reorganisatioun - stellt ee fest, dass villes vun deem, wat an de 70er Jore richtig war, haut nach ëmmer Bestand huet.

Et sinn deemools véier Fusiounen entstanden: Wëntger, Rammerech, d'Stauséigemeng a Jonglënster. Mä et muss ee soen, dass déi Reform do sech als e Flop erweisen huet an och dozou bäigedroen huet, dass déi nächst 20 Joer iwwert deen dote Sujet net méi esou gär diskutéiert ginn ass.

Allerdéngs ass et awer net esou, dass d'Welt sech net weiderentwéckelt huet. Mir hunn no där gescheiterter Reform vun de 70er Joren eng Multiplizéierung vun de Syndikater kenne geléiert zu Lëtzebuerg, wou hatt an har jee nom Wëllen oder dem Onwëlle sech déi eng an déi aner beieneegefuert hunn. Mir hu festgestallt, dass besonnesch vun den 90er Joren u ganz vill nei Aufgaben op d'Gemengen zoukamen, déi se virdrun nach net haten.

E Beispill, wat an aller Mond war, war d'Aart a Weis wéi de Précoce agefuert ginn ass. De Précoce, deen haut net méi contestéiert ass, weder a senger Étendue nach a senger Uwendung, mä deen dee Moment, wou déi Diskussioun gefouert ginn ass, souwuel wat de Stil, d'Aart a Weis wéi och den Inhalt vun där ganzer Démarche ubelaangt, ganz vill contestéiert ginn ass.

Mir hunn, Dir Dammen an Dir Hären, eng Völkerwanderung op d'Dierfer kenne geléiert. Säitdem den Auto generaliséiert ginn ass, hu sech eis Duerfegemenge ganz staark erweidert un Awunner. Domadder sinn och ganz nei Bedierfnisser komm, well déi Leit, déi op d'Uertschafte geplënnert sinn, déi op d'Land geplënnert sinn, gewinnt waren, dass si an deene méi grouse Gemengen eng Rei vu Servicer ugebuede kruten an och wollten, dass déi an hirer neier Gemeng flächendeckend géifen ugebuede ginn.

Et sinn nei Konzepter bäikomm an deene leschte Jorzéngten, déi mer virdrun net kannt hunn; wéi zum Beispill d'Konzept vun der Landesplanung, d'Gesetz vun 1999,

mat deem mer eis vill Méi gi bis haut, fir et ëmzesetzen; d'Iddi vun den Naturparken; LEADER-Programmen; d'Hauptstad an hir Nopeschgemengen, déi säit der Mëtt vun den 90er Jore probéiere méi no beieneenezeschaffen, well sech ebe ronderëm d'Hauptstad eng ganz Rei vun neien Aktivitéiten an domadder neie Bedierfnisser entdeckt an och strukturéiert hunn.

Mir hunn eng Diskussioun gehat iwwert d'Tutelle, déi vu villen als onzäitgeméiss an als lästeg emfonnt ginn ass, der Zäit net adaptéiert, wéi mer och eng konstant Diskussioun gefouert hunn an all deene Joren iwwert d'Étendue vun der Autonomie communale, wéi och d'Definitioun vum Intérêt local. Intérêt local, deem bis haut keng een-deiteg Definitioun konnt bäigefouert ginn.

Dat alles huet zu Diskussiounen gefouert, zu Propositionen, déi am Laf vun den Zäite gemaach si ginn. Ech hu mer e puer Eckdaten dovunner opgeschriwwen.

1996 huet den Innenminister deenen eenzelne Parteien e Pabeier zoukomme gelooss, wou hie se gefrot huet sech anzeklicken an déi Diskussioun. Mat Ausnahm vun der Partei DÉI GRÉNG huet deemools keng eng Partei iwwerhaupt op dee Questionnaire geäntwert.

Mir hunn awer 1999 e Gesetz iwwert d'Landesplanung geschaf an duerno och eent iwwer e Programme directeur agefuert.

Den Innenminister huet dunn 2001 en neien Ulaf geholl, andeem hien en Diskussionspabeier virgeluecht huet, deen an der Chamber an de Joren 2001, 2002 an 2003 ënner Virsëtz vum Marco Schank intensiivst diskutéiert ginn ass an de 27. November zu enger breeder Diskussioun hei an der Chamber gefouert huet.

Am Fréijoer 2004 ass no zweejähriger Preparatioun d'IVL-Konzept presentéiert ginn.

A last but not least huet sech och am Secteur selwer villes gedomt. D'Fusiounen vun de Gemengen Tandel a Kiischpelt, déi entstane sinn aus engem Processus, dee vun ënnen erop aus de Gemenge komm ass; Diskussiounen, déi haut lafen, wou Der geist, dass quasi all Woch elo an iergendengem Gemengerot ronderëm d'Land d'Décisioun geholl gëtt, fir mat enger Nopeschgemeng unzefänken, op d'mannst an den Diskussionsprocessus ze kommen, sinn einfach Zeechen, dass vill Leit - an zwar net nëmmen déi an der Chamber oder net nëmmen déi aus dem Ministère, mä virun allem och op der Basis - gesinn, dass mer an eng nei Zäit amgaange sinn eranzegoen an déi och mussen ausfüllen.

Mir hunn, wéi mer eis als Kommissioun nom 7. Dezember 2004 konstituéiert hunn, eis eng Rei vun Objektiver ginn. Mir wollten eis ausschwätzen:

1. iwwert déi fundamental Prinzipien an de Fonctionnement vun de Gemengen;
2. iwwert d'Missiounen, an d'Kompetenzen tëschent Stad a Gemengen ënnert d'Lupp huelen an Adaptatiounen virschloen;
3. eng kritesch Analys vun der interkommunaler Zesummenaarbecht maachen;
4. iwwer administrativ Strukturen an noutwendeg Moyenen, fir dës Missiounen kënnen ze erfüllen;
5. eng kritesch Analys vun de Gemengefinanzen an och d'Adaptatiounen virschloen, an
6. iwwer eng Reorganisatioun vum Contrôle vun der Tutelle ausschwätzen.

Wann een dat mécht, ass een allerdéngs net an engem loftleere Raum. Et ass ganz oft méi einfach, fir eppes Neies ze schafen, wa virdrun Tabula rasa gemaach ginn ass, wéi op e bestehende System eppes Neies wëllen opzebauen. Et beweegt ee sech hei, an dat muss een einfach wëssen, op engem héich delikaten an héich politeschen Terrain.

Gemengepolitik, Gemenglandschaft huet mat Politik an och ganz séier mat Parteipolitik ze dinn. D'Fröstellung, ganz oft, geet schonn duer, fir am Fong als Attack bewäert ze ginn. D'Fro no enger Neiuordnung gëtt vu villen, vun enger Rei op d'mannst, schonn ugesinn als eng Afrostellung vun der Aarbecht, déi d'Leit gemaach hunn, an als Meinung und artikuliert op déi Aarbecht, déi dann um Terrain net richtig oder net gutt géif gemaach ginn.

Et gëtt, an domat muss een einfach eng Kéier ophéieren, net eng Gemeng zu Lëtzebuerg. Et gëtt der wuel 116, mä et gëtt net eng Form. Et gëtt ganz vill Formen vu Gemengen. Tëschent der Stad Lëtzebuerg an der Gemeng Mompech zum Beispill liee Welten. Si heeschen zwar allen zwou Gemengen, mä hunn en fin de compte an hirer Funktionsart a -weis, déi se mussen ausüben, ganz weénege mateneen ze dinn.

Et ass mer opgefall an der Diskussioun och haut nach, dass ganz weénege Wëssen am Fong besteet och tëschent de Gemengepolitiker iwwert d'Aart a Weis, wéi hir Noeren oder hir Kolleegen hir Gemeng ze féieren hunn. An der Diskussioun scho säit Jore fällt mer op, dass ganz oft räsonnéiert gëtt: „Jo, bei eis maache mer et esou“, dass awer ganz weénege doriwwer diskutéiert gëtt, en fonction ebe vun deenen eenzelnen Niveaun an och vun der geographescher Lag, wéi sech déiselwecht Situatioun, déi ee fir sech selwer mengt ze regléieren, bei der Nopeschgemeng dann och stellt.

Et gëtt dann och keng kloer Parteilinnen. D'lescht Woch hu mer dat jo nach missen iwwer eis ergoe loossen. Queesch duerch d'Partei gëtt et Meinungsverschiddenheeten, déi ganz vill och op déi Prinzipien vu virdrun opbauen, dass een eng Reorganisatioun vun de Gemengen aus sengem Bléckwénkel, aus senger Gemeng, aus deem, wat ee gutt kennt, analyséiert a relativ weénege Versteedsdemech huet dofir, wa sech doranner eppes muss änneren.

An et ass last but not least en onwahrscheinlech komplexe Sujet, dee ganz vill Dimensionen huet. Mir hunn eis och an der Kommissioun vun deem engen oder deem anere misse soe loossen, dass mer eis vläicht géifen iwwerhuelen, dass mer eis ze vill géifen oplueden an der Diskussioun.

Et ass nun awer emol esou, dass, wann een iwwer eng Reorganisatioun vun der Gemenglandschaft, hirer Zesummenaarbecht ënner sech an hirer Zesummenaarbecht mam Stat diskutéiert, ee fréier oder spéider, ob een et wëllt oder net, op all déi Dimensionen kënnt, op déi ech elo a mengem Rapport wäert agoen.

Wann ee vun Ufank un déi eng oder déi aner Dimension ausgeschloss hätt, da wär ee spëtstens am Laf vun der Diskussioun nees drop higewise ginn an drop interpelléiert ginn, dass een déi Dimension och nach an d'Diskussioun hätt missen aféieren.

E Wuert zur Démarche. Mir hunn an deenen draianenhalleft Joer an der Kommissioun probéiert, am Konsens ze schaffen. Mir hu probéiert, Accorden ze fannen, déi esou large wéi méiglech sinn. Mir hu probéiert, an ech mengen, et ass eis gelongen, de Sycol an d'FGFC mat anzebannen an d'Diskussioun. Mir haten eng ganz gutt Relatioun mam Innenminister a senger Leit.

Mir hunn eis awer missen zum Schluss d'Fro stellen, ob mer léiwer eng Approche vun enger totaler Reform géifen nidderschreiwen oder ob mer léiwer op de graduelle Prozess géifen histeieren.

Dat eent hätt den Avantage, dass et méi komplett gewiescht wier, dass et méi an den Detail gaange wier, mä hätt awer deen Désavantage gehat, dass mer keng Unanimitéit oder quasi Unanimitéit méi an der Kommissioun gehat hätten. Dat anert huet den Avantage, dass een elo e Bausteen huet, op deen een an deenen nächsten aacht, néng Joer kann opbauen a schaffen, wëssend awer, dass een Dealer vum Puzzle huet missen ausklameren, well déi Dealer vum Puzzle haut nach kenger Léisung kënnen zougefuert ginn, ee se awer nëmmen ausklamert an d'Wëssen och muss hunn, dass ee se nëmmen ausklamert, well se nécessairement virun där Échance vun 2017, op déi ech herno wäert zrëckkommen, mussen net nëmme gestallt ginn, mä och enger Léisung zougefuert ginn.

Toujours est-il, dass mer net wollten an eng Majoritéit-Oppositionslogik erakommen, well et huet een net vill vun engem flotte Pabeier, deen een herno net ëmgesat kritt. An dans la mesure wou ech virdu gesot hunn, dass d'Meenungsausserunge queesch duerch d'Parteien och net ëmmer déiselwecht sinn, dass an alle Parteien, déi heibanne sinn, et där enger gëtt an där anerer, wär et och relativ schwierig gewiescht, an esou eng Logik eranzekommen.

Mir hunn net probéiert, an och dat wëll ech soen, eng Eenheetsgemeng fir d'Zukunft ze definéieren. Mir hu just probéiert, fir eng Ba-

sisgemeng am 21. Jorhonnert ze definéieren: wat se soll sinn, wat se soll kënnen, wat se soll maachen. Mir hu probéiert, d'Relatioun tëschent dem Stat an de Gemengen an tëschent de Gemengen ze klären.

Virun allem ass et eis dorëm gaangen, Gemengen ze schafen, deenen hir Autonomie an domadder och hir Responsabilitéit solle gestärkt ginn. Mir wëllen ewechkommen aus der Traditioun vun der Bittstellergemeng par rapport zum Stat an hikommen zu enger Gemeng, déi pleinement autonom an also och responsabel ass fir dat, wat se am Kader vun de gesetzleche Méiglechkeeten op hirem Territoire wëllt maachen.

E puer Wieder vu Merci. Merci de Membren an der Kommissioun. Mir haten net manner wéi 45 Sitzungen. Dir wësst, dass dat der vill sinn. Déi Sitzung waren net ëmmer einfach. Si waren zum Deel souguer ganz komplex a komplizéiert. Mir hu vill a kontrovers diskutéiert. Mä ech muss awer soen, dass ech houfreg sinn, dass mer et fäerdeg bruecht hunn, eis herno op eppes ze eene-gen, wat Kapp a Fouss huet.

Ech wollt Merci soen dem Minister a senge Mataarbechter fir déi wäertvoll Mataarbecht.

E besonnesche Merci wëll ech dem Här Claude Friesen soen. Dat ass e Mann, mat deem ech scho säit Joren zu enger Rei vu Sujeten ëmmer erëm zesummekommen. Dat huet bei der Réorganisation administrative 1995 ugefaangen a wann een et en fin de compte kuckt, dann ass jo villes, wat mer haut diskutéieren, zimlech ähnlech mat dem Dossier vun deemools. Dem Claude Friesen also, eisem Secrétaire général, e ganz grouse Merci, a senge Mataarbechter och.

Merci dem Fränk Engel bei eis an der Fraktioun, deen eis - dem Claude Friesen a mir - an der redaktioneller Aarbecht, wat de Rapport ubelaangt, méi wéi eng Hand ugepaakt huet.

A last but not least Merci och dem Syvicol an der FGFC. Ech mengen, dass déi zwee, déi bei eis an der Kommissioun waren, net nëmmen eng Kéier eis ganz wäertvoll Bäiträg mëndlecher wéi och schrëftlecher Natur eragereecht hunn, fir der Kommissioun och ze hëllef, an hiren Domäne virunzekommen.

D'Resultater dann elo. Et ass leider net méiglech, an engem mëndleche Rapport alles dat ermëzeginn, wat am schrëftleche Rapport steet. Et wär méiglech, mä ech mengen, ech géif domadder Är Opfaassungsméiglechkeete largement iwwerschreiden.

Ech géif also verweisen an enger Rei Punkten op de schrëftleche Rapport, wéi d'ailleurs och dëse Rapport op enger Rei vu Plazen nees e Lien mécht mam Rapport vun 2003, well mer ausdrëcklech och eis Aarbechten an der Kontinuitéit gesinn hu vun deem, wat an dëser Chamber iwwer zwou Legislaturperioden an dësem Domän geschafft ginn ass.

Mir sinn eis a villem eens ginn - ech hunn et gesot -, awer net an allem. Et dierf ee sech och näischt virmaachen. Dat ass eng Diskussioun, déi ech mam Kolleeg Bodry rezent emol eng Kéier hat. Et stécht nach den Däiwel a munchem Detail. Mir wäerten nach gesinn an deenen nächste Méint a Joren, an der Weiderféierung vun der Diskussioun, dass mer och do nach déi eng oder déi aner ganz interessant a souguer hëtzeg Diskussioun wäerte kréien.

Ech hunn de Rapport agedeelt a sechs Kapiteln. Ech wëlt e Rappel maache vun de fundamentale Prinzipië vun eisem Statsopbau; duerno op d'Opdeelung vun de Kompetenze Stat/Gemengen agoen; zum Drëtten déi interkommunal Zesummenaarbecht belichten; zum Véierten d'Gemeng vum 21. Jorhonnert an hiren Dimensioune Gemeng, Personal, Finanzen a Politiker belichten; d'Reorganisatioun vun der Tutelle war e fënnefte Punkt, a schlussendlech d'Codificatioun vun den Texter, déi mam Gemengesektor ze dinn hunn - e sechste Punkt, iwwert dee mer eis an der Kommissioun ënnerhalen hunn.

Wat déi fundamental Prinzipië vum Statsopbau ubelaangt, kann ech schnell doriwwer ewechgoen, well si net geännert hu par rapport zu deem, wat op eng ausféierlech Aart a Weis am Rapport vun 2003 niddergeschräwe ginn ass.

Mir schwätzen eis aus fir den Eenheitsstat par opposition zum Federalstat, dee mer zu Lëtzebuerg net wëllen. Mir si fir de Prinzip vun der Legalitéit. De Prinzip vun der Legalitéit, deen zum Deel dann awer och d'Tutelle consacréiert. Mir si fir de Prinzip vun der Territorialitéit an der Spezialitéit, dee mat sech bréngt, dass d'Gemengen eng administrativ Limite hunn, déi hiren Territoire ass, an och am Prinzip nëmmen Akte solle setzen, déi domadder a Verbindung stinn.

Mir schwätzen eis fir de Prinzip vun der Subsidiaritéit aus, dass een also soll kucken, d'Décisiounen do unzesiedelen, wou se am nooste beim Bierger sinn. A virun allem hu mer vill Wäert geluecht op de Prinzip vun der kommunaler Autonomie.

D'Gemenge sinn autonom, mä si sinn net souverän. D'Verfassung definéiert de Prinzip an d'Limité vun där Autonomie. D'Gemeng an hir territorial Limité ginn duerch d'Gesetz geschaf an och duerch d'Gesetz geännert. D'Gemenge kënnen sech net selwer schafen oder ofschafen.

Wat geännert huet, dat ass, dass säit der Mëtt vun den 90er Joren eng Consultation préalable noutwendeg ginn ass duerch d'Aféiere vun der Charte européenne de l'autonomie communale, déi an hirem Artikel 5 eng konsultativ Befroung vun de Leit am Virfeld vun enger Ännerung virgesäit. An de Limité vun der Verfassung an de Gesetzzer sollen d'Gemengen autonom, also responsabel den Intérêt général géréieren.

Den Intérêt général, dat ass eng Notioun, déi sech permanent weiderentwéckelt, well den Intérêt général am Joer 2008 ass nécessairement a manifestement net den Intérêt général, dee mer ëm 1808 kannt hunn, wéi d'Gemenge geschaf gi sinn. 1808 gouf et quasi keng Relatiounen tëschent dem Bierger an dem Stat.

D'Notioun „Stat“ ass et knapps ginn an de Käpp vun de Leit. Déi eenzeg Leit, déi se kannt hunn, dat war hir Gemengenobregkeet. Et huet sech bal alles a ganz klenge raimleche Grenzen ofgespillt, an deemno war och d'Aufgabegebett, deem eng Gemeng sech ze stellen hat, bis zum Deel an d'20. Jorhonnert eran, Mëtt vum 20. Jorhonnert, limitéiert op de Maintien de l'ordre, op d'Salubritéit, op d'Sécherheet vun de Leit, a virun allem och op de Populationsregister, deen ze hale war, fir ze wëssen, wéi vill Leit dann op dem Territoire géife liewen.

2008 si mer an der Situatioun - ech komme gläich drop zrëck -, dass mer iwwer Logement schwätzen, sozialen Encadrement, Ëmweltpolitik, Energie, alternativ Energien, Industriezonen, Sport, Kultur, öffentliche Transport, techesch Servicer an esou weider an esou weider. Also eng Gemeng, déi an hiren Aufgabenfülle eng ganz aner Dimensioun erreecht huet, wéi se dat hat, wéi se agefouert ginn ass.

Mir waren eis an der Kommissioun eens driwwer, dass mer zu Lëtzebuerg keen neien institutionell politeschen Niveau, ausser d'Koordinatioun vu Gemengekompetenzen oder den Encadrement vun delegéierte Statskompetenzen, wëllt schafen.

Dorauser huet sech eng Diskussioun - dat ass mäin zweete Punkt - iwwert d'Opdeelung vun de Kompetenzen tëschent Stat a Gemengen erginn. Ech wëllt véier allgemeng Remarqué maachen.

Déi éischt, dass dat doten e Groussdeel vun eiser Aarbecht war. Deen zweete Punkt: Contrairement zu deem, wat herno an der Press diskutéiert gëtt a wou et méi ëm d'Politiker geet an ëm hir Aufgabestellung, war en fin de compte d'Kompetenzdiskussioun déi, déi am meeschten Zäit, och inhaltlech, gebraucht huet.

E Constat général ass deen, dass sech am Laf vun der Zäit d'Kompetenze mussen tëschent Stat a Gemengen dach op eng zimlech zefridde stellend Aart a Weis entwéckelt hunn, well et koume bei de Konklusiounen vun der Kommissioun keng dramatesch Ännerungen eraus, quitte dass mer op deem engen oder deem anere Punkt dach awer wesentlech Reorientatioune wëlen hunn.

En drëtten Punkt, dee mech perséinlech ganz zefridde stellt, dat ass deen, dass d'Landesplanung, a virun allem och de Konzept vum IVL, wéi eng „trame verte“ duerch dee ganze Rapport geet, a virun allem an der Kompetenzopdeelung gefrot gëtt, dass deenen neie Vecteuren do vun der Politik méi Rechnung soll gedroe ginn, wéi dat an der Vergaangenheet de Fall war. Esou wéi mer och eng grouss Iwwereneestëmmung op dësem Punkt mat dem Bericht haten, deen de Syvicol eis eraginn huet a wou si sech aus der Vue vun de Gemengepolitiker iwwert d'Kompetenzopdeelung ausgeschwat hunn.

Mir hu 14 Domänen diskutéiert. Éischtens d'Aktivitéitszonen. Dat ass e Punkt wou mer gären hätten, dass sech wesentlech eppes ännert par rapport zu haut. Mir mengen, dass een déi wirtschaftlech an déi landesplaneresch Komponente muss beienee-bréngen an dass een eng Neigestaltung vun der Definitioun vun nationalen, regionalen a lokalen Industriezone soll maachen, ënner Erabréngung vum IVL-Konzept. Ausserdeem sollt iwwerall do, wou et méiglech ass, d'Mixitéit vun de Fonctionalitéiten zou-gelooss ginn.

Mir hätte gären eng Ëmverdeelung vun de Chargen an och vun de Recetten op regionaler Basis, als Corollaire zur IVL-Method. Wa mer deen Hiewel net packen, dass mer déi Gemengen, déi an Zukunft vläicht keng Aktivitéitszone kréien, um Benefiss vum Produit vun de regionalen Zone bedeelegen, da komme mer net dohinner. E rezent Beispill, d'Beispill vu Wickreng, weist eis jo ganz kloer, op wat fir engen hëlzerne Bee mer an deem Domän do nach stinn, wann et drëm geet mat de Gemengen op eng propper a flott Aart a Weis d'Unuerdnung vun Aktivitéitszonen esou ze decidéieren.

Mir verstinn all Buergermeeschter, deen an der jëtzege Situatioun der Meenung ass, dass hien och gären eng Aktivitéitszon hätt, well dat eng direkt Répercussioun op säi Gemengebudget huet. Mä et muss een awer gesinn, dass dat ganz oft a Konflikt ass mat aneren Intérëten, déi am IVL-Konzept an an der IVL-Studië duergeluecht gi sinn.

Am Domän vum Transport plädéiert d'Kommissioun fir eng Ëmsetzung vum Gesetz vun 2004 iwwert d'„Communauté des Transports“, well mer der Meenung sinn, dass duerch dat Gesetz do eng méi staark Abannung vum kommunale Secteur an d'Décisiounen an deem Beräich méiglech ass. A mir plädéieren - héiert gutt, Gemengepolitiker! - hei fir méi Kompetenz fir de Stat. Dat ass ee vun de rare Punkte wou mer dat maachen, well mer einfach festgestallt hunn, dass och bei de Buscouloiren, déi awer en nationalen Intérêt hunn, heiansdo déi lokal Intérêt ganz opposéiert sinn zu deenen nationalen. Mir hätte gären, dass eng Gesetzesännerung an där Hisiicht kënnt, dass do déi national Politik méi Houheitsgewalt kritt iwwert d'Uleeë vu Buscouloiren, dat heescht, Prioritéit dem öffentlichen Transport versus déi strikt Autonomie communale, déi haut am Fong d'Uleeë vun esou Buscouloiren nach ka verhënnern.

E weidert Kapitel, iwwert dat mer vill diskutéiert hunn a wat och eng Ännerung wäert mat sech bréngen, ass dat vun den erneierbaren Energien. Et muss een dat am Zesummenhang mat Klimawandel a Kyoto gesinn. Mir sinn der Meenung, dass d'Ofsécherung, den Approvisionnement, eng staatlech Missioun ass. Mä mir hätte gären, dass d'Regierung e Gesetz géif op den Instanzewee bréngen, dat d'Gemengen abënnt an e kloere Kader fir d'Gemengenimplikatioun schafft, an dat besonnesch am Beräich vun den erneierbaren Energien.

Mir wëllen do och de Kader gesat kréie fir d'Kooperatioun tëschent Stat a privaten Ubidder. Dat bedéngt e ganz grouse Changement, well ech weess selwer aus mengem fréiere Liewen, wéi vill a wéi hefteg den Innenminister haut opgrond vun der jëtzege Législatioun mat de Gemenge muss streiden, well einfach d'Basis net kloer ass, ënnert där d'Aktivitéite vun de Gemengen an deem Domän do sech an eng national koordinéiert Politik kënnen abannen.

Mir hunn iwwer Offall, besonnesch iwwert den Hausmüll diskutéiert. Beim Rescht vum Offall ware mer der Meenung, dass d'Kompetenze gutt géife leien. Mir gesinn d'Noutwendegkeet, de Secteur op d'Zukunft virzubereeden. Dir wësst, dass déi zwou Mülldeponien, déi mer hunn, iergendwann eng Kéier auslase wäerten a mer da mussen eng national Strategie definéieren, wéi mer an der Hausmüllproblematik virukommen. Mir sinn eis awer net eens ginn an der Kommissioun iwwert d'Aart a Weis wéi mer dat en vigueur wëlle setzen.

En Deel vun eis huet fir méi Regionalkompetenze plädéiert, eventuell fir een nationale Syndikat, deen eng national Politik géif matdefinéieren, déi da regional géif ëmgesat ginn, also d'Zukunft vum Sidor an deenen zwee anere Syndikater domadder gestalt wär. Aner Kolleeg waren der Meenung, dass d'Strukturen an der Rei sinn, an dass et géif duergoen, de „Conseil de coordination pour la gestion des déchets ménagers“ nees ze reaktivéieren, fir zum selwechte Resultat ze kommen.

Wat d'Bëscher ubelaangt, wat d'ailleurs am 19. Jorhonnert eng vun den Haaptentnahmequelle vun de Gemenge war, ass d'Kommissioun zur Konklusioun komm, dass d'Gemengen de facto do näischt méi ze soen hunn, dass de Stat sech déi Kompetenz quasi ënnert den Nol gerappt huet, a plädéiert dann och konsequenterweis dofir, dass d'Bezuele vun Décisiounen, déi ee selwer jo net méi hält, sech dann och géif limitéieren op dat, wat de Gemengenintérêt betrëfft.

Mir haten eng flott Diskussioun iwwert d'Waasserpolitik, déi och zum Deel, wann net bal ganz komplett hiren Nidderschlag an der Ëmsetzung vun der Waasserwirtschaftsrahmendirektiv fonnt huet, déi jo an

eisem Haus an enger anerer Kommissioun diskutéiert gëtt. Mir plädéiere beim Héichwaasser fir eng national Strategie, andeem mer déi Gemengen, déi concernéiert sinn, do net wëllen eleng loossen.

Mir mengen, dass um Niveau vun der Waasserqualitéit, Liwwerung vum Waasser, Ofwaasser, am Fong d'Kompetenze sollen, wa méiglech, regional gebündelt ginn. Besonnesch beim Ofwaasser hätte mer gären, dass d'Gemengen alleguerten an déi regional Syndikater antriede sollen, déi am Fong scho säit 1992 en gestation sinn an nach net iwwerall ëmgesat sinn.

Mir schwätzen eis fir eng zentraliséiert Gestoun vum Waasserzyklus aus, andeem - vun deem Moment un, wou mer d'Waasser aus der Natur huelen, bis zu deem Moment, wou mer et ermëginn - eng koordinéiert Politik gemaach gëtt, déi dann a Fonctioun vun de Besoinen national, regional oder lokal ëmgesat soll ginn. A terme plädéiert d'Kommissioun och dofir, fir e Waasserpräis ze kréien, deen iwwerall sensibel deeseweichte sollt sinn.

Siwente Punkt: de Précolaire an de Primaire. Eng Majoritéit huet sech fir d'Prinzipien ausgeschwat, déi entre-temps och an de Projet de loi vun der Regierung agefloss sinn. Ech muss soen, dass dat hei e Punkt ass, dee mer mat der Madame Delvaux viru bal zwee Joer diskutéiert hunn, a si am Fong opgrond vun den Diskussiounen, déi mer an der Kommissioun haten, e Projet de loi proposéiert huet, deen um Instanzewee ass.

Mir sinn eis op zwee, dräi Punkten net eens ginn. Notamment ass d'DP net d'accord gewiescht mam Prinzip vun der Nominatioun, der Affektatioun an der Révocation vum Stat. Do huet d'DP eng aner Positioun an huet dat och am Rapport festgehalten.

Wat de Schouldirekter ubelaangt, plädéiert d'LSAP éischer fir e President, an déi aner Fraktiounen éischer fir en Direkter, wat d'Primärschoulen ubelaangt. Pour le reste kann ee soen, mat Ausnahm vum schouleschen Encadrement - wou mer och der Meenung sinn, dass d'Offer obligatoresch an d'Unhuele fakultativ soll bleiwen - solle méi Modeller vu Schoul existéieren, dass een also Ganzdagsschoulmodeller a Ganzdagsbetrieuingsmodeller soll an de Gemengen aféieren. Et kann ee sech quasi referéieren op dat, wat vun der Regierung duerno déposéiert ginn ass.

Beim Museksunterrecht hätte mer gären, dass de Basisunterrecht als obligatoresch Missioun vun de Gemengen ugebuede muss ginn, si dat awer net eenzel musse maachen, mä sech kënnen zesummenden a fakultativ fir d'Leit. Duerfir fuerdere mer d'Regierung op, a véier Punkten e Konzept auszeschaffen, fir: 1. de Basisunterrecht ze definéieren; 2. den obligatoreschen Deel dovun ze definéieren; 3. eng kohärent Ëmsetzung am ganze Land ze garantéieren, an d'Gemengen, déi näischt ubidden, méi an d'Flicht ze huele wéi dat haut de Fall ass; alerdéngs fuerdere mer de Stat och op, en Déplafonnement vu senger Kontributioun virzehuelen. Alles dat ass rezent an enger Interpellatioun, déi mer hei diskutéiert hunn, a vun deenen eenzelne Fraktiounen och nach eng Kéier belicht ginn.

Kultur a Sport gesi mer als obligatoresch Missioun vun de Gemengen un. Mir mengen awer, dass méi regional Koordinatioun misst geschéien. Mir schwätzen eis also fir d'Ausschaffung vun engem Plan sectoriel nom „Prinzip der zentralen Orte“ aus. Also in line mat de Programmes directeurs.

D'Gesondheet gesi mer als eng staatlech Missioun. D'Gemengen, déi sech an deem Beräich wëllen aktivéieren, sollen dat maachen. Mä déi mussen dat awer ënner hirem eegener Responsabilitéit maachen an och a strukturéierte Gremien; zum Beispill, dem Établissement public. Mir haten och op enger Plaz drageschriwwen - entre-temps ass dat jo geschitt -, dass Gemengen, déi net méi wëilten an deem Domän do dra sinn, d'Méiglechkeet musse kréien, fir sech doraus ze desengagéieren.

Strukture fir Jugend, Kanner, eeler Leit, sozialen Encadrement vun de Leit war e weideren zentrale Punkt, iwwert dee mer vill diskutéiert hunn, a wou och Deeler dovun entre-temps am Projet de loi 5830 iwwert d'Aide sociale ermëzefanne sinn, deen och

am Haus amgaangen ass, diskutéiert ze ginn.

Mir mengen, dass d'Gemengen opgrond vun hirer Proximitéit eng grouss Implikatioun an deenen Domänen do hunn, dass awer eng ganz Rei Gemenge vun deene jëtzege Gemengen d'Taille einfach net hunn, fir sech kënnen doran ze implizéieren. Dat huet och mat sech bruecht, dass mer an e ganz disparate System erakomm sinn, wou zum Deel de Stat, zum Deel d'Gemengen an zum Deel privat Ubidder sech am Fong am Laf vun de Jorzéngten an deen doten Domän erageschafft hunn.

Ech stellen allerdéngs fest, dass d'Konsequenz haut déi ass, dass dat net ëmmer ganz homogen ass. Notamment hu mer festgestallt, dass bei den Altersheimer et wéinstens dräi verschidde Modeller gëtt, wéi déi gëriert an och finanziert ginn. Mir mengen, dass een e Plan sectoriel „Jugend an Alter“ och nees nom Prinzip vun der Landesplanung soll ausschaffen.

Mir sinn der Meenung, dass am soziale Wunnensbau d'Haaptresponsabilitéit beim Stat läit, mä dass d'Gemenge sech sollen implizéieren, notamment duerch Zurverfügungstelle vu Bauplazen an och Förderung vu Lotissementer. Gemengen, déi méi eng grouss Importenz hunn, kënnen selbstverständlech doriwwer erausgoen. Wéi mer och der Meenung sinn, dass ee méi eng staark Abannung vun de Gemengen a Beräicher wéi Ophuele vu Leit, déi keen Daach iwwer dem Kapp hunn, Opfer vu Katastrophen oder Asylante muss à terme erreechen.

Op d'Landesplanungsgesetz vun 1999 kommen ech herno zrëck. Mir hu festgestallt, dass dat Gesetz am Fong net esou ëmgesat gëtt wéi et 1999 geduecht war. Mir hunn eis eng Rei Gedanken doriwwer gemaach, wéi een do besser kéint virukommen.

Mir hunn da schlussendlech nach iwwer zwee Domänen diskutéiert.

D'Chancëgläichheet, wou mer der Meenung sinn, dass d'Gemengen hir Responsabilitéit sollen huelen, andeem mer d'Promotioun vu kommunale Kommissiounen zur Chancëgläichheet solle fördern, an och d'Propos maachen, dass a Gemengen iwwer 10.000 Awunner e Service communal geschaf soll ginn.

Dann hu mer eis nach mat engem net klas-sesche Gemengesector beschäftegt, well deen net esou an d'Kritären erapasst, wéi mer se am Fong definéieren. Dat ass dee vun der Entwécklungshëllef, déi jo nécessairement net um Territoire vun der Gemeng stattfënnt, déi sech doranner implizéiert. Mir mengen och als Kommissioun, dass dat eng national Politik ass. Allerdéngs sollen déi lokal Politike sech an déi national Politik kënnen aklénken an domadder och nom Prinzip vun der Proximitéit e wesentleche Bäitrag zur Sensibiliséierung vun de Leit bäidroen.

Drëtt Kapitel, wat fir mech vläicht dat schwéierst Kapitel war, wat mer diskutéiert hunn a wou mer och vläicht nach net 100%eg do sinn, wouhi mer misste kommen. Mä dat huet awer eppes domadder ze dinn, dass et ganz, wierklech ganz komplizéiert ass: Dat ass den Domän vun der interkommunaler Zesummenaarbecht.

Mir gesinn, dass eist traditionellt Syndikatswiesen net déi Léisunge gëtt op ville Plazen an a ville Beräicher, déi mer gären hätten. Ech stellen awer och fest, dass mer Schwierigkeeten hunn, d'Gesetz vun 1999 ëmzesetzen.

Dat regionaalt Bewosstsinn ass am Land ganz ënnerschiedlech verdeelt. Et sinn Deeler vun eisem Land, déi schaffe scho säit Joren op regionalem Niveau exzellent zesummen, mä dat ass awer keng generaliséiert Wahrnehmung, déi ee ka feststellen.

Mir hu festgestallt, dass d'Gesetz vun 1999 schwéier ëmzesetzen ass, well et eng schwierig Organisatioun bedéngt an och vill Implikatioun vun de Gemengepolitiker viraussetzt, déi net ëmmer do ass, schonn eleng aus zäitleche Grënn. A mir hunn och Schwierigkeete festgestallt - wéi d'Regierung - am Timing tëschent regionale Pläng, sektorielle Pläng, déi awer ëmmer e Lien och hu mat der Aart a Weis wéi d'Gemengen dann an enger regionaler Kooperatioun sollen zesummeschaffen.

Mir hunn e puer Konklusiounen, e puer Propositione gemaach:

Éischtens, bei der Neigestaltung vun de Gemengegrenzen nach eng Kéier iwwert d'Planungsregiounen ze diskutéieren.

Zweetens, an de ländleche Regiounen ze probéieren op de Syndicat régional à vocation multiple verstärkt ze setzen a véier vun eise sechs Planungsregiounen, andeem mer awer net ee Modell wëlle virschreiwen, mä andeem mer déi eenzel Regiounen wëllen encouragéieren, fir hire Modell ze fannen. Well een, och wann een an engem kleng Land ass, einfach muss feststellen, dass tëschent dem Weste vum Land, dem Oste vum Land, dem Norde vum Land et ganz aner Beweggrënn gëtt, et ganz aner Erausforderungen zum Deel gëtt, wat déi interkommunal Zesummenaarbecht ubelaangt.

Mir schwätzen eis zum Drëtte fir en Dépôt vun engem Projet de loi, deen de Minister eis annoncéiert huet, iwwert d'Communauté urbaine aus. Eng Loi-cadre, déi soll gestart ginn, an där déi méi städtesch Regiounen e Kader solle kréie vun hirer Zesummenaarbecht. Dat ass eng Diskussioun, déi geet och schonn op Mëtt bis Enn den 90er Joren, notamment och mam Buergermeeschter vun der Stad Lëtzebuerg, zrëck an der Noutwendegkeet, fir d'Abannung vun der Randgemenge méi systematesch a strukturiert an eng Rei vu Politikfelder ze kréien. Wéi mer och am Süde vum Land der Meenung sinn, dass een op esou e Modell do ka goen, well einfach d'Dicht an d'Gréisst do ass.

Mir wëllen, dass operationell Structure geschaf gi jee no Plang a pro Regioun. Wéi gesot awer flexibel, dass, wann Transfert vu Kompetenzen op de regionalen Niveau geet, dann och den Transfert vu Suen dohinne geet, well mer festgestallt hunn: Do, wou keng Moyenë sinn, do ass och keng Begeeschterung. Do, wou keng Sue sinn, ass keng Freed. Also muss ee sécherstellen, dass do, wou ee gären hätt, dass d'Gemengen zesummeschaffen a wou si selwer och zur Konklusioun kommen, dass se wëllen zesummeschaffen, dann och do d'Musek gemaach gëtt, wou déi Zesummenaarbecht soll geschéien.

Mir schwätzen eis aus fir den „Prinzip der zentralen Orte“. Nach eng Kéier, also e wesentlechen Entwécklungsfacteur am Kader vun deene Syndicats régionaux à vocation multiple wéi och der Communauté urbaine; awer och dann als Corollaire eng konsequente Zréckféierung vun den interkommunale Syndikater, well eng Superpositioun - dat ass haaptsächlech eng Positioun och vun der LSAP gewiescht - ouni Ofschafen op där anerer Säit en fin de compte keng Plus-value géif schafen, mä éischter eis an eng Moins-value géif bréngen.

De véierten Deel vu mengem Rapport iwwert d'Aarbechte vun eiser Kommissioun geet dann iwwert d'Gemeng vun der Zukunft. Elo komme mer an deen Deel, deen dobausse méi diskutéiert gëtt. Bis elo ware mer an engem Deel, deen diskutéiert ee ganz vill mat Gemengepolitiker, nationale Politiker, vill am kleng Krees. Dat ass zimlech abstrakt a schwierig. Elo komme mer op déi Saachen, déi méi grëffeg sinn.

Wéi soll dann déi Gemeng vun der Zukunft ausgesinn?

Déi Basisgemeng vun der Zukunft opgrond vun deene Kritären, déi mer elo virdrun definiert hunn. Well d'Basisgemeng vun der Zukunft ass jo net eng Fin en soi, mä et ass eng Konsequenz vun enger Démarche, déi ee sech gëtt. Mir hunn am Ausland gekuckt. Mir hunn zu Lëtzebuerg gekuckt. Mir hu gekuckt, wéi den Opbau wier an hunn en fin de compte zwee Seuilë festgestallt.

Et gëtt eng Zuel autour vun 3.000 Awunner, wou ee gesäit, dass an der Organisatioun vun de Gemenge sech eppes Wesentlechtes doet. A mir hunn en zweete Seuil, deen duerno ongeféier bei 9.000 bis 10.000 Awunner kënnt, wou een dann nach eng Kéier gesäit, dass d'ganz Organisatioun vun der Gemeng dann op eemol aneschters strukturiert gëtt.

An all menge Rasonnementer loosse ech ëmmer d'Stad Lëtzebuerg ewech, well d'Stad Lëtzebuerg ass e Fall fir sech,...

(Hilarité)

...deene ee mat kengem anere Fall ka vergläichen.

» M. Gast Gibéryen (ADR). - Am positive Sënn!

» Mme Anne Brasseur (DP). - Dat huet jo awer sécherlech näischt mat der Kompositioun vum Schäfferot ze dinn!

» M. Michel Wolter (CSV), rapporteur.- Neen, dat huet virun allem eppes mat der

Gréisst vun der Gemeng ze dinn a mat den Aufgaben, déi d'Stad Lëtzebuerg als Hauptstadt vum Land muss erfüllen.

» Mme Anne Brasseur (DP). - Merci!

» M. Michel Wolter (CSV), rapporteur.- Mir sinn zur Konklusioun komm, nodeem de Stong do gefall ass, dat muss ee ganz einfach soen, nodeem de Syvicol eis säin Avis eraginn huet an d'Vertriedung vun der Gemenge selwer dee Seuil vun 3.000 an d'Gespréich bruecht huet, dass een dee Seuil soll als eng Richtlinn ugesinn, fir d'Reorganisatioun vun der Gemengen an d'Definitioun vun der Basisgemeng vum 21. Jorhonnert virzehuelen.

Mir wëssen, dass dat keng Science exacte ass. Mir kënnen dat net mat enger mathematescher Formel beleechen.

Mir sinn och der Meenung, dass een en zweete Kritär muss derbäifügen, dee sech a mengen Aen zwar haaptsächlech, wann, dann op den Norde vum Land wäert applizéieren, an zwar dass mer net gären hätten, dass Gemenge géifen entstoën - well ee wierklech mordicus op dee Seuil vun 3.000 wëllt kommen -, déi méi grouss si wéi déi gréisste Gemeng, déi mer haut am Land hunn - dat ass d'Gemeng Wëntger, déi, mengen ech, ronn 120 km² huet -, well een da gesäit, dass d'Unzuel vun den Uertschaften engem aus dem Rudder geréit an een am Fong da méi Nodeeler op eemol kritt wéi Virdeeler, déi een u sech gären hätt.

Mir hunn eis op eng Démarche gëeenegt opgrond vun enger Propositioun vum Innenminister, dee mam Syvicol zesummen enger Kartographie amgaangen ass ze schaffen, déi an deenen nächste Méint de Gemenge soll presentéiert ginn a mat de Gemenge soll duerchdiskutiert ginn. An zwar soll an engem Délai vun engem Joer eng éischt Ronn gedréint ginn an dann eventuell nach en zweeten Tour hannedrun, wann een do nach Schwaachstellen a Plaze fënnt, wou dat net klappt. Duerno soll eng Preparatioun op e Referendum an deene concernéierte Gemengen hischafffen, fir dass dat Ganzt fir d'Gemengewahle vun 2017 operationell wier.

Elo soe mir vill Leit - besonnesch an de Medien -, mat deenen ech déi lescht Deeg ze dinn hat, dass 2017 jo enorm, enorm wäit ass. Neen. Ech mengen, dass an deem heiten Domän 2017, mat all deene Viraarbechten, déi nach musse geleeest ginn, quasi iwwermuer ass.

Wann een all déi Diskussiounen gesäit, déi musse stattfannen, wou d'Leit sech emol musse fannen, plus all déi Implikatiounen, déi mer herno nach all musse maachen, wat d'Gemengefinanzen a -strukturen ubelaangt, an eventuell Adaptatiounen och vun aner Limiten, da wäert Der gesinn, dass mer méi séier an deem heiten Domän an der Richtung 2017 sinn, wéi et eis léif wäert sinn.

D'Kommissioun wëllt en Opruff maachen un d'Gemengen an hir Responsabel, fir konstruktiv matzeschaffen un der Gestaltung vun där neier Kaart.

Déi Zäit, wou ech Innenminister war, sinn ech op ganz vill Plaze komm, dann hunn d'Gemengen engem gesot, besonnesch d'Buergermeeschteren: Lauschtert, Här Minister, mir wësse scho relativ séier, mat wem dat Ganzt hei zustane wäert kommen, mä soulaang kee Signal aus der Stad kënnt, kënnt Der net vun eis verlaangen, dass mir dat maachen.

Obscho mer gesinn, dass op ganz ville Plazen an deene leschten zwee, dräi Joer a besonnesch am leschte Joer awer Gespréicher ugefaange gi sinn, sinn nach eng Rei Leit, déi op dat Signal waarden.

Abee, dat Signal, dat geet haut hei fort. Et geet fort an d'Gemengen, fir sech ze implizéieren an déi Diskussioun, déi kënnt. D'Diskussioun, déi mat der Gemengenzesummeleung ze dinn huet, awer net nëmmen.

Dir, wéi ech och, gi regelméisseg duerch d'Land a ginn da konfrontéiert mat Situatiounen, déi sech eben aus der Geschicht erginn an net nécessairement nach de Gegebenheete vun haut entsprechen.

Notamment gi mer am Süde relativ heftig a permanent bei alle Wahlen vum der Bierger vun der Gemeng Koplescht opgefuerdert, si dach endlech an den Zentrum ze entloossen, well si strictement näischt mam Süden ze dinn hätten.

Eng Gemeng, déi haut méi am Perimeter vun der Stad Lëtzebuerg läit, wéi nach am Süden, ass manifestement d'Gemeng Leideleng. D'Gemeng Leideleng ass eng Gemeng, déi haut am Fong an enger Agglolux ze integréieren ass an déi dee ländleche Charakter, dee se ausgezechent huet an dee jo och an Zesummenaarbecht mat der

Gemeng Recken - där se jo zougeuerdnet war am Ufank vum 19. Jorhonnert - mat sech bruecht huet, dass se an der Süde vum Land komm ass, haut net méi honnertprozenteg opweist.

Wéi een och op eng Rei Plaze kënnt, wou Bierger un een eruntrieden a soen: Lauschtert, ech sinn aus der Lokalitéit esou an esou, mir sinn zwar an der Gemeng esou an esou, mä et misst een awer emol eng Kéier eng Diskussioun doriwwer féieren, ob een dat net eng Kéier kéint änneren.

Mir wëssen, dass dat komplizéiert ass, well déi heiten Diskussiounen si jo ganz komplizierter, mä den Opruff soll gëllen un d'Gemengepolitiker, mä net nëmmen u si, och un d'Bierger am Land, sech un där Diskussioun hei ze bedeelegen.

Saache wéi déi hei, vun där Envergure, déi mécht een nëmmen all Jorhonnert eng Kéier. Et ass also elo de Moment, dass déi Lokalpolitiker, dass d'Gemengepolitiker mat hire Leit doriwwer diskutéieren an och mam Innenminister a mam Syvicol zesummen dann zu kohärente Propositionen kënnen kommen.

Ech wëll nach e Wuert soen zu deene sougenannten Zwangsfusiounen. Et gëtt jo ëmmer vill dovunner geschwat, dass am Fong géif probéiert ginn, d'Gemengen zwangsweis ze fusionéieren.

Dat ass net de Fall. Mir hätte gären, dass den Élan vun ënnen eropkënnt, eng Begleitung vun uewe mat engem Élan vun ënnen. Allerdéngs gëtt et och Limiten.

D'Limite ass déi, dass, wann een eng nei Kartographie mécht, een herno keng wäiss Flecken däréif Rescht behalen. Et däréif een net duerch de Refus vun deem engen oder deem anere Buergermeeschter an d'Situatioun kommen, dass een herno net zu engem eenheetleche System kënnt.

Dat nennen ech net Zwangsfusioun. Dat nennen ech einfach d'Noutwendegkeet, sech ze verstännegen dorop, dass ee vun ënnen erop eng Dynamik wëllt schafen, déi awer zu engem Puzzle vun esou vill Stécker féiert an net zu engem Puzzle, wou dat eent oder dat anert Stéck dertëschtent feelt.

Da wäerte mer och gesinn, dass, wann d'Leit sech elo beieneeféieren, dat net ëmmer an der Limite vun de Kantonen, déi mer haut hunn, emol net ëmmer an der Limité vun de Wahlbezierker, wéi mer se haut kennen, wäert eventuell stattfannen. Och do muss ee flexibel sinn an eventuell dorobber reagéieren, en fonction vun den Diskussiounen, wéi se wäerte kommen.

Mir hu ganz vill a ganz intensiv mat der FGFC diskutéiert iwwert d'Zukunft vum Gemengepersonal. Den FGFC huet eis eng Rei vu Pabeieren eraginn, déi, muss ech soen, qualitativ op allerhéchstem Niveau waren, wou ee gesäit, dass si sech ganz vill Gedanken doriwwer gemaach hunn, wéi d'Gemeng vun der Zukunft kéint ausgesinn.

Mir sinn zur Konklusioun komm, dass d'Gemeng vun der Zukunft op dräi Pilierë muss bestoen, an zwar déi administrativ, déi finanziell an déi technesch Fonctioun. Mir hätten also gären eng Generalisatioun vun der technescher Fonctioun, déi noutwendeg ass opgrond vun der Gesetzgeber vun 1999 iwwert d'Landesplanung wéi och 2004 iwwert den Aménagement communal.

Mir mengen, dass d'Personal weider ausgebilt a weider forméiert soll ginn an dass een do nach e Krack kéint zouleeën.

Dir erënnert lech drun, dass mer d'Gemengefonctioun virun ongeféier siwen, aacht Joer iwwerhaupt an den Inap gefouert hunn. Mir mengen, dass elo d'Zäit wier, fir do iwwer eng Verbreederung vun der Offer nozedenken. Mir schwätzen eis fir Organigrammer aus, déi no lokale Besoinë solle gestallt ginn.

D'Kommissioun schwätzt sech och aus fir e bësse méi Flexibilitéit beim Statut. Mir hu festgestallt, dass nei Missiounen op d'Gemengen duerkommen, dass zum Deel Missiounen op Gemenge kommen, déi net méi mam Kär, mat de Kärelementer vun der Fonctioun communale, wéi mir se am Fong definéieren, ze dinn hunn, mä déi sech méi an der Paragen an um Rand dovunner bewegen.

Duerfir froe mer de Minister, dass hien eng Lëscht soll opstellen, tëschent deene Fonctiounen, déi wierklech Fonctions souveraines sinn, déi Fonctiounen, déi am Statut vum Gemengebeamte solle bliwen, an déi Fonctiounen, wou d'Gemengen an Zukunft fir nei Missiounen, déi op se duerkommen, e bësse méi um Aarbechtsmarché an de Méiglechkeete vum Aarbechtsmarché no solle kënnen rekrutéieren.

D'Gemengefinanzen, léif Kolleegen, sinn e Schwaachpunkt an eisem Rapport. Dat muss ee ganz kloer an daitlech soen.

(Interruption)

Mir sinn an deem Beräich net esou wäit komm, wéi een dat gäre gehat hätt - wéi ech et och selwer gäre gehat hätt. Mä mir hunn awer festgestallt, iergendwou, dass mer net méi wäit géife kommen, soulaang mer net wëssen, wéi d'Basisgemeng vun der Zukunft géif ausgesinn.

Et ass an deem heite Beräich wéi a villen och esou - ech hat et virdu gesot: kee Geld, keng Freed -, dass d'Leit sech definitiv wëlen eréischt positionéieren, wa se gesinn, wéi d'Landschaft och ronderëm ausgesäit. Dans la mesure wou mer d'Landschaft net konnten definéieren, war et an der Kommissioun och net méiglech, méi wäit ze goe wéi dat, op wat mer eis konnten eenegen.

Ech sinn net frou doriwwer. Ech bedauern dat. Mä et ass awer och net méi ze änneren. Mir bleiwen, mir bekräftegen, dass d'Gemengerecetten un déi mëttelfristeg Entwécklung vun de Statsrecettë sollen ugeboun ginn, méi staark wéi dat haut de Fall ass.

Mir hätte gären, dass, wann den Transfert vu Kompetenzen tëschent Stat a Gemenge stattfënn, dann och d'Moyenen transferéiert ginn, an zwar am Virfeld. Do muss mer nach e bëssen un eis alleguerte schaffen. Mir mengen, dass d'Gemengesubsidie progressiv, besonnesch wat d'Equipements-subsiden ubelaangt, a regional Equipementsfonge solle goen, fir eben eng besser regional Implikatioun ze kréien, ouni dass awer e lokale Subsid fir Gemenge vun enger gewëssener Taille doduerch ausgeschloss wier. Dat ass net de Punkt vun eise Gedanken.

Mir fuerderen den Innenminister - ech weess, dass hien net eleng dofir do ass -, mir fuerderen d'Regierung op, fir elo, en vue vun deem wat kënnt an deenen nächste Joren, schon Alternativen auszeschaffen, fir - le moment venu - déi op den Dësch kënnen ze leeë mat chiffres à l'appui, fir dass se kënnen diskutéiert ginn.

Ee vun de Schwaachpunkten, déi mer an deem Secteur hunn, dat ass, dass villes net esou dokumentéiert ass wéi d'Leit et gären hätten, a soulaang een dat net dokumentéiert kriit mat kloere Beispiller och fir d'Zukunft, wäerte mer - an dat sinn d'Erfahrungswäerter, déi eis dat weisen - keng propper Diskussioun kënnen kréien.

Mir hunn dann iwwer eis selwer oder iwwer e gudden Deel vun eis geschwat, nämlech iwwert d'Gemengepolitik, hire Rôle an der Gemeng vun der Zukunft. Dat ass e Punkt, op deem mer eis net eens gi sinn. Et sinn an der Kommissioun zwou Meinungen openeegestouss, déi mateneen, à ce stade, net ze conciliéiere waren.

Et ass e Fait, an dat muss een einfach gesinn, dass déi national Politik, wéi mer se haut kennen, an engem Changement ass. Mir wäerte gesinn, besonnesch wann den Traité vu Lissabon wäert a Kraaft trieden, dass och d'Lëtzebuerger Deputéierten an deenen nächste Jore sech méi verstärkt wäerten den europapoliteschen Aufgabe widme mussen.

Op där anerer Säit gesi mer, dass dee Leurre ze mengen, dass e Buergermeeschter haut nëmme mat senger Gemeng eppes ze dinn hätt, och net méi oprechtzeerhalen ass. Gemengepolitik besteet haut och - a besonnesch an deene méi kleng Gemengen - zu engem ganz groussen Deel aus regionaler Politik, aus Zesummenaarbechtspolitik, déi a Syndikater stattfënn.

Duerfir ass en Deel vun der Kommissioun an hire Memberen der Meinung gewiescht, compte tenu vun deenen doten Entwécklung wéi mer se kennen, dass een op d'Separatioun vun de lokalen an den nationale Mandater soll histeieren. En Deel huet dat awer net akzeptéiert, esou dass mer zum weise Kompromëss komm sinn, dass mer déi Fro do géifen ausklameren. Allerdéngs wësse mer, dass se erëmkënnt.

Si muss erëmkommen, an dee Moment hunn d'Parteie jo och nach e puer Joer Zäit, fir sech mat där Fro do weider ze beschäftegen. Et ass fir mech ganz kloer, dass mer fir d'échéance 2017/2019 zu enger Solutioun an deem doten Domän musse kommen. En attendant huet de Minister mam Syvicol geschwat an d'Kommissioun informéiert, dass hie wëlls huet am Sënn vun de Bestriewungen, wéi se an der Kommissioun hei diskutéiert gi sinn, och iwwert de Congé politique ze diskutéieren an eng Rei Adaptatiounen ze huelen.

D'Kommissioun dréit deem Rechnung, andeem se och der Meinung ass, dass déi regional Aufgabe méi staark an de Congé politique aflësse solle wéi dat bis elo de Fall ass. Mir mengen, dass een d'Formatioun vun de Gemengepolitik soll weider fördern, ouni dass een awer eng Mehrheet fonnt

hätt, fir dat e bësse méi obligatoresch ze maachen. Do sinn eng Rei vu staatspoliteschen Awänn komm, déi esou eng méi fest Beschreiwung vun deem Émstand verhängert hunn.

Dann nach e Punkt, deen net esou lëschtgeg ass. Mir mengen, dass een och d'Fro vun der Responsabilité pénale vun de Membere vum Schännerot wierklech seriö an deenen nächste Méint eng Kéier muss ugoen, besonnesch dann, wann déi invoquéiert gëtt opgrond vun Aktiounen an Événementen, déi geschéien, ouni dass eng wëssentlech Zuwidderhandlung vum Schännerot virläit.

Mir sinn haut am Gemengesector mat enger Rei vun esou Froen konfrontéiert, a jee nodeem wéi do d'Gerichtsuerteiler ausginn, kënnt dat emol mat sech bréngen, dass sech eng ganz Rei Leit aus der Gemengepolitik wäerte verabschieden. Zum Beispill an engem Spidolssyndikat ze setzen, mat der perséinlecher Haftung vun deem Eenzelnen iwwer Akten, mat deenen ee strictement näischt ze dinn huet, an iergendwann eng Kéier konfrontéiert ze gi mat de Konsequenzen dovunner, ass eppes, wat net schrecklech erbaulech ass, besonnesch wann een d'Moyenen net huet, fir do anzegräifen.

Dat ass esou wéi och an aner Fäll, déi Kolleege heibannen hunn, an déi duerfir wëssen, dass et zwou Zorte gëtt. Et gëtt déi Zorten, wou eng Décisioun vum Schännerot bewosst en violation vun engem Gesetz geholl gëtt, an et geschéien déi Fäll, wou eppes geschitt, wou een awer net onbedéngt wëssentlech a wëllentlech eppes falsch gemaach huet. Mir sinn zur Konkursioun komm, dass een do wierklech muss zu enger Solutioun kommen.

Schlussendlech nach zwee Punkten, déi mer diskutéiert hunn. Dat sinn d'Felder fënné a sechs. Fënné war d'Tutelle. Do war eng grouss Unanimité an der Kommissioun fir d'Opportunitéitstutelle aus dem 19. Jorhonnert ofzeschaffen an e System ze schafe vun enger Tutelle, déi sech an Zukunft op de Contrôle vun der Legalitéit reduzéiere soll.

Méi Autonomie, dat muss ee jiddferengem allerdéngs och soen, dat bedeit och méi Responsabilitéit. Kee Contrôle bedeit, dass Akten, déi ee setzt, wa se schif ginn, ee méi séier an eng penibel Situatioun kënnen setzen. Toujours est-il, dass d'Kommissioun der Meinung war, dass déi Aart a Weis wéi d'Tutelle ausgeübt gëtt, dans la mesure wou et a ganz ville Gesetzer net spezifizéiert ass, wat dann elo Opportunitéit ass a wat net Opportunitéit ass, am Fong zu engem Mëssbrauch kënnt vun der Tutelle féieren. Mir plädéieren also dowéinst fir d'Afféiere vun engem exklusive Contrôle de légalité. Allerdéngs si mer dofir, an zwar aus iwwergeuerdnete Grënn, dass de Contrôle d'opportunité do bäibehale gëtt, wou en expresse verbis am Gesetz fir déi Matière ageschriwwen steet, well et gëtt eng Rei vun Domänen wou d'Autonomie communale an den Intérêt général vum Land mussen zesummespillen a wou d'Autonomie communale net contraire zum Intérêt général ka sinn.

Mir schwätzen eis dann och nach fir en alen Hummer aus, wou ech net weess, wien et soll maachen, mä et misst awer eng Kéier gemaach ginn. Dat ass d'Codificatioun vun eisen Texten. Et ass fir d'Gemengepolitik haut eng mer à boire, fir erauszefannen, wou an a wat fir engem Gesetz déi Saache stinn, déi noutwendeg sinn, fir säin Handwierk ze maachen. Mir hoffen, dass den Innenminister Zäit fënn, fir sech där Saach unzehuelen. A wann hie selwer se net fënn, dass hie Leit fënn, déi dat fir hie maachen. Ech mengen, dass dat en Outil wär an der heiteger Zäit, deen een noutwendegerweis de Gemengepolitik sollt kennen ubidden.

Ech kommen zu menge Konkursiounen, Här President, Dir Dammen an Dir Hären. Ech mengen, dass mer an der Kommissioun ganz vill geschafft hunn. Et war derwäert, fir den Tour ze dréien. Et war derwäert, fir 45 Réuniounen an der Kommissioun ze maachen. Et kann een net alles regelen. Dat ass net méiglech. D'Kompositioun vun der Kommissioun, wéi och d'Kompositioun vun deem Haus, léisst dat einfach net zou. Et ass, ënner eis gesot, net méiglech, d'Leit esou ze „streamlinen“, dass se alleguerten enger Meinung sinn. Dat muss jo och net sinn. Mä ech mengen, dass mer awer an deene wesentlechste Punkten e Schrëtt virukomm sinn, an dat ass wichteg.

Mir hunn eng Basis geschaf fir eng Reorganisatioun. Mir hunn d'Basis geschaf an d'Opfuerderung geschaf un eng ganz Rei Ministeren. Ech si frou, dass net nëmme den Innenminister de Mëtteg hei ass, mä dass och eng Rei vu senger Kolleege hei sinn, well och do muss een einfach eppes rüchstellen. Och wann den Innenminister d'Tutelle iwwert d'Gemengen exerzéiert,

gëtt et haut kaum nach en Domän vun der Gemengepolitik, wou net all déi aner Departementer individuell och mat implizéiert sinn. Esou dass am Fong déi Erausforderungen, déi hei geschafe ginn duerch dee Rapport, sech och net nëmme un den Innenminister eleng wenden, mä an enger ganzer Rei Domänen och u seng Kolleege wenden, well si déi noutwendeg Projete mussen erabréngen, fir deene Recommandatiounen vun der Kommissioun Rechnung ze droen.

Et ass, Här President, dann och an deem Sënn gewiescht, dass eis Kommissioun, fir deem e bëssen Nodrock ze ginn, lech elo nach eng Motioun an eng Resolutioun wäert hei ënnerbreeden, déi vun de Fraktiounen vun der CSV, vun der LSAP, vun der DP a vun deene Gréngen ënnerschriwwen sinn.

D'Motioun schwätzt sech derfir aus, dass déi Konkursiounen, déi aus deem Rapport hei erausginn an déi wéi gesot d'Resultat si vun dräi an engem hallwe Joer Aarbecht, vun deene jeeweilegen Instanzen an deenen nächste Joren och ëmgesat solle ginn. Et ass also eng, déi sech un d'Regierung wennt, fir d'Ëmsetzung ze maache vun deem, wat mer hei recommandéieren.

D'Resolutioun, déi wennt sech un eis selwer. Well mir eng Spezialkommissioun sinn a mat der Virleeung vun deem Rapport d'Aufgab vun der Spezialkommissioun erfëllt ass, léise mer eis op, esou wéi d'Reglement dat och virgesäit. Mir mengen awer, dass d'Chamber de Suivi muss maache vun där Aarbecht, déi elo hei gemaach ginn ass. Mir géifen d'innenpolitesch Kommissioun gären domadder chargéieren, fir a regelméisseg Intervallen - dat kéint zum Beispill zweemol d'Joer sinn - sech mam Fortschreide vun deene Recommandatiounen hei ze beschäftegen. Et sinn hei Saachen dran, déi kuerzfristeg sinn. Et sinn der derbäi, déi mëttelfristeg sinn. Et sinn der derbäi, déi laangfristeg sinn.

Ech mengen, dass e gesonde politeschen Drock an e gesonde politesche Contrôle vun der Chamber och d'Kolleege an der Regierung wäert dozou unhalen, fir mat deem néidegen Nodrock déi Ännerungen op den Instanzewee ze ginn, déi noutwendeg sinn, fir déi Gemenglandschaft vum 21. Jorhonnert, wéi mer se hei definéiert hunn a wéi mer se gären hätten, och un d'Liewen ze kréien.

Résolution 1

La Chambre des Députés,

- rappelant que la Commission spéciale «Réorganisation territoriale du Luxembourg» a été instituée par une résolution adoptée par la Chambre des Députés le 9 décembre 2004 pour «mener un débat approfondi sur la structure administrative du pays» et pour «dégager, en étroite collaboration avec le Ministère de l'Intérieur, les grandes lignes de la réforme territoriale pour moderniser les structures administratives du Luxembourg, et notamment le paysage communal et la définition des compétences communales»;

- considérant que cette réforme qui a comme finalité de doter le pays de structures territoriales capables de faire face aux défis du 21^e siècle constitue une première nécessité dans le souci de modernisation des structures administratives du Luxembourg;

- considérant que la Commission spéciale «Réorganisation territoriale du Luxembourg» a tiré ses conclusions quant aux mesures concrètes à mettre en œuvre;

- considérant qu'une réalisation concrète des idées formulées dans des délais raisonnables est exigée;

charge la Commission des Affaires intérieures et de l'Aménagement du Territoire:

- d'assurer le suivi de la mise en œuvre des propositions faites par la Commission spéciale dans son rapport final du 19 juin 2008;

- de procéder à intervalles réguliers à l'établissement d'un bilan de la mise en pratique des mesures destinées à réaliser la réforme territoriale et administrative du pays.

(s.) Michel Wolter, Fernand Etgen, Camille Gira, Jean-Pierre Klein, Marco Schank.

Motion 1

La Chambre des Députés,

- considérant le rapport de la Commission spéciale «Réorganisation territoriale du Luxembourg», que ce rapport a été élaboré en étroite interaction avec le Ministre de l'Intérieur et de l'Aménagement du Territoire et les représentants des collectivités locales siégeant au sein du Syvicol;

- considérant que les principaux axes de ce rapport sont: le renforcement des collectivités locales et de leur statut autonome; la mise en place de services communaux ad-

**Jeudi,
3 juillet 2008**

ministratifs, financiers et techniques forts, capables de relever les défis auxquels sont confrontés les communes d'aujourd'hui; une nouvelle répartition des compétences entre l'État et les communes accompagnée d'un transfert de moyens financiers suffisants vers ces dernières, surtout les centres de développement et d'attraction; une coopération régionale plus structurée correspondant à la vocation des régions d'aménagement du pays; et un accroissement de la professionnalisation des fonctions électives locales;

- considérant que ce rapport repose sur un large consensus entre partis représentés à la Chambre des Députés, et qu'il a vocation de servir de base et de feuille de route pour une réforme territoriale souhaitée par les principales formations politiques du pays et à mettre en œuvre de concert avec les collectivités locales;

- considérant que le Gouvernement est appelé à prendre une série d'initiatives législatives et réglementaires, spécifiées dans le rapport de la Commission spéciale, en vue d'amorcer une véritable réforme territoriale et de la mener à terme, avec le législateur, avant 2017;

invite le Gouvernement

- à prendre les initiatives législatives et réglementaires décrites dans le rapport de la Commission spéciale «RTL» et reprises dans les conclusions de ce rapport, de manière à ce que la réalisation de la réforme territoriale puisse être entamée sans délai;

- à conclure ses concertations avec la représentation des collectivités locales après discussion avec les communes concernées jusqu'au printemps 2009, de manière à ce qu'une carte des futures structures territoriales du pays puisse être élaborée et les mesures nécessaires à la mise en place de ces structures puissent être prises par le législateur;

- à concevoir à brève échéance des lignes directrices d'une réforme des finances communales, et à saisir le Conseil supérieur des Finances communales des propositions destinées à accompagner la réforme des structures territoriales et à leur conférer la stabilité et la solidité nécessaires, afin de parachever la réforme territoriale sur le plan de l'organisation fiscale et financière.

(s.) Michel Wolter, Fernand Etgen, Camille Gira, Jean-Pierre Klein, Marco Schank.

Nach eng Kéier e ganz grouse Merci un all déi, déi eis gehollef hunn déi dräi an en halleft Joer un deem Rapport hei ze schaffen. Ech soen lech alleguerte Merci fir Äert Nolauschteren.

» Plusieurs voix. - Très bien!

» M. le Président. - Ech wëll dem Här Wolter Merci soe fir säin extensive Rapport, deen hie gemaach huet, a fir d'Resolutioun an d'Motioun, déi ausgedeelt ginn. Als éischte Riedner ass dann den honorablen Här Clement ageschriwwen.

Débat

» M. Lucien Clement (CSV). - Här President, Dir Dammen, Dir Hären, ech wëll haut bei deem Débat iwwert d'territorial Reform vun eiser Gemenglandschaft keen esou e globalen Iwwerschlag maachen, wéi de Michel Wolter dat elo just gemaach huet, mä ech wëll e bësse méi spezifesch op dräi Themen agoen, déi och zu där Réorganisation territoriale gehéieren.

Ech denken do als éischte Punkt - dat ass e Punkt, dee mer och vill diskutéiert hunn - un den Héichwaasserschutz. Ech hunn op dëser Plaz, Här President, scho ganz dacks iwwert d'Héichwaasser an iwwert den Héichwaasserschutz geschwat. Ech wäert dowéinst och dës Problematik net méi am Detail exposéieren, mä just op déi wichtegst Voleten am Kader vun dëser Reform agoen. Och wann ech elo als Miseler schwätzen, si mir eis jo alleguerte bewosst, datt et net nëmme den Oste vum Grand-Duché ass, dee géint Héichwaasser ze kämpfen huet, mä et sinn och ganz vill aner Géigenden aus dem Land vun deem Phänomeen be-traff an dann och geschiedegt.

Den Héichwaasserschutz an d'Moosname géint d'Héichwaasser gehéieren haut zu de Missiounen vun de Gemengen. Well dës Me-

suren awer an diverse Fäll immens vill kaschten an och immens groussen administrativen Opwand mat sech bréngen, ass et net méiglech, datt d'Gemengen dee finanziellen Impakt wéi och deen administrativen Impakt selwer regele kënnen. Ech erkläre mech.

Iwwert déi ganz Muselregioun an och iwwert d'Regioun laanscht d'Sauer ass an der Zäit vum deemolegen Innenminister Michel Wolter eng Etüd „Héichwaasserschutz“ an Optrag gi ginn, déi och dann integral vum Ministère finanzéiert ginn ass. Dës Etüd gesäit vir, datt a Saachen Héichwaasserschutz op der Musel ënner anerem Diskussiounen iwwert Terraine mat Däitschland musse gefouert ginn.

Dat, Här President, esou leed wéi et mer deet, kann net an ass net d'Aufgab vun där eenzelter Gemeng aus där Regioun. Dat ass ganz kloer d'Kompetenz vun enger Regierung. Dat eleng schonn ass eng Ursaach, datt et sech hei ëm eng partagéiert Kompetenz tëschent Stat a Gemeng handelt.

Och ass dee finanziellen Impakt fir déi eenzel Gemeng laut Etüd esou gewaltig, datt si dat net ka bewältegen ouni massiv Ënnerstützung vum Stat. All déi Uertschafte laanscht eis Grenzflëss hu bis elo wéineg falsch gemaach, wat d'Bauen op hirem Territoire ugeet. Si hunn e gewëssenen Know-how an dëser Matière. Wou däerf gebaut ginn, wou net däerf gebaut ginn, oder net soll gebaut ginn, dat ass e Wëssen, dat zum Deel dann och histoiresch an dësen Uertschafte gewuess ass.

Dofir, Här President, si mer an der Kommissioun där Meenung, datt dës Gemenge bei hire Moossnamen, wat den Héichwaasserschutz ugeet, net däerfen eleng gelooss ginn. D'Landversigelung fënn net nëmme laanscht eis grouss Grenzflëss statt, mä si fënn och am Rescht vum Land statt. Dofir si mer an der Spezialkommissioun och zur Konkusioun komm, datt hei an dësem Domän eng national Solidaritéit ze spillen huet.

Dofir sinn ech frou, datt an dësem Kontext den Innenminister, den Här Jean-Marie Halsdorf, an der Commission des Affaires intérieures gesot huet - an ech zitieren do e bëssen aus dem Rapport vun där Kommissioun -: «M. Jean-Marie Halsdorf rappelle la discussion menée dans le passé de ne pas faire supporter les coûts engendrés par les inondations aux seules communes dont le territoire est traversé par un cours d'eau ou se situe le long d'un cours d'eau. Le point j. de l'article 55, 1., est relatif à „la prise en charge jusqu'à 80% du coût des mesures régionales destinées à réduire les effets des inondations, ainsi que les frais d'études et dépenses connexes y relatifs“, le point k. prévoyant une prise en charge jusqu'à 50% pour les mesures locales. Ainsi, la future loi donnera donc la possibilité d'une prise en charge de ces coûts pour la région de la Moselle ou de la Sûre.»

Da geet et weider an deem Rapport an dann zitieren ech nach eng Kéier e Saz: «À une remarque afférente de M. Jean-Pierre Klein, Monsieur le Ministre renvoie au point a., en vertu duquel l'État peut prendre en charge jusqu'à 100% „des dépenses relatives aux projets reconnus d'intérêt national par le Gouvernement en Conseil et ayant pour objet... - la réduction des risques d'inondation, ...“.» Souwäit de Rapport vun dëser Sitzung vun der Commission des Affaires intérieures.

Ech si frou, Här President, datt hei schonn deem Rechnung gedroe gouf, wat mir an der Spezialkommissioun diskutéiert hunn. Ech kéint mer virstellen, Här Minister, datt de Stat sech selwer an dësem Domän e Programm géif ginn, deen den Doléancë vun deenen eenzelne Gemengen do géif Rechnung droen. Dëse Programm misst un eng Zäitschinn gekoppelt sinn an och de Prioritéite Rechnung droen, wéi gefäerdet déi eng oder déi aner Gemeng a Saachen Héichwaasser ass. Wéi gesot, d'Etüd „Héichwaasserschutz“ läit am Detail um Dësch. Si brauch nëmmen nach - an dat a Concertatioun mat deene betraffene Gemengen - diskutéiert ze ginn, fir herno ëmgesat ze ginn.

À titre d'information wëll ech soen, datt bei eisen däitschen Noperen an dësem Domän

e Finanzéierungsmodell vun 90 zu 10 besteet. Hei ass allerdéngs net d'Gemeng, mä hei ass de Stat federführend an den Dosieren. Souwuel op der Musel wéi och op der Sauer si se eis och a puncto Héichwaasserschutz - géif ech soen - ëm Längen, wann net zéng bis 15 Joer viraus.

En zweete Punkt, iwwert deen ech hei wollt schwätzen, ass dee vum Congé politique, iwwert dee jo a regelméissegen Ofstänn och diskutéiert gëtt. Wa mir vun engem Szenario mat manner Gemengen ausginn - Gemengen, déi dann natierlech och méi Awunner hunn -, bréngt dëse Modell och mat sech, datt d'Missiounen an d'Offer, déi d'Gemengen de Bierger mussen ubidden, méi grouss ginn. Derbäi kënnt, datt d'Gemengen dann och eng méi grouss Autonomie kréien, also méi autonom fonctionnéieren.

All dës Tatsaache brénge mat sech, datt eng Diskussioun iwwert den haaptberuffleche Buergermeeschter, de Congé politique souwéi och d'Trennung vum Buergermeeschter an dem Deputéierte muss gefouert ginn.

D'Fro, déi hei muss gestallt ginn an déi och parallel mat där sech verännernder Gemengelandschaft beäntwert gi muss, ass déi heiten: Ass et an Zukunft nach méiglech, oder besser gesot, ass et an Zukunft nach ze verantworten, datt Gemenge mat enger gewësser Masse critique un Awunner vun engem Buergermeeschter geleet ginn, deen dann och nach aner berufflech Flichten huet? Datselwecht géill iwwregens och an anerer Proportioun fir d'Schäffen- a Gemengeréit.

Wann d'Ufuerderungen un déi Leit, déi sech fir d'Gemengepolitik hierginn, klammen, muss de Congé politique och deem Rechnung droen. Esou si mer an der Kommissioun dann och der Meenung, datt de Congé politique an déi dozou gehéiereng Rémunéiratioun parallel mat enger neier Gemengekartographie agefouert solle ginn.

Wann iwwer eng Augmentatioun vum Congé politique diskutéiert gëtt, muss een awer bedenken, datt dës Fräistellung, fir Politik ze maachen, wahrscheinlech éischter a méi einfach ze verwierklechen ass fir dee Politiker, deen aus dem Secteur public kënnt, wéi fir dee Politiker, dee säin Origine am Secteur privé, also am Privatsektor, huet; egal ob hien hei an dësem Secteur Salaré ass oder komplett als Selbstständige schafft.

Hei mussen, Här President, Modeller entwéckelt ginn, déi dëse Contraintë Rechnung droen. Ech denken och net, datt iergendengem heibannen dru geleen ass, datt déi zukünfteg Buergermeeschteren a Schäfte vun dann a méi grouss Gemengen alleguer aus dem Secteur public herno komme sollen. Ech si jiddefalls der Meenung, datt dat en Dauerschued wier an ech denken, datt och an Zukunft hei e gesonde Mix weiderhin net géif schueden.

Och wann herno iwwert d'Gesetz eng zolidd Augmentatioun vum Congé politique festgluecht gëtt, bleift ënnert dem Stréch, datt déi Leit aus dem Secteur privé an hire Betriber selwer Schwierigkeete virfanne wäerten. Schwierigkeeten, déi dorobber erauslaffe wäerten, dat si léiwer herno d'Fangere vun der Politik ewechloossen.

Schwierigkeete wäerten et och gi fir déi Leit, déi 40 Stonne Congé politique hunn, wa si emol eng Kéier net méi gewielt sinn oder net méi an der Politik tätég sinn, fir déi dann erëm an de Privatsektor ze reintegréieren. Mir sollten dofir no neie Modeller sichen a kucken, fir do eng Regelung ze fannen, déi all deene Contraintë Rechnung dréit. De Congé politique einfach unzehiewen, ass menger Meenung no zu dësem Zäitpunkt mat Sécherheet net onbedéngt dat Gielt vum Ee.

Wiere mer awer, Här President, schonn um Enn vun onse Beméiungen ukomm, dat heescht bei enger anerer Gemengelandschaft, méi Masse critique an deenen eenzelne Gemengen, ergo och manner Buergermeeschteren, kéint ee sech zum Beispill e Modell virstellen a puncto Rémunéiratioun a Congé politique, wéi mer en haut hei an der Chamber kennen. Dëse Modell ass, soen ech emol, vläicht och net optimal, mä en ass deen zurzäit dach beschtméigleche Modell, fir deem, wat ech virdu gesot hunn, an iergendenger Form Rechnung ze droen.

Dëse Modell hätt doriwwer eraus och nach de Virdeel, fir d'Ofschafe vum Doppelmandat vum Deputéierten a Buergermeeschter méi schmackhaft ze maachen. Et wäert an Zukunft schwierig sinn, dës Duebelbelaaschtung bäizebehalen. An och do gëtt et Argumenter. Et kann net sinn, datt de Cumul vum Congé politique iwwer 40 Stonnen d'Woch erausgeet, well mer jo haut hei zu Lëtzebuerg Gesetzer hunn, wat d'Aarbechtszäit ugeet. Dat ass dat eent.

Zweetens, méi nei Aufgabe fir déi zukünfteg Buergermeeschteren, wann een de Rapport final vun der Kommissioun kuckt, an och ëmmer méi an nei Dosieren, virun allem och där europäescher - an de Michel Wolter huet dat och scho gesot -, kommen op den Deputéierten zou. An et wäerten der an Zukunft och net manner ginn. Schléit een dat alles zesummen a léisst een dee parteipolitesche Calcul op der Sait an ass éierlech mat sech selwer, da gëtt et an Zukunft nëmmen eng Solutioun, an dat wäert déi sinn, datt een iergendwann dozou kënnt, fir d'Trennung vun dësen zwee Mandater ze maachen.

En drëtten Punkt, iwwert deen ech wëll schwätzen, ass d'Versuergung vun de Leit am Alter. Mir sinn an der Kommissioun der Meenung, datt d'Versuergung vun eisen eelere Leit ënnert d'Responsabilitéit oder op d'mannst d'Koresponsabilitéit vun de Gemenge fält. Duerfir schwätzt sech d'Kommissioun fir d'Opstelle vun engem Plan sectoriel pluriannuel sur base des principes de l'aménagement du territoire an dësem Domän aus.

Wann een elo dovun ausgeet, datt et eng Responsabilitéit vun de Gemengen ass an och bleiwe soll, da muss och derfir gesuergt ginn, datt déi eenzel Gemengen dës Responsabilitéit och kënnen ënner gläiche Konditiounen erfüllen oder iwwerhuelen.

Haut, Här President, kenne mir u sech dräi Zorte vun Haiser, déi eis eeler Matbierger ophuelen. Dat eent si Maisons de soins pour personnes âgées. Si ënnerstinn dem Santésministère a ginn deemno och ganz vum Stat bezuelt a belaschten deemno net de Budget vun där jeeweileger Standuertgemeng.

Déi zweet Kategorie, déi mer kennen, belascht och net de Gemengebudget a gëtt vu Privatträger gebaut an och géréiert.

Déi drëtt Kategorie, déi mer kennen, si Gemengenhaiser, ënnerstinn dem Familjeministère a ginn an der Regel vum Stat mat 80% subventionéiert. Hei droen déi eenzel Gemengen an och de Verband u Gemengen, wa se an engem Syndikat zesummegegloss sinn, 20% vun den Infrastrukturkäschten. Mä net nëmmen dat, si sinn an der Regel och nach fir eventuell Defiziter an der Gestiou vun dësen Haiser haftbar.

Dir gesitt, Dir Dammen an Dir Hären, hei ass eng Gemeng par rapport zu där anerer ganz kloer bevurdelegt oder ganz kloer benodelegt, jee nodeem wéi een et kuckt. An hei an dësem Domän muss wéi scho gesot e Plan sectoriel erstellt ginn, an d'Gemenge mussen, wat d'Finanzéierung vun den Infrastrukturen ugeet, an déiselwecht Ausgangspositioun bruecht ginn oder gesat ginn.

Des Weidere schéngt mer wichteg, datt an Zukunft all déi Haiser no engem nei definierte Schema autonom fonctionnéiere sollen. E Règlement d'ordre intérieur soll och déi finanziell Gestiou vun deenen eenzelnen Haiser regelen, an dee muss esou ausgesinn, datt si sech finanziell och selwer droen an esou eventuell Defiziter dann och vermidde ginn.

Ech denken hei virun allem un d'Uleeë vun enger Réserve financière, geméiss dem Offschreiwingprinzip aus dem Privatsektor. Mécht een dat net, wäerten et ëmmer erëm finanziell Enkpäss ginn, déi d'Gemengebudgete belaschte wäerten, wann zum Beispill an dësen Haiser nei ugestrach muss ginn oder eng nei Kichenariichtung kaaft muss ginn.

Dat gesot, Här President, hoffen ech, datt mer déi Mesuren, déi d'Spezialkommissioun an hirer grousser Majoritéit zesumme mam Innenminister a sengem Haus ausgeschafft huet, zügeg an Ugrëff huelen an och en musiqe setze kënnen.

Zum Schluss wëll ech awer dem President vun der Kommissioun, eisem Fraktiounspräsident Michel Wolter, Merci soe fir all déi Aarbecht, déi hie sech gemaach huet, a virun allem awer fir déi Gedold an dat Geschéck, déi hien opbruecht huet, fir dës Kommissioun ze leeden an och fir zu dësem Resultat, dat mer a Form vun dësem Rapport virleien hunn, ze féieren.

E Merci geet selbstverständlech och nach un d'Beamte vum Ministère an och un déi hei aus der Chamber. An un lech natierlech alleguer, déi mer nogelauschtert hunn.

Ech soe Merci.

» **Une voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Här Clement. Nächste Riedner ass den honorabelen Här Etgen. Den Här Etgen huet d'Wuert.

» **M. Fernand Etgen (DP).** - Här President, Kolleginnen a Kollegen, ech wëllt meng Interventioun mat e puer allgemeng Remarquen ufänken, fir de Kader, an deem mer eis bewegen, ze ëmräissen.

Oft gëtt gesot, d'Gemengestrukture wiere vun anno Tubak a missten duerfir grondleeënd geännert ginn. Dat ass awer ze simplistesesch.

Eng Stärkten-Schwächen-Analys weist eis, datt d'Gemengen, vun e puer Schwaachpunkten ofgesinn, an der Regel gutt fonctionnéieren, dank dem onermiddlechen Engagement vun de villen Intervenanten.

Mat Satisfaktioun stelle mer fest, datt et nawell vill a richtig verstanene Bénévolat am Gemengeliewe gëtt. Jo, d'Gemenge fonctionnéiere besser, méi effikass, wéi staatlech Servicer. Duerfir mussen och d'Roll vum Stat an d'Relatiounen tëschent Stat a Gemeng iwwert de Leescht gezu ginn. An, et ass schonn heibanne gesot ginn, de Fonctionnement an d'Denkweis am Innenministère selwer mussen och iwwerduecht ginn.

D'Biergerinnen an d'Bierger erwaarde stänneg méi vu Stat a Gemengen. De Service public huet sech an deene leschte Jore weiterentwéckelt an ass haut aus dem kulturellen, sozialen a wirtschaftleche Liewen net ewechzedenden.

D'Gemenge sinn zu engem groussen Deel responsabel fir déi gesteigert Attraktivitéit, besonnesch am ländleche Raum. Dat däerfe mer, wa mer vun enger Réforme territoriale schwätzen, net aus den Ae verléieren.

Här President, méi wéi dräi Joer a 45 Sitzungen huet d'Spezialkommissioun gebraucht, fir hire Rapport ze finaliséieren. Et war e schwierige Parcours, besonnesch wann ee bedenkt, datt esou eng gutt Viraarbecht mat der Kompetenzdebat vum 2003 gelescht gouf. Besonnesch och wann ee bedenkt, datt keen d'Noutwendegkeet vun enger Reform a Fro gestallt huet. Besonnesch och wann ee bedenkt, datt op enger Rei Handlungsfelder schonn eppes Konkretes hätt kënnen an d'Wee geleet ginn.

Ech denken hei un déi aacht Motiounen, déi d'Chamber 2003 unanime ugehall huet a vun deene keng eenzeg ëmgesat gouf. Ech denken hei un de Congé politique, wou et um politesche Wëlle gefeelt huet, fir eppes ze maachen. An dobäi sollt de Rapport scho fir de Summer 2006 fäerdeg sinn.

Firwat huet et dann esou laang gedauert? War d'Missioun vun der Spezialkommissioun net kloer genuch definéiert?

Hat dës Regierung et verfeelt, am Koalitionsaccord eng gemeinsam Marschroute festzuleeën?

Ech mengen haut soen ze kënnen, datt d'Ambitioune vu verschiddene Leit iwwer eng Territorialreform net onbedéngt zesummegepasst hunn. Déi eng wollte vläicht éischter eng Reform, wou op ee Coup alles realiséiert géif; déi aner wollten éischter ee graduellt Weiderkomme präconiséieren, wou een a Rou, awer virun allem mat Häerz a Verstand sollt un d'Problematik eruegoen.

Et ass dës pragmatesch Approche, déi leschtenenns hire Wee gemaach huet. An et ass och dës Virgehensweis, déi d'Approbatiou vun den Haaptfraktiounen an der Kommissioun fonnt huet.

Et ass awer keen Happy End. Et ass eréischt den Ufank. Et ass eng Landung, déi gläichzäiteg och e Start zu engem neien Challenge ass. En Challenge, deen doranner besteet, datt den Innenminister am Dialog, am Konsens an am géigesäitegen Averstännis eng Carte territoriale opstellt.

A well den Innenminister mam Syvicol déi dote Virgehensweise schonn op d'Schinne gesat hat, haten déi, déi eng Radikalreform präconiséiert haten, keen anere Choix, wéi sech ze ralliieren, well se duerch d'politesch Realitéit um Terrain riskéiert hätten, sech als theoretesch Reformer an den Eck drécken ze loossen, ouni datt si eppes opweises hätten.

Hei huet ee séier gemierkt: Reformwütig ass net gläich reformfäeg. Duerfir ass et op eemol séier gaangen. Et ass och séier gaange mam Sträichen, mam Zréckstelle vun Ambitiounen, déi wuelverstanen ëmmer nëmme vu Minoritéite gedeelt goufen. Et ass esou séier gaangen, datt ee bal vergiess huet, wat alles hätt kënnen zréckbehalen ginn a wat d'Autonomie vun de Gemenge staark ënnergruween hätt.

Ech denken hei un all Form vun Zwëschestruktur, un den Établissement public de co-ordination régionale mat engem Représentant territorial de l'État, ech denken un eng Administration des affaires communales et régionales, ech denken un eng Chambre des élus communaux. Alles Gebilde, déi ee Kompetenztransfert vu gewielte Verrieder op d'Beamte mat sech bruecht hätt.

D'DP hat duerfir a fréiere Positiounspabeieren, an notamment an hirem Alternativkon-

zept, dat si presentéiert hat nom Innenminister sengem Konzept, kloer opgezeechent, wéi esou eng Reform kéint ausgesinn. Et ass ee pragmatescht Alternativkonzept, dat de Realitéiten um Terrain Rechnung dréit an och eng gerecht Behandlung vun de Gemenge virgesäit. Eis als DP ass et virun allem drëm gaangen, staark Gemengen ze kréien, fir d'Gemengenautonomie ze festegen a fir der Evolutioun vun der Demokratie ze enger Technokratie Halt ze gebidden.

Virun allem ass et eis awer drëm gaangen, fir méi Autonomie, manner Kontroll, manner Tutelle, méi Fräiheet an eng gréisser Responsabilisatioun vun de Gemengen ze erreechen. D'DP-Alternativkonzept gouf geleet vun der Approche, dass mer d'Politik mussen erëm méi no bei de Bierger réckelen. Wéi kënne mer eis Gemengen an de Regiounen organiséieren, dass se als modernen an effikasse Serviceprovider déi vun de Biergerinnen a Bierger gefroete professionell Leeschtunge beschuens erfëlle kënnen? A grad duerfir begrësse mer ausdrécklech, dass sech am Ofschlossrapport géint ee Contrôle d'opportunité, a just fir ee Contrôle de légalité ausgeschwat gëtt. Grad wéi och d'Ofschafe vun den Distriktskommissariater ee vun de Kärpunkte vun deem Alternativkonzept ass. D'Distriktskommissäre sinn e Relikt par définition aus dem Postkutschenzäitalter.

Här President, diesen Ofschlossbericht ass eng kloer Ofso zu Zwangsfusiounen. Mä ee gewëssent Mësstrauen ass noutwendeg, et ass eng Form vu Virsiicht. Fusiounen dierfen net opgezwoenge ginn, mä mussen an de Käpp vun de Leit wuessen. Eng intensiv gefouert Diskussioun kann deem Reifeprozess nëmmen dënglech sinn. Mir mussen eis also Zäit huelen, quitte dass ee sech eng Echéance setzt, wuelwëssend, dass ee muss flexibel bleiwen. Léiwer eng fräiwëlleg Fusioun mat enger Wahlchéance méi spéit, wéi onzefridden, ondécidéiert Partner mat Zwang beieneebrëngen.

Et gëtt nach ze vill kleng Gemengen; hei gëllt et Fusiounsbestriewungen ze ënnerstëtzen. Et kann awer net sinn, dass déi kleng Gemengen de Geldkrunn zougedréint kréien an iwwert dee Wee zwangsforcéiert ginn, d'Knëppele bei d'Tromm ze geheien. Et ass einfach falsch, déi Gemengen, déi net direkt wëlle fusionéieren, finanziell ze bestrofen, oder déi, déi et maache wëllen, esou wéi et am Rapport steet a wéi de Minister et och nach dëser Deeg nees an engem Interview ënnerstrach huet, extra ze belounen. Déi Doppelmoral, déi eng Spezialitéit vu senger Partei ass, fir op där enger Säit eppes virzegaukelen an dann op där anerer Säit et awer ze maache wéi een et wëllt, dass ass ee politesche Stil, mat deem ee fir allemol muss opgehele ginn!

(Interruptions)

''' Une voix. - Wéi kënnt Dir esou eppes vun enger chrëschtlicher Partei behapten?

''' M. Fernand Etgen (DP). - Här President, d'DP seet Jo zu fräiwëllege Gemengefusiounen. Mat der DP wäert et net zu Zwangsfusiounen kommen, an duerfir hale mir et an der DP mam Bibelsproch: „Deine guten Taten sollen freiwillig und nicht erzwungen sein.“

(Interruptions)

Här President, erzwongen oder forcéiert Fusiounen vergréisseren d'Distanz tëschent Politiker, Verwaltung a Bierger. Genau de Géigendeel ass awer erstriewenswäert. An deem Kontext ass och ëmmer d'Fro vun der kritescher Mass vun Awunner, déi eng Gemeng muss oder soll hunn, fir optimal ze fonctionnéieren, gestallt ginn.

Allze laang ass sech fest op eng Mindestgréisst vun 3.000 Awunner verstäipt ginn. De Generalsekretär vun der CSV huet souguer an enger Pressekonferenz op Niklosdag 2007 gesot, d'CSV hätt gären am ländleche Raum Gemenge vu mindestens 4-5.000 Awunner, an am städtesche Raum Gemenge vu mindestens 10.000 Awunner. All dës Zuele sinn arbiträr a mat näischt beluecht. Dat Eenzezt wat zielt, ass de Service um Bierger. Mir mussen oppassen, dass verschidde Gemenge flächeméisseg net ze grouss ginn, dass se einfach net ze gériere sinn.

De Service um Bierger ass ee Service de proximité a muss ee Service de proximité bleiwen. D'Gemeng als Keimzell vun der Demokratie muss d'Proximitéit mat Bierger behalen. Dass ass och de Garant fir dee gudde Fonctionnement, besonnesch awer fir d'Vertraue vun Bierger an d'Institutionen. Institutionen, déi ze wäit ewech vun Bierger sinn, gi mat enger gewësse Skepsis vun Bierger opgehall. Si wierken oft ze bürokratesch, ze steril, ze dirigisteschen an ze

technokratesch. Dës Proximitéit war de Charme an d'Attraktivitéit vun de Gemenge bis elo a muss dat och bleiwen.

Als Demokratesch Partei hu mir eis duerfir och agesat, dass een déi Zuel vun 3.000 mat enger gewëssener Souplesse muss gesinn. Onbedéngt muss also de geographesche Gegebenheete Rechnung gedroe ginn. Am Rapport gëtt duerfir och festgehalen, dass 3.000 Awunner een Objektiv ass, an dass déi geographesch Ausdehnung ee Kritär soll sinn, deem Rechnung ze droen ass.

Här President, ech hu virauser gesot, dass mer mat deem Rapport nach keng Territorialreform hunn. D'Kommissioun konnt nëmmen Orientéierung festleeën, d'Marschrichtung bestëmmen. De Ball läit elo beim Innenminister. Vill Fangerspëtzegefill ass verlaangt fir déi nei Kartographie. Zesummeféieren, wat zesumme gehéiert. Keng einfach Saach!

Et gëtt objektiv Kritären, et gëtt awer och Sensibilitäten an Animositéiten. Hei muss onbedéngt deene bestehende Kooperationsrechnung gedroe ginn. Jorelaang Zesummenaarbecht dierf net liichtsënneg op d'Spill gesat ginn. Bestehend Strukture sollen, wa méiglech, net auserneegerappt ginn. Hei muss een intensiven Dialog gefouert ginn.

D'Gemengen hunn Erwaardungen, Wënsch an Uspréch, déi vun Innenminister eleng keng zefridde stellend Äntwert kënne kréien. Och aner ministeriell Departementer sinn hei gefuerdert a mussen an de Konsultationsprozess agebonne ginn. Déi nei Kartographie ass also net nëmmen d'Saach vun Innenminister, mä vun der ganzer Regierung.

Här President, mat Satisfaktioun stelle mer fest, dass d'Kommissioun et fäerdeg bruecht huet, d'Kompetenzen tëschent Stat a Gemenge méi kloer ze definéieren. Erlaabt mer hei eng Klammer opzemaachen, fir och mengersäits dem President a Rapporteur Michel Wolter Merci ze soe fir seng Beharrlechkeet, säi Geschéck a seng Sachkenntnis fir dëse Rapport zu engem gudden Enn ze féieren.

Erlaabt mer och de Sekretär vun der Kommissioun, den Här Claude Frieseisen, an dëse Merci anzeschléissen. Seng Erfahrung als fréieren Distriktskommissär an als Regierungsbeamte vun Intérieur, awer och säi staarken Aarbechtswëlle fir virunzekommen, gekoppelt mat engem gesonde Sens de la diplomatie waren der Kommissioun eng onverzichtbar Hëllef. Vill Säiten hu misse geschriwwen gi fir de Konsens ze fannen. Et war nämlech esou, dass eréischt wéi mer op engem Text geschafft hunn, den eigentlechen Duerchbroch erreecht ginn ass, quitte Här Sekretär, dass vill vun Äre Säiten hu misse gestrach ginn. Klammer zou an zréck bei déi méi kloer definéiert Kompetenzen.

De Rapporteur huet déi wesentlech Neierungen exzellent ëmraus, duerfir wëll ech mech op e puer Commentaire beschränken. Här President, de Rapport mécht méi wéi däitlech, dass all gutt Virsätz näischt dengen, wa mer déi verschidde Plans sectoriels net kréien an net kennen. Dat gëllt a besonneschem Mooss fir de Plan sectoriel „zones d'activités économiques“. Och dann eréischt kënne mer iwwert d'Verdeelung vun de Plus-valuen op d'Regioun schwätzen.

D'Opstelle vun de sektorielle Pläng brauch Zäit. Vun 2004 u bis haut ass awer ee laangen Dag, a grad hei si mer bei der Schwächt vun jëtzen Innenminister. Méi wéi eng Keier huet hien an dëser Legislaturperiod mat groussen Ukënnungen, agepaakt a schéi Prosa, opgewaart, ouni dass hannendrun eppes geschitt ass. Dass seet net nëmmen d'DP, mä och de Rapport vun der Spezialkommissioun, wéi och de „Lëtzebuurger Wort“-Leitartikler vun 13. Juni vun deem Joer. De jëtzen Innenminister huet dem fréiere Minister Alex Bodry de Rang als Ukënnungsminister längst ofgelaf.

Als DP begrësse mir, dass ee legislative Kader soll geschafe ginn, wat d'Roll vun de Gemenge bei den alternativen Energien ubelaangt.

(Interruption)

Och déi kloer Ofgrenzung bei der Gestiou vun de Bëscher entsprécht voll a ganz de Virstellung vun der Demokratescher Partei. Leider huet sech d'Spezialkommissioun net mam Naturschutz auserneegesat an der Kompetenzopdeeling tëschent Stat a Gemengen. Wat d'Missioun vun där enger an där anerer Entitéit ubelaangt, bleift eis Legislatioun nach flou. Op där anerer Säit gëtt et konkret Démarchen, wéi en effikassen Naturschutz tëschent Stat a Gemengesyndikater geregelt soll ginn. Mir hätten eis gewënscht, dass een iwwer eng kohärent Démarche a puncto Naturschutz diskutéiert hätt.

Bei der Waasserpolitik allerdéngs fäerte mir als DP, dass d'Autonomie vun de Gemengen ze staark ënnergruwe gëtt, trotz alle positiven Intentionen am Rapport. Dass nei Waassergesetz huet nämlech ze vill eng zentralisteschen Approche. Et ass e Gesetz voller Verboter, ze vill dirigisteschen an technokrateschen.

Eng verstärkte Solidaritéit tëschent allen aktive Strukture soll derzou bäidroen, dass den Zougang zu enger an darselwechter Leeschtung an engem klengen Land wéi Lëtzebuerg iwwerall d'selwecht ass. Déi geographesch a regional Gegebenheeten dierfe sech weder op d'Qualitéit nach op de Präis auswirken.

Bei der Education wëll ech op en Neits drop hiweisen, dass d'DP géint d'staatlech Nominatioun vun Léierpersonal ass. Ech stelle fest, dass déi zoustänneg Ministesch an deem Punkt schonn amgang ass zréckzerudderen an d'Zich vu Kuerzzäit-Ersatz-Léierpersonal a Gemengenhand wëllt loossen. Ech wëll hei och drop hiweisen, dass d'Fransousen dës Attribution opgrond vu schlechten Erfahrungen erëm wëllen zréck bei d'Gemenge ginn. Op deem Punkt géif ech mer parteieniwwergräifend méi Courage bei de Gemengepolitikern an deem Haus heibanne wënschen.

Wat den Encadrement ubelaangt, gëtt de Rapport enger laangjäreger Fuerderung vun der Demokratescher Partei Recht, dass dee ganze schouleschen Encadrement ënnert der Tutelle vun engem eenzege Ministère soll stoen.

Wat de Museksunterrecht ubelaangt, ass et een Aarmutszeugnis par excellence, dass de Kulturministère op d'Reforme territoriale huet misse waarden, fir Uppassung vun 98er Gesetz elo vläicht an d'Wee ze leeden.

(Interruption)

A puncto Santé ass et och fir eis nëmmen normal, dass dëst am Prinzip eng staatlech Kompetenz ass, an dass eng Gemeng op hir eegen Initiativ sech zu all Moment aus der Gestiou vun engem Spidol kann zréckzéien. An enger verännerter Gesellschaft kritt déi ganz Sozialpolitik eng aner Nues a soll ee regelrechte Service vun der Gemeng op deene verschiddensten Niveaue ginn.

Här President, déi lescht Regierung hat mam IVL eng gutt strategesch Rumm fir d'Landesplanung ausgeschafft. Dës Rumm zesumme mat de regionalen interkommunale Syndikater, déi am 99er Gesetz virgesi sinn, sinn dass ideaalt Réckgrat fir eng Territorialreform.

Am DP-Alternativkonzept vun 2005 huet meng Partei ausdrécklech drop higewisen, dass de Programme directeur de l'Aménagement du Territoire dass ideaalt Konzept ass fir déi regional Zesummenaarbecht virunzedreiwen. Ee Konzept, wat op der konzentrierter Dekonzentratioun baséiert.

(Mme Anne Brasseur prend la Présidence)

Deen entspreche Programm bitt net nëmmen d'Méiglechkeet, mä d'Flicht zur regionaler Zesummenaarbecht. Duerfir mengen ech, kann een net vun enger grousser Neierung schwätzen, wann d'Schafe vun engem Regionalfong virgesinn ass a wann déi interkommunal Syndikater eege finanziell Mëttel solle kréien.

Et sinn dëst Mesuren, déi schonn 2003 an deene virauser ugeschwatene Motiounen festgehele waren. Et kann ee folglech haut nëmme bedauern, dass de Minister och dës Motiounen nach net ëmgemat hat.

Am DP-Alternativkonzept huet meng Partei drop higewisen, dass autonom fonctionnéierend interkommunal Syndikater hiert eegent Instrument sinn, fir déi regional Entwécklungspläng ëmzesetzen, an och dee privilegierten Interlocuteur fir den Aménagementsminister.

Vun Neierung oder vun engem Paradigme-wiessel kann een do schonn ëischer schwätze beim Rôle, deen déi sougenannt Communautés urbaines bei der Entwécklung vun deenen ëischer urbane Raim solle spillen. Virbildhaft kann een d'Aart a Weis bezeichnen, wéi lues awer sécher d'Communauté urbaine vun der Nordstad Realitéit gëtt.

Nodeems dass déi sechs IVL-Gemenge Bettenduerf, Dikrech, Ierpeldeng, Ettelbréck, Colmar a Landesplanungsminister ënnerschriwwen haten, hu si domadder de feste Wëlle bekräftegt, hir Zukunft zesummen ze gestalten. 2007 huet de Comité politique Nordstad ënnert der dynamescher Presidentschaft vun Ierpeldenger Buergermeeschter den Integrative Planungsprozess an Ugrëff geholl a während zéng Méint eng gemeinsam Strategie entwéckelt, fir de Masterplang ze erstellen an dunn uganks

dëses Joers an de verschiddene Gemengereit ze diskutéieren a mat enger breeder Akzeptanz ze votéieren. Parallell goufen am Hierscht 2007 Biergerforen organiséiert, fir d'Awunner um Zukunftsprozess ze bedeelegen.

Déi ganz Planung hat zum Zil, ee modernen an attraktiven Dëngschtleeschungszentrum ze schafen, eng Hauptstadt respektiv e Serviceprovider fir dee ganzen Norden, esou wéi et am Gesetz vum Plan directeur vum Aménagement du Territoire festgehele gouf. Fir dem Pendlerzeenario entgéintzewirken an den Awunnerzeenario ze favoriséieren, sollt d'Bevölkerung vun 21.000 bis op 30.000 uuessen a 7.000 nei Aarbechtsplaze sollen nei entstoen. Fir dës Ziler ze erreechen, brauch d'Nordstad eng nei Struktur. A grad hei sollen an enger Communauté urbaine d'Gemengen zesummewuessen.

Wat hei gefält, ass, dass d'Gemengen ouni Zwang, ouni Drock, fräiwëlleg a voller Iwwerzeegung mat hirem Masterplang Grousses gelescht hunn. Et existéiert eng modern Strategie, eng staark Dynamik an e politesche Konsens. Hei gouf vun de Gemengen en zolidd politescht a planerescht Fundament gebaut. Dass ass dee richtege Wee, fir zesummenzeschaffen. Dass ass de Wee, fir eng Territorialreform mat Inhalt ze fëllen. Dass ass de Wee, dass eng Territorialreform wierklech Sënn mécht. Dass huet och d'Kommissioun richtig erkannt a mat Nordrock drop higewisen, dass esou Communautés urbaines vun Ufank un eege finanziell Mëttel musse kréien.

Alles dass, wat ech iwwert d'Nordstad gesot hunn, ass natierlech och situationsgebonne fir déi aner Communautés urbaines richtig. Esou ee Prozess ass nëmme méiglech, wann d'Gemengeresponsabel vu professionelle Leit ëmgi sinn.

Dass féiert mech zum Kapitel vun de Gemen-geservicer am 21. Jorhonnert, déi opgrond vun de Gespréicher mat der FGFC op dräi Pilieren opgebaut sinn an déi, déi derfir suergen, déi vun Bierger gefroete professionell Leeschtungen ze assuréieren. Déi verschidde Gemen-geservicer si Bindeglied tëschent deene verschiddene Mandatsdréier, si Bindeglied tëschent deene verschiddene Mandatsperioden, si Bindeglied tëschent Gemeng an Autorité supérieures, si Beroder an Executant a mussen optimal organiséiert a strukturéiert sinn. Als laangjärege Gemengepolitikern weess ech ze schätzen, dass dem Volet vun Humankapital vun enger Gemeng esou eng grouss Bedeutung am Rapport zoukënn.

Madame Presidentin, et gëtt awer och Froen, déi net deeselwechte Konsens fonnt hunn. Laang ass diskutéiert, philosophéiert an debattéiert ginn iwwert d'Fro vun der Trennung vun de Mandater oder anescht ausgedréckt, d'Fro vun den Duebelmandater. Schlussendlech schwätzt de Rapport nach just vun der politescher Disponibilitéit vun Lokal-, Regional- an Nationalpolitikern. Protagonisten vun enger strikter Trennung vun de Mandater hunn d'Schafe vun enger Chambre des élus communaux an de Raum gestallt, fir dee Lien tëschent dem lokalen an dem nationalen Niveau oprechtzeerhalen.

D'Demokratesch Partei huet sech schonn an hirem Alternativkonzept géint all Form vun Zwëschesstruktur ausgeschwat. Mir sinn och géint eng territorial zweet Chamber. Wann de Kommunalpolitiker keng Zäit huet, fir gläichzäiteg am nationale Parlament ze setzen a seng kommunal Aufgaben ze erleedegen, wou soll hien dann d'Zäit huelen an der Zukunft, fir an d'Chambre des élus communaux setzen ze goen an do ze theoretiséieren?

Et war ëmmer eng Stärkt vu Lëtzebuerg, dass mer nëmmen zwee Entscheidungs-niveaun haten, an dass soll och esou bleiwen. D'Positioun vun der Demokratescher Partei, wat d'Trennung vun de Mandater ubelaangt, ass déi, dass mer elo fir d'ëischt d'Missioun festleeën, d'Kaart vun der Gemengelandtschaft nei zeichnen an dann eréischt déi dote Fro zum Schluss vum Prozess klären.

An der DP si mer awer am Prinzip fir eng Trennung vun de Mandater. A grouse Gemengen, etwa vun 10.000 Awunner un, brauche mer de Fulltime-Buergermeeschter.

Madame Presidentin, hei komme mer net derlaanscht, fir iwwert de Congé politique ze schwätzen. Et geet hannen a vir net méi duer. Dat ass haut wouer, et war scho gëschter a virgëschter wouer.

Duerfir, Här Minister, maacht dach endlech eppes a waart net bis muer! D'Gemege-politiker kënnen all déi Versprechungen an dat Vertrëschten an där doter Fro net méi héieren.

Minoritär Kräften an der Kommissioun wollten och dës Problematik un de Schluss vum Prozess stellen. De Congé politique muss direkt nei fixéiert ginn, fir de kommunale Politiker d'Méiglechkeet ze ginn, sech intensiv an den Diskussiounsprozess grad vun der Territorialreform anzebréngen. Si erstécke soss an der dagdeeglecher Gestiou, a wichteg an néideg Reforme verléieren u Prioritéit.

Mir brauchen awer net nëmme méi Congé politique fir d'Buergermeeschteren, mir brauchen och méi Congé politique fir d'Schäffen. Mir brauchen endlech och Congé politique fir den Engagement an den interkommunale Syndikater, fir den Engagement an all aneren interkommunale Kooperations. Fir dem schlächenden Demokratiedefizit entgéintzewirken, brauche mer och méi Congé politique fir d'Conseilleren.

Madame Presidentin, dat Wichtegst am Stat sinn d'Gemengen an dat Wichtegst an de Gemenge sinn d'Bierger. Bei enger Territorialreform gëllt et virun allem, dësen demokratesche Grundsatz ze verwirklechen. Mir brauche staark Gemengen. Si si Garant fir e staarke Service public, fir gesteigert Liebensqualitéit, fir ekonomesche Wuesstum, fir Wuelstand. Wien d'Proximitéit zum Bierger an d'Subsidiaritéit eescht hält, muss d'Gemengewiese vun enne stäerken.

Duerfir ass et esou wichteg, datt mer iwwert d'Gemengefinanze schwätzen. Mä och hei konnt d'Kommissioun sech a hiren Iwwerleeungen nëmmen op generell Orientéierungen eenegen. Eigentlech ass et schued, datt dës Kommissioun et net fäerdeg bruecht huet, grad am Volet vun de Finanze méi wäit, méi an den Detail ze goen. An dat besonnesch och, well keen, awer wirklech guer keen d'Wichtegkeet vun enger Reform vun de Gemengefinanzen a Fro stellt.

Schonn 2002 ass e Conseil supérieur des finances communales an d'Liewe geruff ginn, mam Zil fir an engem Geescht vun Zesummenaarbecht, Transparenz a Partenariat eng iwwerfällleg Reform vun de Gemengefinanzen ze begleeten a bei all Gesetz, dat eng Répercussioun op d'Gemengewiese kann hunn, säin Avis ofzeginn.

Fait ass awer: Wann een näischt maache wëllt, setzt een e Conseil supérieur an, fir Zäit ze gewannen a Problemer mauschen ze loosse. Eppes ass hei glaskloer: Et feelt jiddefalls an der Majoritéit de Wëllen, eppes un de Gemengefinanzen ze änneren. Zënter Jore gëtt monéiert, fir d'éischt schwätze mer iwwert d'Kompetenzopdeeling, d'Missiounen an d'Territorialreform an eréischt duerno, och, wann et bis Mokuchsdag dauert, schwätze mer iwwert d'Finanzen.

Dës Regierung bleibt an dëser Fro um séchere Wee an hält bewosst krass Ongerechtegkeeten a Kaf. Besonnesch bei der Gewerbesteier mierke mer, datt de Verdeelungsschlüssel komplex a wéineg transparent ass, an en plus ass dës Steuer ganz staark konjunkturrel ofhängeg. Derbäi kënnt, datt et grouss Ënnerscheeder bei de Recettë vun engem Joer zum anere ka ginn. D'Gemenge brauchen awer stabil Recetten, fir Planungssécherheet ze hunn.

De Fazit ass hei einfach, datt deenen enge Gemengen d'Ochsen um ieweschte Späicher kaalwen an anerer mussen de Salto schloen, fir den ordinäre Budget beieneenzekréien.

Zum Fonds communal de dotation financière ass just ze soen, datt d'Participationstauxen un deenen eenzelne Steieren - um Akommes, op der Autosteier, un der TVA - 1967 fixéiert goufen an duerno ni méi adaptéiert goufen. Dës Tauxen entsprechen deemno net méi där verännerter Steuerlandschaft. Duerch den europäeschen Harmoniséierungsprozess koom et nämlech an deene leschte Joren zu enger Verlagerung vun deenen direkten op déi indirekt Steieren. Besonnesch d'TVA, wou

d'Gemengen nëmmen 10% hunn, huet massiv u Gewiicht gewonnen.

Aus all deene Grënn huet d'Kommissioun zréckbehalen, datt d'Evolution vun der Recette communale parallél zu de Stats-recettë soll an d'Luucht goen. Och gouf festgehalten, datt nei Missiounen oder besser gesot all Kompetenztransfert automatisch mat engem entspreichenden Transfer vun de finanzielle Mëttele begleet wier. Eigentlech lauter ganz normal Ofleef, déi awer an der Vergaangenheet keng Selbstverständlechkeet waren.

D'Gemengen hunn an der Vergaangenheet och ëmmer kloer, prezis an transparent Kritäre bei den Investitiounssubside verlaangt. An dësem Sënn ass d'Ausso, datt déi sougenannt Centres de développement et d'attraction verstärkt sollen ënnerstëtzt ginn, och nëmme eppes Normales, eppes, wat an d'Konzept vun der konzentréierter Dekonzentratioun passt.

Wéi laang gëtt scho vun enger Reform vun der Grondsteuer geschwat?

Dës Steuer huet einfach kee Bezuch zur Realitéit. 2003 huet dës Chamber d'Regierung opgefuerdert, eng Reform an d'Wee ze leeden. An och bei dëser Motioun huet d'Regierung et bis haut verfeelt, Neel mat Käpp ze maachen an der Chamber eng Reform ze proposéieren.

D'Grondsteuer kéint awer dat adequat Mëttel sinn, fir de Pouvoir local ze stäerken, do duerch, datt ee selwer iwwert d'Fiskalitéit kann decidéieren. Dorunner änneren déi kleng Modifikatiounen am Pacte logement näischt. Au contraire: D'Ongerechtegkeeten an d'Ongereimtheeten ginn ëm eng Rei Elementer vergréissert.

Wa mir vun enger Reform vun der Grondsteuer schwätzen, da muss mer eis eens sinn, ob mer wëlle finanziellen, wirtschaftlechen, urbanisteschen, städtebauleschen, sozialen, naturschützereschen oder landwirtschaftlechen Ziler gerecht ginn. Déi nohaltig Duerf- a Stadentwécklung muss besser op d'Flächepolitik an der Regioun ofgestëmmt ginn. D'Grondsteuer muss och als Element vun der Siedlungsentwécklung gesi ginn.

Madame Presidentin, d'Kapitel vun de Gemengefinanzen ass jiddefalls net ubruecht, fir e Paradigmewissel anzelauden. An deene leschte Jore wäert d'Regierung coûte que coûte nëmme zu enger eventueller Reform bereet, wa se de Stat näischt méi kascht. An dach huet den Innenminister zesumme mam Finanzminister et emol net fäerdeg bruecht, à guichet fermé, datt heescht innerhalb der gesamter finanzieller Enveloppe, déi de Gemengen zur Verfügung steet, krass Ongerechtegkeeten auszemäerzen.

Méi schlëmm nach, ënnert dem Deckmantel fir méi Transparenz an d'Gestioun vun de Subsidien eranzebréngen, huet de Stat seng Subsidepolitik verstärkt, wat méi e groussen Deel un zweckgebonnene Sue mat sech bruecht huet.

De Stat huet also kontinuéierlech méi eng grouss Emprise op d'Gemenge kritt, wat e Verloscht vun Autonomie mat sech bruecht huet an och a flagrantem Widdersproch ass zu de Prinzipiën vun der Charte européenne de l'autonomie communale.

E moderne Stat verlaangt eng strikt Applikatioun vum Subsidiaritätsprinzip. Autonomie erreecht ee mat engem Maximum vun net zweckgebonnene Suen, déi d'Gemengen a Missiounen no hirem fräie Choix engagéieren.

Als Demokratesch Partei bedauere mir aus all deene Grënn, datt d'Kommissioun an hiren Iwwerleeungen iwwert d'Gemengefinanzen net méi wäit gaangen ass. D'Demokratesch Partei huet ëmmer gesot, datt eng Territorialreform zwéngend mat enger Reform vun de Gemengefinanze muss analyséiert ginn.

Ech ginn zou, datt keen eng Patentléisung aus dem Hutt kann zauberen.

(Interruption)

Grad duerfir muss mer de Wee vun de klenge Schrëtt goen, soss riskéiere mer, um Enn vum Prozess vun der Territorialreform keng konsensfäeg Finanzreform parat ze hunn.

De Wee vun transparente Gemengefinanze wëllen awer bewosst verschidde Leit net matgoen, duerfir huet besonnesch och d'LSAP eng äusserst skeptesch Haltung a verschiddenen Diskussiounen ageholl.

Dobäi muss ee wëssen, datt de Budget net der Regierung gehéiert, mä dem Vollek. An dat Vollek sëtzt nun eemol och an de Gemengen. D'Demokratesch Partei ass jiddefalls der Meinung, datt eng Reform vun de Gemengefinanzen zesumme mat enger Territorialreform muss operationell sinn. D'Kär-

elementer vun esou enger Reform mussen aus evidente Grënn vun Transparenz virun der Finalisatioun vun der Territorialreform bekannt sinn.

Madame Presidentin, Dir gesitt, beim Volet vun de Gemengefinanze si mer, wéi de Rapporteur et och gesot huet, nach e bësse schwach op der Broscht, an et ass dëst den Haaptschwaachpunkt vum ganze Rapport. Et kann een dat net genuch widderhuelen. Well generell gekuckt ass et eng falsch Approche, fir gleewen ze dinn, mat enger Territorialreform géife mer automatisch op ee Coup all Problemer léisen.

Neen, eng Territorialreform ass ee kontinuéierleche Prozess. Parallell zum Prozess muss mer mat engem kloren Zil virun Aen och eis aldeeglech Hausaufgabe maachen. Mam Bléck op d'Territorialreform geriicht, ass de Minister awer am Reformstau stoe bliwwen.

Här Minister, ech ginn net midd fir ze soen - an ech widderhuele mech -, mir brauchen esou séier wéi méiglech d'Plans sectoriels, mir brauchen esou séier wéi méiglech Verbesserungen, virun allem Vereinfachunge vum Aménagementsgesetz vun 2004. Mir brauchen d'Reglementer, fir d'Gesetz vun 2004 iwwert d'Administration des services de secours a Kraaft ze setzen. Mir brauchen eng Loi-cadre iwwert d'Communautés urbaines. Mir wësst gären, wou mer präislech beim Waasser landen. Mir brauchen ee Vertrauensvorschluss a puncto Gemengenautonomie, dat heescht manner Bürokratie, manner Virschréttewirrwarr, manner administrativ Schikanen.

Wann een d'Gemengelandchaft wëllt nei gestalten, muss een aus dem Reformstau. Et geet net duer, vill lasszekappen. Et geet net duer, grouss Visiounen unzedeiten. Den Helmut Schmidt sot eng Kéier, datt, wann ee Visiounen huet, ee misst bei den Dokter goen.

(Brouhaha général)

D'DP huet an der Vergaangenheet de Bewäis erbruecht, datt se eng gutt Sensibilitéit an eise Gemengen huet.

D'DP war, ass a bleibt prett, fir an aller Sachlechkeet konstruktiv un enger Territorialreform matzeschaffen. Mir brauchen nämlech staark Gemengen. Duerfir wäerte mir och als Fraktioun vun der Demokratescher Partei souwuel d'Motioun wéi och d'Resolutioun stëmmen.

Ech soen lech Merci.

» Plusieurs voix. - Très bien!

» Mme le Président. - Merci, Här Etgen. D'Wuert huet elo den honorabelen Här Bodry.

» M. Alex Bodry (LSAP). - Madame Presidentin, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll e groussen „Uff“ hei ausdrécken, net no der Ried vun Här Etgen, mä „Uff“ no dräianenhalleft Joer Aarbecht an der Spezialkommissioun hei vun der Chamber. An ech mengen, et geet ville Kollegen, besonnesch de Membere vun där Kommissioun, sécherlech ähnlech.

Et ass gepackt. Gepackt, net fir op d'Zilgerad ze kommen, mä gepackt mat engem Resultat, wat sech weise léisst a wou ee mat Erliichterung feststellt, dass déi Aarbecht, déi gemaach ginn ass iwwert déi laang Joren, déi sëllegen Diskussiounen an Auditiounen, déi d'Kommissioun gefouert huet an déi sech net alleguerten an deemselwechte Mooss an deem Rapport final do erëmspigelten - do ass nach vill méi Dokumentatioun a vill méi Wëssen ugesammelt ginn, wéi dat sech an deem scho voluminéise Rapport erëmspigelt -, eis e Stéck weiderbréngen.

E Stéck weider par rapport zu deene Konklusiounen, déi d'Chamber am Joer 2003 zu enger ähnlecher Problematik gezunn huet. E Stéck weider am Sënn vun der Modernisierung vun de kommunale Strukturen zu Lëtzebuerg, dem Fonctionnement an der Glidderung vun der öffentlecher Verwaltung hei am Land.

D'Territorialorganisatioun vu Lëtzebuerg, d'Kompetenzopdeeling tëscht Stat a Gemengen, Regionalsyndikater, Gemengefinanzreform, Statut vum Buergermeeschter a vun de Gemengeréit, Verwaltungstutelle iwwert d'Gemengen, d'Aféierung vun engem Code communal mat engem Code territorial: Dat alles si Stéchwierder. Si si schonn hei genannt ginn an ech wëll net méi dorop agoen.

Et muss eis allerdéngs och bewosst sinn, dass dat alles net terribel sexy ass an den Ouere vun de Leit dobaussen.

(Interruptions)

Dat ass dee grouse Problem, dee groussen Hoff, dee mer nach mussen gemeinsam

hei fäerdeg bréngen, well ech mengen, dass zwar Iwwerzeegungsarbecht hei an der Chamber gelescht ginn ass an dass och iwwer wäit Strecke konnt eng Grond-iwwereneestëmmung erziilt ginn iwwert d'Ausrichtung vun deene Reformen, mä dass awer dat Wichtegst an dat Entscheedendst eigentlech nach ze maachen ass.

Mir müssen all déi doten dach relativ theotesch an abstrakt kléngend Begrëffer elo a Musek bréngen an och kloermaachen, firwat dass mer all dat dote wëllen, firwat dass mer der Meinung sinn, dass mer net kënnen esou weiderfueren an deem bestehende legalen a strukturelle Kader, wéi mer et zënter laange Jorzéngten hei zu Lëtzebuerg kennen.

Et bleift also e bëssen e politesch-techneschen, technokratesche Rapport an der Linn vun all deenen ähnleche Rapporten, déi Chamber un d'Regierungen zu deene Punkte mécht.

Wat mir mussen ronnbréngen, dat ass, dass mer déi Grëffegkeet, déi besonnesch an de Konklusiounen awer erakomm ass an dee Rapport, ëmkéieren an dass mer kloermaachen, dass een déi dote Fro net nëmme ze kucken huet duerch de Brëll vun deenen, déi plangen, vun deenen, déi organiséieren, mä dass mer virun allem déi dote Reform - dat ass eigentlech den Ausgangspunkt vun deem Ganzen - duerch de Brëll mussen kucken vun deene beträffene Bierger - vum Vollek, wéi mä Virriedner hei gesot huet.

Wat sinn haut d'Ufuerderungen, d'Erwaardungen, déi de Bierger un d'öffentlech Verwaltung stellt?

Wat fir eng Déngschtleeschunge fir sech, fir seng Famill, zu wat fir enge Konditiounen, zu wat fir enge Präisser kann een erwaarden? Wou ginn déi Déngschtleeschungen am beschten organiséiert?

Wéi erhalen, wéi verstärken, wéi retabléiere mer d'Verbindung tëscht dem Bierger an de Verwaltungen? Wéi gesi mer d'Kommunikatioun tëscht de Bierger respektiv de Verwaltungen an de Bierger?

Wéi garantéiere mer de gesellschaftlechen Zesammenhalt an de lokale Gemeinschaften? Wéi gewährleeschte mer d'Matsproocherecht vum Einzelnen an eng wirksam demokratesch Kontroll och op lokalem Niveau?

Dat sinn essenziell Froen, déi mer eis mussen stellen, déi och deelweis Ausgangspunkt ware vun den Diskussiounen bei eis an der Spezialkommissioun, mä déi awer am Laf vun eisen Diskussiounen vläicht e bësse verluer gaange sinn an deem Ganzen, well mer eis konzentréiert hunn op Strukturen, op d'Gesetzter, op d'Reglementer, op d'Prozeduren.

Et ass also wichteg ze betounen, dass den A an O, den Ausgangspunkt an den Zweck vun allem ass, fir eigentlech eng Verbesserung vun den Déngschtleeschunge fir de Bierger kënnen ze garantéieren. Dat ass déi eigentlech Ursach vun dëser Territorialreform, iwwert déi mer haut diskutéieren.

Wa mer also wirklech wëlle richtig reforméieren, da muss mer och iwwerzeegen. An déi Iwwerzeegungsarbecht, bei der Öffentlechkeet besonnesch, déi muss nach zu engem groussen Deel gelescht ginn, well dat, wat bis elo eriwuerkomm ass, eigentlech nëmme Deelaspekter, heiansdo och Detailspekter vun deem Ganze waren, wéi de Michel Wolter ganz richtig a senger Ried hei duergeluecht huet.

An och eng breet Zoustëmmung vun de politesche Parteien iwwer eng Rei vun Hauptachse vun där Territorialreform dispenséiert eis op kee Fall, fir déi doten demokratesch Debatt offensiv unzegoen. Mir ënnerstëtzen do och zu honnert Prozent deeren Appel, deen de Michel Wolter hei am Numm vun der Kommissioun gemaach huet.

Am Endeffekt wäerten déi skizzéiert Reformen e Succès ginn, wa mer eppes fäerdeg bréngen: Wa mer fäerdeg bréngen, d'Plus-value, de Mehrwäert vun deem Ganze kloer a vernünfteg no baussen ze vermëttelen.

Vill Bierger, dat muss ee jo och soen, hunn, ech menge meeschtens zu Recht, den Androck, dass hir Gemeng uerdentlech verwalt, uerdentlech geféiert gëtt. Et soll een net den Androck opkomme loosse, wéi wann hei an de Lëtzebuerger Gemengen et géif hott an har goen, wéi wann hei u sech keng uerdentlech Gemengeféierung do wär. D'Regel ass, dass dat uerdentlech gemaach gëtt.

An der Debatte ronderëm Gemengefusioun a regional Zesammenschluss respektiv d'Kompetenztransferten, déi domadder zesummenhängen, gëllt et ganz kloer erauszeschielen, zu wat op laanger Siicht d'Weiderféierung vum Status quo géif féieren, wou mer do an 20 Joer géife landen, par rapport zu deem, wat hei proposéiert ass vun Neie-

runge a wat de Mehrwäert an d'Verbesserunge wären, déi déi Neierung, deen neie System eigentlech bréngt. Dat musse mer fäerdeg bréngen.

Dat ass d'Quintessenz vun der Diskussioun, déi ze féieren ass: Kloezermaachen, dass een net méi kann esou weiderfueren, wéi et elo ass, well dat laangfristeg an eng Situatioun eraféiert, déi net zefridde stellend ass, mä dass dat, wat hei proposéiert ass, eigentlech dee Wee ass, dee mer musse beschreiden, wa mer wëllen een Zil erreechen.

D'Zil ass et, nohalteg ze garantéieren, dass all Bierger am Land eng equivalent Offer vun Déngschtleeschungen zu akzeptabele vergläichbare Konditiounen a Präisser ugebuede kritt. Dat ass dat eigentlech Zil, wat mat där Territorialreform gesicht gëtt. An dee Message do musse mer an der Diskussioun, an der Debatt mat de Bierger ganz kloer a glafwierdeg vermëttelt kréien.

Mir mengen als LSAP-Fraktioun, dass mer mat deenen Iddien, déi elo virleien, wou e Konsens besteet, där Hauptzilsetzung mat där geplangter Territorialreform méi no kommen a méi gerecht ginn, wéi wa mer einfach d'Situatioun weiderlafe loosse wéi se haut ass.

Méi grouss Gemengen, dat ass jo eng vun de Konsequenze vun deem Ganzen. Méi grouss Gemengen, esou wéi dat déi Reform virgesäit, si méi staark a kënnen am Regelfall méi bidden, hirer Grondmissioun also méi effizient a méi präiswäert nokommen.

Mir wëllen also mat dëser Reform och d'Verwaltung net vum Bierger ewechbréngen, mä den direkte Lien - den Noperschaftslien - behalen an deem Ganzen. Mir wëlle Gemengen, déi iwwert déi néideg Kompetenze verfügen, déi ouni iwwerflësseg Tutelle autonom och an hirem Zoustännegkeetsberäich handele kënnen. Si maachen dat selbstverständlech net lassgeléist vun all deem, wat ronderëm si geschitt, mä no demokratesch festgeluechten nationalen a regionalen Oplagen.

Et ass vill Viraarbecht geleescht gi vum zoustännege Ministère, vun der Regierung, vum Syvicol, vun der Gewerkschaft vun de Gemeindebeamten, an eis Kommissioun huet och Hires dozou bäigedroen. Ech wëll och an eisem Numm dem Michel Wolter fir d'Féierung vun där Kommissioun Merci soen.

Déi Suerg, déi hien hat, fir och wa méiglech e Grondkonsens erauszekristalliséiere bei deem Ganzen, dat war immens wichteg am Virukomme vun där Diskussioun, well mer vun Ufank u eens waren, dass een esou eng Fro wéi déi heiten net ugeet an enger Kampfstömmung - Majoritéit géint Oppositioun -, dass do keng Eestëmmegkeet muss bestoen, mä op jidde Fall awer eng ganz breet Majoritéit muss bestoen, fir esou strukturell Reformen net nëmmen unzegoen, mä se herno am Endeffekt och kënnen ëmzesetzen. Do brauch ee schonn e ganz staarke Support, och wann dat bedeit, dass jiddferree muss e bësse Waasser a säi Wäin eraschëdden a Konzessiounen maachen op eenzelne Punkten, déi him vläicht besonnesch um Härz leien.

Mir sinn als LSAP-Fraktioun frou driwwer, dass sech am Laf vun deenen Diskussiounen iwwer dräi Joer vläicht eng Rei vu Mëssverständnisser opgeléist hunn an dass et elo kloer ass, dass déi generell Approche, déi mer bei deem Ganzen hunn, eng partnerschaftlech Approche ass. Hei geet et net drëm, een deem anere seng Meinung mordicus ze imposéieren, mä dass dat partnerschaftlech sollt ugaangen an och ëmgesat ginn tëschent all deenen, déi concernéiert sinn, déi Responsabilitéit droen op nationalem an op lokalem Plang, a selbstverständlech dass mer dat och esou maachen, dass do e méiglechst breede Konsens an der Ëmsetzung herno besteet.

Déi dach staark ze spierend Tendenz zu enger relativ staarker Nationaliséierung respektiv Zentraliséierung fanne mer och net méi esou am Enddokument erëm. Mir begrëssen dat och, well et wichteg ass, dass mer déi néideg Differenzéierung maachen, dass mer net onbedéngt eng Schabloun iwwert dat ganz Land zéien, mä dass een ëmmer kuckt vu Géigend zu Géigend: Wat sinn d'Problemer? Wat sinn d'Méiglechkeete vun der Zesummenaarbecht? Wéi geet een déi am beschten un?, an deementsprechend da fir déi eenzel Fäll op d'Mooss geschneidert Léisunge praktesch sicht, anstatt ze probéieren, dat ganzt Land iwwer ee Leescht ze zéien.

Mir sinn och frou - dat soen ech kloer, dat war jo nach e Punkt, dee mer bis zulescht an der leschter Sitzung diskutéiert hunn -, dass déi Iddi ewech ass vum sougenannte staatlechen Territorialvertrieder, dem Représentant territorial de l'État, dee mat all méigleche Begrëffer tituléiert ginn ass am Laf

vun der Diskussioun. Mir mengen net, dass d'Gemengen hei zu Lëtzebuerg, an esou engem klenge Land wéi Lëtzebuerg, een eenzegten Interlocuteur brauchen an hire Relatiounen mam Stat respektiv mat der Regierung.

Mir sinn och der Meinung, dass, wann ee scho wëllt moderniséieren, eng Fonctioun wéi déi vum Distriktskommissär net méi zäitgeméis ass. Dat ass an eisen Ae wierklech nach Postkutschenzäitalter. Mir sinn der Meinung, dass an enger moderner Organisatioun vun den Territorialstrukturen esou eng Fonctioun mat deene Missiounen, déi se traditionell hunn, haut kee Sënn méi ergëtt.

Duerfir si mer der Meinung, dass een dat Ganzt soll integréieren an de Ministère. Nächst verhënnert - dat wär positiv -, wann de Ministère géif mat verschiddene regionalen Antenne fonctionnéieren, fir op deem dote Wee och déi Proximitéit zu de Gemengen ze garantéiere respektiv fir op deem doten Niveau och kënnen eng ganz Rëtsch vu Berodungen de Gemengen unzebidden.

Ech sinn och frou, dass am Laf vun der Diskussioun déi Tournure ronderëm d'Fusiounen derfir gesuergt huet, dass déi Pléthore vun neie Mengengestrukturen - Comité de commune, Comité d'agglomération an, an, an - u sech elo net wäert kommen, mä dass mer do eng überschaubar Rumm behalen, dass et net zu enger Multiplikatioun kënnt vun interkommunale Strukturen, wou et ganz schwéier ass, dann effektiv déi néideg rationell Organisatioun an deem Ganzen ze behalen.

Do stellt sech natierlech och ganz akut de Problem vun Disponibilitéit a Kontroll vun all deenen doten Institutiounen. Wat schlussendlech zrëckbehale ginn ass, dat ass e System, deen de Wee hält an dee sécherlech kann eng flott Saach sinn.

Fir eis ass et och kloer, dass dat eigentlecht Haaptinstrument vun der Zesummenaarbecht misst e Syndicat à vocation multiple sinn. Dat heescht, e fräien Zesummeschloss vun de Gemengen, déi hir Problemer erkannt hunn, wëllen d'Problemer gemeinsam léisen a sech dann déi néideg Regele ginn, fir dat kënnen op engem interkommunale Plang ze maachen. Dat dote misst an deenen absolut majoritäre Fäll déi gëeegent Struktur sinn, fir kënnen op regionalem Plang an op interkommunalem Plang zesummenzeschaffen.

Mir sollten - ech hunn et schonn e puermol gesot - dat erhalen, wat gutt fonctionnéiert. Et gëtt kee Grond, fir dat dann ëmzeännere. Et sollt een u sech do d'Ännerungen usetzen, wou mer wierklech mengen, dass eppes net esou fonctionnéiert wéi et soll sinn, an deementsprechend dann och déi néideg legislativ a reglementaresch Initiativen huelen.

An deem Zesammenhang betounen ech et nach eng Kéier - dat hu mer vun Ufank u gesot -, dass mer dat Syndikatswiesen, wat iwwer Jorzéngten e bësse wëll gewuess ass hei zu Lëtzebuerg, ouni dass richtig probéiert ginn ass, do lenkend a méi rationell anzegräifen, musse parallel och kritesch duerchlichten. Och do gëllt d'Regel: Dat, wat gutt fonctionnéiert, dat sollte mer halen, an do, wou Schwachstelle sinn, do sollte mer nobesseren esou schnell wéi méiglech.

Et bleift ee Problem, wou et och keng Patentléisung gëtt, dat ass natierlech, dass all déi iwwergeuerdnet Gremien an all déi interkommunal Zesummenaarbecht méi wäit ewech si vun deenen direkt Gewieltenen, an normalerweis zum Beispill déi lokal Oppositionsparteie keen direkten Zougang zu deene Gremien do hunn. Dat bleift e Problem an deem System. Deen ass an anere Länner och net anescht. Mä et muss ee soen - et soll een awer esou objektiv sinn -, dass déi direkt Kontroll vun deem Gewieltene sécherlech am Syndikatswiesen net déi Intensitéit huet, wéi dat am Gemengerot de Fall ass. Een, dee Member vun esou Comitéen ass, dee weess, wéi dat am Regelfall do ofleeft.

Duerfir ass et an eisen Aen och wichteg, dass mer déi néideg Viraussetzunge schaffen, och besonnesch wat de Congé politique ugeet, dass déi Aarbecht do, déi an de Syndikater gemaach gëtt an déi an den interkommunale Strukture gemaach gëtt, och iwwert deen néidege Kredit vu Stonne verfügt, fir dass kënnen déi Gewielten déi doten Aarbecht mat darselwechter Intensitéit maachen, wéi se hir Aarbecht an hiren eenzelne Gemeinde maachen. Dat ass haut leider net an alle Fäll méiglech.

Och do ass et wichteg, dass déi politesch Responsabel eng permanent Kontroll iwwert den administrativen an technesche Staff vun deene Syndikater maachen, wéi se dat an hire Gemeinde maachen. Ech hunn och do den Androck, dass dat haut bis op

eenzel Ausnahmen net iwwerall an deem-selwechte Mooss de Fall ass. Duerfir si mir der Meinung, dass muss en Effort gemaach ginn, fir och do déi optimal Viraussetzung ze schafen. Wann een där interkommunaler Zesummenaarbecht méi Bedeutung wëllt ginn an Zukunft, da muss een och derfir suergen, dass mer déi professionell Analyséierung, déi op anere Plazen ugestriift gëtt, och an déi dote Gremien erakréien; soss kréie mer en Defizit an der Qualitéit vun der Gestiou, an der Qualitéit vun der politescher an der demokratescher Kontroll an deem dote Beräich.

De Congé politique; d'Stéchwuert ass genannt. Et ass e Fait - an dat kann een net ofstreiden -, dass vill, vill Buergermeeschteren a Schäfte Problemer hunn, mat hirer Zäit eens ze ginn, fir nieft engem Beruf dat doten auszeüben, wéi si sech dat selwer virstellen, wéi et vläicht wëschenswäert wär. Duerfir si mir als LSAP der Meinung, dass een déi dote Fro vun der Erhéijung vum Congé politique net däréf op de Sankt-Nimmerleins-Tag erausschubsen, mä dass direkt och do muss gehandelt ginn. Sécherlech schonn an der Optik vun deem, wat herno u sech d'Grondstrukture vun de Gemengen a vun de regionalen Organer soll sinn.

Eppes méi allgemeng och vläicht iwwert de finanzielle Volet vun dëser Territorialreform, wat - do si mer eis alleguerten eens - eng zougestane Schwaachstell ass vun deem Ganzen. Ech hunn awer och do net kënne feststellen, dass mer schnell zu engem Accord komm wären, wa mer dat hätte wëllen am Detail festleeën. Well och do gi jo d'Meenungen tëschent de Parteien ausereen, mä och tëschent anerer.

An enger anerer Fonctioun sinn ech och Member vum Conseil supérieur vun de Finances communales. Ech weess, dass et an der Partei selwer natierlech jee no deem Brëll, deen ee grad ophuert, e bësse verschidde Meenungen an deem Ganze gëtt, wéi dat sollt reforméiert ginn. Well reforméieren heescht, dass do wäerte Gagnantë si bei deem Ganzen, an et wäert Perdantë gi bei deem Ganzen. Et wäerte Gemeinde méi kréien, wéi se vläicht elo am aktuelle System hunn, an et wäerte Gemeinde manner kréien, wéi dat elo am aktuelle System de Fall ass.

Duerfir ass et wichteg, dass mer eng Rei vu Prinzipië konnten awer an deem Rapport hei festhalen. An eisen Aen ass dee wichtigste Prinzip, dass de Grondkritär, nodeem eigentlech d'Suen op d'Gemege solle verdeelt ginn, deen ass vun de Missiounen, déi déi eenzel Gemengen ze erfëllen hunn. An déi Missiounen differéieren natierlech vu Gemeng zu Gemeng, jee no hirer Importenz a jee no hirer Fonctioun, déi se och an der Landesplanung ze erfëllen hunn.

Dat schéngt an eisen Aen awer en Haaptkritär, e logesche Kritär ze sinn, fir dat festzeleeën. Dat ass haut am aktuelle System net garantéiert. Dat kann zoufälleg emol klappen, mä u sech ass dat net eppes, wat haut direkt garantéiert ass.

Wichteg ass och, dass d'Gemege Planungssécherheet kréien. Dat heescht, dass et eng Garantie gëtt, dass se iwwer e gewëssene Revenu kënnen verfügen. Duerfir ass et och net vu Muttwëll, dass mer eis konnten eenege fir festzeschreiwen, dass d'Gemegefinanze solle méi staark gebonne ginn u d'Evolutioun vun de Statsfinanzen.

Schlussendlech schéngt mer eppes ganz wesentlich ze sinn, an do huet d'Regierung, egal wéi se zesummegeesat ass, ëmmer d'Tendenz, dat e bëssen ze vergiessen: Dat ass, dass et net ka sinn, dass op där enger Säit, all Kéiers wann eng Gemegekompetenz ewechgeet un de Stat, dann natierlech och déi Gelder, déi un där Gemegekompetenz sëtzen, praktesch gestrach gi vum Stat, an ëmgekéiert.

Et kann net sinn, wann eng Kéier esou déci déiert gëtt, fir vun haut op muer de Gemengen nei Chargen ze ginn, dass dann op eemol gesot gëtt: Ma Dir hutt jo nach genuch net affektéiert Einnahmen, fir déi natierlech doranner kënnen anzesetzen.

Also, do wär schonn en Taux partagé wichteg, dass, wann een dat eent mécht, een dann och dat anert muss maachen, soss ass dat net gerecht an esou och net ze akzeptéieren.

Eng interessant Ausféierung, déi een eigentlech net méi erëmfënnt an de Konklusiounen vun eisen Aarbechten, dat war déi vun der zoustänneger Steierverwaltung, wat d'Grondsteuer ugeet. Well déi eenzeg Konklusioun, déi mer missten zéien aus deenen Debatten, déi wär, dass elo misst ugefaange ginn, d'Berechnungsbasis vun der Grondsteuer frësch festzeleeën. Déi Haupterkenntnis, déi mer kritt hunn, war, dass ein-

fach festgestallt ginn ass, dass déi Steuer haut net méi gerecht ass, well se op Donnéeën opgebaut ass, déi net méi deene vun haut entspreichen.

Wann een déi Grondsteuer an d'Grondbesteuerung, d'Besëtzbesteuerung wëllt als Piller beloosse vun eisem Steiersystem hei zu Lëtzebuerg - an ech mengen, dat sollt ee maachen -, da kënnt keng Regierung derlaanscht, do méi ze maachen, wéi nëmmen de Lien tëschent e puer Tauxë festzeleeën. Déi ganz Besteuerungsbasis ass eigentlech frësch festzeleeën an der Zäit vun haut unzepassen, soss ass dat doten Instrument net méi richtig politesch anzesetzen, wann net déi dote Konklusioun dorausser gezu gëtt.

Richtig ass, dass eng Territorialreform ouni parallell Festleeung vun dem fiskalesche Volet net denkbar ass. Dat geet jo eigentlech och ervir aus deem Text, dee mer herno wäerte stëmmen, wou deen dote Lien gemaach gëtt an d'Regierung ganz kloer opgefuerdert gëtt, fir deen dote Lien hierzustellen a Propositionen dohinnerzeleeën, fir dass dat dote parallell ka lafen. Well keng Gemeng léisst sech an eng Aventure era vun engem neie System, wa se déi finanziell Bedéngung vun deem Ganzen net kennt. Duerfir sollt een dat dote maachen.

Wat ech e bësse bedauern, dat ass, dass eng Rei vu punktuellen Ännerungen an eisem aktuelle Steiersystem, wat d'Gemengen ugeet, wou eigentlech en Accord war an der viregter Proposition vun dem Conseil supérieur des finances communales, iergendwéi op der Streck bliwwen sinn, an dass mer op déi dote Froen net méi zrëckkommen, wéi zum Beispill op d'Verdeelung vun der Gewerbesteier an den zweete Kritär vun der Opdeelung no der aktiver Bevölkerung.

Dat fënnt ee leider net méi an eisem Text erëm, mä dat war nach eng Proposition, déi och de Ministère gemaach huet. Do war wéi gesot ënnert dem Conseil supérieur des finances communales virun de leschte Gemengerotswahlen en Accord de principe op deenen dote Punkten.

Ech géif trotzdem nach eng Kéier bidden,...

(Interruption)

...dass d'Regierung dat doten nach eng Kéier géif seriö kucken, fir do schonn déi eng oder aner punktuell Ännerung vläicht an der Loi budgétaire fir 2009 virzegesinn.

Wou een e bësse muss oppassen an deem Ganzen, well ech déi Regierungsreflexer do kennen, dat ass, dass bei all deem, wat elo soll a Regionalfonge goen, bei all deem, wat elo soll vläicht op d'Communautés urbaines vu Gelder kommen, dass dat net au détriment geet vun all deenen anere Gemengen, déi nach ëmmer déiselwecht Missiounen behale wéi virdrun, dass dat nëmmen eng Ëmschichtung ass an dass u sech et zu enger Beräicherung kënnt vun eenzelne Gemengen au détriment vun anere Gemengen, déi awer fir de Rescht all hir Missiounen nach bäibehalen.

Also, do muss een an deenen Diskussiounen mat der Regierung oppassen, wéi d'Entwécklung kënnt.

D'Kompetenzfestleeung ass zwar kee passionnanten Thema fir d'Leit dobaussen, ass awer wichteg. Déi huet en direkten Impakt op dat, wat sech mécht, no bei de Leit. Do ass et awer interessant ze gesinn, dass eng Rei vun Themen, déi während Jore contestéiert waren, iwwert déi et während Jore Sträit ginn ass tëschent de jeeweilegen Innenminister an eenzelne Gemengen, well déi an deene Beräicher Initiative wollten huelen, awer elo gekläert gi sinn, an eigentlech praktesch an alle Fäll, wann ech dat richtig gesinn, zugonschte vun de Gemengen.

Dat gëllt fir d'Energieproblematik, besonnesch och fir de Beräich vun den erneierbaren Energien, wou elo deen Hickhack definitiv därëft eriwuer sinn an elo gesot gëtt, dat ass eng Compétence partagée vun de Gemengen, fir do Initiativen ze huelen.

Datselwecht gëllt fir den Naturschutz, wat och emol an der Vergaangenheet Diskussiounen ausgeléist huet. Dat gëllt bei der Fro vun der Solidaritéit mat den Entwécklungslänner, wou och vill Gemengen am Ka-

der vun enger Agenda-21-Strategie aktiv si ginn, wat och elo unerkannt ass als eng méiglech, selbstverständlech fakultativ Mis-sioun vun de Gemengen.

Dat gëllt och fir d’Fro zum Beispill vun der Chancëgläichheet, wou och Contestatioune méiglech waren a wou et och elo kloer ass, dass och d’Gemengen direkt eng Respon-sabilitéit an deenen dote Froen hunn.

Ech gesinn eigentlech bal nëmmen een Ausnahmebeispill an déi aner Richtung. Dat ass d’Fro vum Spidolswiesen, wou gemengt gëtt, dass d’Spidolsorganisatioun u sech eng Fro vum Stat ass, eng national Fro ass, an dass dat eigentlech keng direkt Kompe-tenz ass vun de Gemengen. Mä och do wësse mer, dass eng Rei vu Saachen histo-resch gewuess sinn, an déi, mengen ech, kann een och net vun haut op muer mat en-gem Fiederstréch ofschaffen.

Ganz positiv sinn d’Iwwerleeungen - a bei deenen Diskussiounen huet, mengen ech, déi zoustänneg Gewerkschaft hiren Obolus gelescht - an der Kommissioun iwwer eng nei, méi modern Organisatioun vun der Ge-meng als Verwaltung.

Mir wëssen alleguerten, dass de Stat an de 70er Joren déi dote Reform gemaach huet. An de 70er Jore sinn d’Carriëren nei defi-néiert ginn. D’Carrière supérieure beim Stat an de Ministère ass eigentlech do eréischt richtig opgebaut ginn. Et muss ee soen, dass während 30 Joer an där doter Fro sech an de Gemengen zumindest offiziell wéineg verännert huet. De Stat huet sech refor-méiert, mä d’Gemege sinn eigentlech wäit-gehendst stoe bliwwen op deem dote Plang.

Duerfir ass et wichtig, dass mer hei de Prin-zip vun der Dräigliederegkeet beim Opbau vun der Gemeindeverwaltung betounen, mat dem administrative Volet ënnert der Res-ponsabilitéit vum Gemengesekretär, mat en-gem finanzielle Volet ënnert der Respon-sabilitéit vum Finanzdirekter a mat engem technesche Volet ënnert der Respon-sabilitéit vun dem Direkter vum technesche Ser-vice, wat normalerweis en Ingénieur oder en Architekt ass.

Dat ass immens wichtig a soll selbst-verständlech fir all Gemege gëllen. Dat gëtt eng ganz Rëtsch vu Garantien. Wann een dat och nach koppelt mat enger gewë-sener Fräizügegkeet bei der Astellung vum Personal, wat spezifesch Missiounen ugeet vun de Gemengen, gëtt dat doten en anert Ëmfeld wéi dat, wat mer haut kennen, wat regelméisseg natierlech zu Diskussiounen a Sträit heiansdo tëschent de Gemengen an dem zoustänneg Ministère féiert.

Déi weider Professionaliséierung vun de Gemeindeverwaltungen ass fir eis Partei eng Viraussetzung och vum Geléng vun der ganzer Territorialreform. An an deem Liicht do sollte mer och d’Fro vum Vollzäitbuerger-meeschter respektiv vum duebele Mandat Deputéierten, Statsrot a Buergermeeschter a Schäffen ugoen.

Et muss sech erausstellen, ob, wann déi Professionaliséierung do pousséiert gëtt, wann d’Gemengen an Zukunft iwwer e Ver-waltungsapparat verfügen, deen déi doten zousätzlech Kompetenzen eigentlech mat-bréngt, dat dem Buergermeeschter deen néidege Fräiraum gëtt, sech bal aus-schliesslech mat politesche Froen, allge-menge Froen ze beschäftegen, net onbe-déngt mat all Detailfro an der Gemeng ze beschäftegen. Dann ergëtt sech do natier-lech och d’Konklusioun, wat d’Disponibilitéit vum Buergermeeschter a Schäffen ugeet par rapport zu deene politesche Missiou-nen, déi en auszeféieren huet.

Mir sollten an eisen Aen also ofwaarden, bis déi dote Strukture stinn, bis mer gesinn, wat fir eng Répercussionen dat eigentlech op den Aarbechtsopwand vun dem Schäfferot huet, an dann d’Konklusiounen zéien, wat de Vollzäitbuergermeeschter respektiv wat de Verbuet vun engem duebele Mandat ugeet.

Wou mer awer ganz kloer eis stäerkste Be-denken umellen, dat ass iwwert déi Iddi, déi am Rapport, awer och am Avis vum Syvicol dran ass, fir d’Schafe vun enger Chambre des collectivités locales. Entweder dat eent...

(Interruption)

Entweder gëtt et eppes nom Modell vun de Chambres professionnelles, an da gëtt et awer e Gremium, wat net en onheemlechen Impakt huet op d’Décisiounen hei an der Chamber, oder awer mir ginn, wéi de Syvi-col dat proposéiert, där neier Chambre do reell Pouvoiren, e Matbestëmmungsrecht, e Kodécisionsrecht fir all Froen, wou d’Ge-menge mat touchéiert sinn. Da bitt sech Lët-zebuerg de Luxus, fir als Land vun enger hallwer Millioun Awunner dräi Chamberen ze hunn: déi éierewäert Chamber hei, eis Deputéiertechamber; eise Conseil d’État, deen hei traditionell e bëssen d’Fonctioun vun enger zweeter Chamber huet; an och nach eng drëtt Chamber, déi dann déi lokal Pouvoiré géif représentéieren.

Mir mengen, dat wier e bëssen ze vill däärs Gudden a géif eis net weiderbréngen. Mir riskéieren, eise System vill méi komplex nach ze maachen an och e gewëssene Blo-cage an d’legislativ Prozeduren eranze-bréngen. Duerfir also Virsiicht, ier een un esou Iddien erugeet.

Fir eis ass wichtig, dass an deem Rapport och besonnesch de Subsidiaritéitsprinzip betount gëtt. Well dee jo seet, dass eigent-lech eng öffentlech Déngschtleeschung méiglechst no beim Bierger soll ugebuede ginn. Dat heescht also, fir d’éischt um Ni-veau vun der Gemeng, a wann dat net déi richtig Instanz ass, fir déi Déngschtleeschung do unzebidden, dann op engem regio-nalen Niveau, a wann dat nach ze kleng ass aus territorialen Iwwerleeungen, dann ass et den nationalen Niveau, dee soll spillen.

Et ass awer evident, dass dee Subsidiari-téitsprinzip net lassgeléist ass vun anere Froen, notament där vum allgemengen In-térêt respektiv vum nationalen Intérêt, wou de lokalen Intérêt sech selbstverständlech ënnerzeuend huet. An dee generellen, nationalen Intérêt, deen hätte mir gäre méi kloer definéiert a Gesetzestexter, wéi dat haut de Fall ass, wat haut e Begrëff ass, deen ee kann erunzéien, mä deen a ken-gem Domän eigentlech richtig definéiert ass.

Duerfir maache mir eis dofir staark, dass mer deen allgemengen nationalen Intérêt preziséieren an engem Gesetzestext, an da gëtt natierlech och doduerjer d’Kontroll, déi vun engem Ministère iwwert d’Gemengen ausgeübt gëtt, e Contrôle de légalité an ass da kee Contrôle d’opportunité méi.

De Contrôle de légalité, dat ass de grouse Prinzip, deem sech och am Rapport hei ver-schriwwen gëtt. Den Double degré de contrôle duerch d’Distriktskommissariater respektiv duerch de Ministère soll ofgeschaf an duerch en eenheetleche Contrôle ersat ginn. Och dat ass fir eis eng ganz wichtig Vereinfachung vun de Prozeduren.

Mir wëlle jo net alles méi komplizéiert maa-chen, mä eigentlech muss d’Zilsetzung vun esou enger Reform et sinn, alles méi ein-fach, alles méi transparent ze maachen. Dat kënne mer, mengen ech, doduerjer riskéie-ren, wat awer net heescht, dass kee Contrôle däärf bestoen.

(M. Lucien Weiler reprend la Présidence)

Duerfir soe mer jo och, dass d’Finanzkon-troll net méi soll an Zukunft gemaach gi vum Ministère selwer, deen zum Deel dann even-tuell op seng eegen Décisiounen stéisst, mä dass een dat mécht duerch eng Rech-nungskummer, déi kéint ugesiedelt gi bei ei-ser Cour des Comptes, fir déi dote spezi-fesch Kontroll vun de Gemengen och kën-nen ze maachen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech kommen esou lues zum Schluss. Ech mengen, dass mer hei e vernünftege Wee amgaange sinn ze goen, wou et net eist Zil ass, alles ëmzekrempelen, fir et ëmzekrem-pelen, mä wou mer mat engem gesonde Mënscheverstand wëllen un déi Problemati-ken erugeen, déi sech lokal a regional stel-len, wou mer dat wëllen zesummeleeën, wat eigentlech zesummegehéiert, a wou mer dat wëlle belossen, wat haut uerdentlech fonctionnéiert.

Mir wëlle pragmatesch dorun erugeen, dat heescht och, dass mer der Situatioun um Terrain virun allem wëlle Rechnung droen, dass mer also sollen all Dogmatismus an all iwwerdrifwonen Zentralismus hei bäisäit-loossen.

D’Sozialiste sinn e bëssen aus de Geme-nen erausgewuess. Dat erklärt och, firwat dass mer vläicht méi wéi anerer fir staark an autonom Gemege sinn, Gemengen, déi awer musse liewensfäeg sinn; Gemengen, déi iwwert déi néideg Viraussetzunge verfüge vun hirer Gréisst hier, vun hirer Po-pulatioun hier, vu Kompetenzen a Personal hier, awer och vun de Finanzen hier, fir hire legale Missiounen kënne nozekommen.

An deem Sënn schéngt eis dee Riichtwäert vun 3.000 Awunner als Mindestnorm - dat

ass e Riichtwäert, en ass also flexibel unze-setzen - och net falsch ze sinn.

Liewensfäeg Gemengen, déi mer alleguerte wëllen hunn, spéitstens am Joer 2017, déi sollen och kënne ouni iwwerflësseg Mom-perschaft vum Stat hier uerdentlech fonc-tionnéieren, an engem proppere legalen a prozedurale Kader, wou se sech selbst-verständlech musse regionalen an nationale Prioritéite beugen. Dat ass dee Wee, dee mer wëlle goen.

Wichtig ass et fir eis, dass mer och an der regionaler Zesummenaarbecht d’Gemege selwer entscheede loossen, wat fir eng Struktur si sech wëlle ginn, wat déi ass, déi ugepasst ass, fir déi Problemer, déi sech konkret an hirer Regioun stellen, ze léisen. Dat si vu Regioun zu Regioun aner Proble-me.

Duerfir och d’Schwieregkeet, déi Kompe-tenzfroen national wëllen unzegoen. Dat mécht sech oft anescht an deenen eenzelne Géigende vum Land, an duerfir plädéiere mer nach eng Kéier fir eng differenzéiert Approche an deem Ganzen, ouni natierlech déi grouss Zilsetzungen aus den Aen ze verléieren.

Dëse Rapport, ech hunn et gesot, bréngt eis e gutt Stéck weider par rapport zu deem, wat d’Konklusiounen ware viru fënnef Joer hei vun dëser Chamber. Un dëser Re-gierung ass et nach, déi éischt Weichen ze stellen an deem Ganzen. Mir wëssen, dass d’Zäit knapp ass, fir dat ze maachen, mä de Gros vun der Aarbecht, dee kënnt sécher-lech op déi nächst Mandatsperiod duer, op déi nächst Regierung duer, mat enger Chamber, déi sech net soll dorop beschrän-ken, Impulser ze ginn, mä déi och, an dat wëllt si och maachen, bei der Ëmsetzung vun deem Ganzen eng aktiv Roll weider wëllt spillen, net nëmme vum Kontroller, mä och eng aktiv Roll an deem Sënn, dass se wëllt weider gutt Iddien an Ënnerstützung a Begleedung an deem ganze Prozess ginn.

An dësem Sënn wäerte mir och déi zwee Texter, d’Motioun an d’Resolutioun, stëm-men.

Merci.

» Plusieurs voix. - Très bien!

» M. le Président. - Merci, Här Bodry. Nächste Riedner ass den honorabelen Här Camille Gira.

» M. Camille Gira (DÉI GRÉNG). - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, aus der Postkutschenzäit an den Internetzäit-alter sollt d’Spezialkommissioun d’Lëtze-buerger Gemege féieren. Dat ass trotz dräi Joer Aarbecht a 45 Sitzungen net gelongen. Mir si just bis an d’Zäit vun der elektrescher Schreifmaschinn komm.

(Hilarité)

Wann et net gelongen ass, dee grouse Sprong ze maachen, da läit dat sécher net um Président-Rapporteur. Hien huet mat vill Gedold a Wëllen zum Konsens probéiert, weiderzekommen. Op eng sachlech Aart a Weis huet hie stoesch ëmmer erëm eng Rei Texter presentéiert, fir ze kucken, dass mer eppes Brauchbares kéinte produzéieren. Duerfir, vun eis aus, e ganz grouse Merci fir dat Engagement, fir dat Aushalen an dese Wëllen zum Konsens!

An eisen Ae gëtt et virun allem dräi Ursaa-chen, firwat mer net méi wäit komm si wéi mer elo komm sinn. Éischtens, de Struktur-konservatismus vun d’är enger an där ane-erer Partei. Dass d’DP vun Ufank u manner Handlungsbedarf an dësem Dossier gesinn huet, ass bekannt. Dass d’DP - an hire Spriecher huet et de Mëttlen och gesot -, éischer hofft, dass d’Saache sech vun enne selwer wäerte regelen, ass och net nei.

Déi Gréng deelen déi Meenung net. Och wa mer haut, 2008, nach eenegermoosse mat där aktueller Situatioun iwwert d’Ronne kommen, esou si mer awer iwwerzeegt, an ech wäert herno drop zrëckkommen, dass a 15, 20 Joer déi aktuell Strukturen op kee Fall méi wäerten den Erausforderunge gerecht ginn. Mir sinn iwwerzeegt, dass et net duer-geet, en „bottom-up“-Mouvement duerze-stellen. Dir wësst, dass mir fundamental Unhänger vun där Approche am Prinzip sinn. Mir brauchen och ganz kloer Konzep-ter vun uewen.

Ech muss awer soen, dass mer e bëssen iwwerrascht waren als Gréng, dass dëse Strukturkonservatismus an Tëschenzäit awer och eng sougenannt progressiv Partei befall huet, nämlech d’LSAP. Ech muss lech soen, Dir Dammen an Dir Hären, et ass mir an eis och no dräi Joer nach ëmmer net ganz kloer, wat dann elo déi definitiv Posi-tioun vun der sozialistescher Partei a wich-tege Punkten an dësem Thema ass.

Jee nodeem ob d’Fraktioun schwätzt, jee nodeem ob d’Partei schwätzt, a jee nodeem

- wéi mer et rezent nach héieren hunn - een-zel Lokalmatadore schwätzen, kritt ee wirk-lech Positiounen, déi heiansdo 180 Grad eng vun där aner ënnerschiedlech sinn. Dat ass awer e bëssen erstaunlech. Eng Partei, déi, esou hu mir se op jidde Fall erlieft, ëm-mer fir méi Planungskultur zu Lëtzebuerg stoung an aus där hire Reien de fréiere Lan-desplanungsminister kënnt, dee responsa-bel war fir d’Gesetz vun 1999, wat an eisen Aen net dat schlechtest ass. Mir fannen dat erstaunlech, an et muss ee sech wirklech froen, ob hei net e Réckschrëtt an d’19. Jor-honnert amgaangen ass ze geschéien, wann ee vun eenzelne Leit héiert, dass an där Partei anscheinend awer d’Gemengen-autonomie iwwer allem anere steet.

Zweete Punkt, firwat mer net méi wäit komm sinn: Dat läit an eisen Aen un enger Regie-rung, déi net voll matgespillt huet. Wann ee weess, dass mer fir bal all Äntwert vun der Regierung x Rappeller hu misse schreiwen, wann ee bedenkt, dass mer och no dräi an engem hallwe Joer nach ëmmer net wës-sen, wéi eng Gemeng dann elo wéi vill Sub-side vu wéi engem Ministère kritt huet, da kann een net behaupten, d’Regierung wär an hirer Gesamtheit kooperativ gewiescht.

An dat Bild, wat ech hei viru mer hu vun der Regierungsbänk, mengen ech, seet ge-nuch. No engem Héiflechkeetsbesuch, fir dem Rapporteur nozelauschten, ass de Rescht vun der Equipe verschwonnen an den Innenminister steet an deem Dossier hei, wéi esou dacks, zimlech eleng op wei-ter Flur. An ech kann nëmmen dat ënnerstët-zen, wat scho Virriedner gesot hunn, näm-lech dass, wa mer mengen, déi Territorialre-form wier nëmmen eng Saach tëschent dem Innenminister an deenen 116 Gemengen, mer eis da gewaltig iren. Dat kann net fonc-tionnéieren!

Ech wëll awer betounen, dass den Innen-minister selwer sech all Méi ginn huet, fir ze-summe mat eis weiderzekommen. Mä et hat een awer rar dat Gefill, dass hie seng Re-gierungskolleege vu sengen oder eisen Id-dien iwwerzeegt kritt huet. Jo, et si souguer an darselwechter Zäit, wou mir hei disku-téiert hunn, eng Rei Regierungsinitiative komm, déi an eisen Aen d’Bestriewunge vun engem kohärente Virgoen iwwer Land a Fro stellen.

Ech wëll fir d’x-te Kéier an awer erëm hei un de Pacte logement erënneren, wou géint all Prinzipië vun der Landesplanung ee Minis-ter hiegt a mat der Stränz ganz vill Geld iw-vert d’Land verdeelt. A wann dann den In-nenminister hannendrukënt, ouni e roude Sou an der Täsch, an dee wëllt eng kohä-rent Landesplanung iwwer Land maachen, dann huet deen et natierlech schwéier.

Drëttens mengen ech awer och, dass et an enger Rei Ministère, an och bei enger Rei héijer Beamten, relativ wéineg Versteesde-mech gëtt fir dat, wat eng Gemeng am 21. Jorhonnert ass. De Michel Wolter huet dovou geschwat, dass heiansdo tëschent zwou Nopeschgemengen net ganz genee ge-wosst ass, wat déi eng da mécht a wat déi aner mécht.

Abee, Här President, ech stellen awer och fest, dass an enger Rei Ministère net méi gewosst ass, oder iwwerhaapt vläicht nach ni gewosst war, wat eng Gemeng ass, a sé-cherlech net wat eng Gemeng am 21. Jor-honnert ass. Ech stellen eng profund On-kenntnis fest vun deem, wat eng Gemeng am 21. Jorhonnert soll sinn. A virun allem hunn ech dat Gefill, dass se op ville Plazen op deem Niveau net matkritt hunn, wat an deene leschte 25, 30 Joer geschitt ass.

Ech selwer hunn d’Éier, schonn iwwer 25 Joer am Schäfferot vun enger klenger Land-gemeng ze sinn, an ech kann lech ver-sécheren, Här President, Biekerech 2008 huet näischt méi, awer och guer näischt méi mat Biekerech 1982 ze dinn. Wann ech ku-cken, wat an deene leschte Jore geschitt ass, dann ass kee Verglach méi méiglech. Ech hunn awer dat Gefill, dass nach a ville Ministère a bei villen héijere Beamten d’Meenung ass, mir wieren nach esou wäit wéi mer vläicht an de 70er, 80er Jore waren.

Wann hei an dësem Dossier déi arithme-tesch Majoritéit vun CSV-Déi Gréng hätt kënne spillen, mengen ech, wären d’Chan-cen do gewiescht, dass mer vläicht am In-ternetzäitalter ukomm wieren. Mais une fois n’est pas coutume, et kann een net dauernd hei d’Arithmetik vun der Euthanasieproze-dur uwenden. Ech muss lech awer soen, dass et dann emol géif richtig spannend ginn. Dann hätte mer d’Leit heibannen am Sall, mir hätten d’Press hei an d’Tribüne wäre voll, wann net ëmmer vun Ufank u ge-wosst wär an engem Dossier, wéi mer da géifen hannen erauskommen.

Dat wier dach sécher flotte Parlamentaris-mus: eng Chamber, déi mat Majoritéit va-riable géif hei wichtig Dossiere vu Lëtze-buerg ugoen. Dir laacht elo alleguerten, well

Dir selwer schonn d'Erfahrung gemaach hutt, dass dat wierklech eemol pro Generatioun geschitt, mä ech fannen et net esou fir ze laachen. Kuckt emol an aner Parlament, do kënt et zumindest emol vir, dass och eng Majoritéit net alles schléckt, wat vun enger Regierung kënnt. Wann ee kuckt, an engem franséische Parlament - wou eng absolut Majoritéit vun enger Partei herrscht -, wéi vill Projeten dass eng Regierung do muss zrëckzéien a wéi vill Projekte vun engem Parlament ugekierpt ginn. Dat wier dach flott, mä ech hunn awer selwer och net dru gegleeft, dass dat an deem heiten Dossier, no deem aneren, méiglech wier.

Ech mengen awer kënnen ze behaupten, Här President, dass, wa mer net am Internetzäitalter ukomm sinn, et jiddefalls net un deene Grénge louch. Ech géif och hei behaupten, dass mir scho méi laang dat vläicht kohärentst Konzept virgeluecht hunn. De Rapporteur huet et ewell erwähnt, dass mer eis 1996 schonn, op seng Ufro hin, deemools ganz vill Gedanke gemaach hunn an eiser Partei. Mir haten eis Iddien och an engem flotte Pabeier virgestallt. Mir hunn dat an Tëschenzäit weider ausgebaut.

Ganz vill, muss ech ganz éierlech soen, hu mer net missen änneren, well déi Problematik, esou wéi se sech 1996 gestallt huet, ass haut net wesentlech anescht. Ech wëilt dann och an esou enger kuerzer Form wéi méiglech nach eng Kéier probéieren, eis Analys a Proposen - a Relatioun gesat zu de Konklusioune vum Rapport - duerzeleeën.

Vläicht direkt en Ënnerscheed wat eis Appréciatioun vun der Situatioun ubelaangt a firwat eigentlech esou akuten Handlungsbedarf an deem Dossier hei besteet. Zousätzlech zu deem, wat de Rapporteur an och schonn aner Leit hei gesot hunn, ass natierlech iwwert d'Joren a Jorzéngten d'Aufgabegebitt vun de Gemengen - och vun där klengster Landgemeng - méi grouss ginn. Mir stellen awer och nach en anere Phenomeen fest. Duerch de Phenomeen vun der Globaliséierung, vum Neoliberalismus, mä awer och vun der Verdéiung vun der Europäescher Union sinn eng ganz Rei vu Kompetenze vun den Nationalstaten op en aneren Niveau gaang.

Et si vill Leit dobaussen, déi fannen, dass lues a lues en öffentleche Vide entsteet. D'Leit fille sech deelweis verlooss mat hire Problemer, a wat ass hire Reflex? Si klammere sech nach un déi eenzeg konkret a virun hirer Hausdier present Autoritéit, an dat ass d'Gemeng. Deen do Phenomeen huet an deene leschte 25 Joer ëmmer méi zougeholl, an dat ka jiddferen, dee schonn esou laang Responsabilitéit an enger Gemeng huet, feststellen.

Nach ni sinn esou vill Leit op d'Gemeng komm, wa se eng Aarbecht gesicht hunn, wa se Problemer doheem haten, wa se soss Schwieregkeeten haten. Et ass e förmlecht Hirennen op d'Märei hin, fir ze kucke fir Hëllef ze kréien. An, léif Kolleeginnen a Kolleegeen, wa mer emol eng Kéier bei 200 Dollar de Barrel sinn, a wa mer an deem Land hei deemnächst net d'Wunnengsnout an de Grëff kréien, da wäert Der gesinn, da wäert deen do Phenomeen nach vill méi zouhuelen, dass d'Leit als leschte Refuge fir Hëllef op déi éischt an déi nootsten Instanz ginn, déi se kennen, déi och ganz konkret fir si ass, dat sinn d'Gemengen.

Ech fannen, deem Phenomeen hu mer vläicht an eisen Diskussiounen net genuch Rechnung gedroen. Déi meescht hunn analyséiert a gesot, mir mussen eng homogen Offer vun öffentleche Servicer iwwer Land maachen. Déi Analys deele mir och, dat ass dee Volet vun der Problematik, deen do ass. Ech mengen och, dass mer dee Volet mat deenen ugestriefte Pisten, déi elo hei an deem Rapport sinn, méi oder wéineger geléist kréien. Do kann eng méi grouss oder méi eng kleng Zuel vu Gemengen, déi méi grouss sinn, hëllefen.

Mä ech mengen awer, Kolleeginnen a Kolleegeen, fir déi grouss national a global Défien unzegoen - wéi eng uerdentlech Landesplanung endlech an deem Land hei op d'Been ze kréien, wéi d'Mobilitéit ze reorganiséieren, wéi de Logementsproblem an de Grëff ze kréien, wéi iwwerhaapt eis Espaces naturels ze protégéieren -, an anere Wieder den IVL ëmzesetzen: Wéi wëlle mer déi drëtt industriell Revolutioun ukierpen? A wéi wëlle mer e Paradigmewiessel an der Energiepolitik erreechen an der Uelechfal entkommen, wa mer eis net reorganiséieren?

Duerfir ass et an eisen Aen eng Illusioun - an ech kommen herno nach drop zrëck - ze mengen, wa mer 2017 nach just 50 oder 60 Gemengen iwwer 3.000 Leit hätten, dann hätte mer déi Problemer do alleguerte geléist. Dann hu mer deen éischte Volet vum Défi, nämlech flächendeckend ähnlech Servicer unzebidden, geléist, mä dat eleng geet awer net duer, déi grouss Défien, déi ech elo kuerz erwähnt hunnunzegoen.

Mir hätten duerfir och am léifsten eng duebel Approche gehat, op där enger Säit ze kucken - wéi den Alex Bodry et och e bësse gesot huet -, net elo vun iergendenger abstrakter Zuel auszegoen, mä ze soen: Wat erwaarde mer dann, dass alles an enger Rei Joren an all Gemeng am Land d'office ugebuede gëtt?

Fir eis ass dat relativ kloer. Mir erwaarden, dass all Gemeng muss e Secrétaire communal hunn, e Receveur an och en Ingénieur technicien. E largen Accès ass natierlech wichteg, dat heescht, dass all Dag d'Büroen op si fir den État civil, Bureau de la population an esou weider an esou fort. Mir erwaarden, dass an all Gemeng e Cycle complet vum Préscolaire, Précoce a Primaire ass, ugegliddert dorun eng Maison relais. Mir erwaarden déi néideg sportlech Infrastrukturen, Centre-culturelen an och e Jugendtreff.

Dat soll de Questionnaire sinn. An dat soll och d'Lat sinn, un där mer d'Gemege moossen. Mir sinn der Meinung: Wann eng Gemeng vun 1.700 Awunner déi dote Servicer alleguerte kann ubidden, firwat wëlle mer déi da fusionéieren, wa se dat onbürokratesch an no bei hire Leit ka maachen? Wichteg ass jo, dass d'Leit de Service kréien.

Mir sinn awer gradesou eens mat deene Leit, déi soen, dass eng ganz Rei Gemenge och a fënnef an an zéng Joer déi dote Servicer nach net kënnen maachen. Duerfir soll een higoen an e Schema opstellen, wéi dann déi eenzel Fusioune kéinte sinn.

Mir sinn awer och der Meinung, dass ee bei där Approche muss kucken, wéi dann déi Gemengen do elo scho regional organiséiert sinn. Ech huelen d'Beispill vum Réidener Kanton, déi an enger virbildlecher Zesummenaarbecht et fäerdeg bruecht hunn, an deene leschte 15 Joer gemeinsam Infrastrukturen, wéi eng Crèche fir déi ganz Kleng, eng gemeinsam Piscine, en Altersheim, zwou regional Aktivitéitszonen, wou mer 350 Aarbechtsplaze geschaf hunn, ze schafen. Et ass jo och wichteg, ob elo niewent de Basisservicer an där einzelner Gemeng och um regionalen Niveau d'Leit alles fannen.

Um nächsten Niveau plädéiere mir, dass mer déi sechs Regiounen, wéi se dann am Programme directeur virgesi sinn, sollen aktivéieren. Op deem Niveau si mir der Meinung, dass dann déi nächst Servicer musse garantéiert ginn: Waasser, Ofwaasser, Of-fall, Regionaliséierung vun den Offices sociaux; do schaffe mer jo drun. Mir sinn eis eens, dass mer zumindest d'Protection civile, deelweis och souguer d'Pompjeeë musse regionaliséieren, den Enseignement musical, en Genderhouse, gréisser regional Infrastrukturen, selbstverständlech eng Piscine, en Altersheim, den Naturschutz um regionale Plang, Formation continue, Bibliothéik, animateur culturel, a firwat net eng Maison de l'intégration.

Do ass awer de Punkt, wou mer vläicht auserneeleien. All déi Servicer, déi ech lech elo opgezielt hunn, déi kann och eng Gemeng vun 3.000 Awunner muer nach net ubidden. Och, léif Kolleeginnen a Kolleegeen, wa mer eng Kéier 60 Gemenge vun 3.000 hunn, da kënnen déi nawell eenzel keng Piscine bauen, si kënnen keng Musekschoul bauen. A wann ee kuckt, dass zwou grouss Gemenge wéi Ettelbréck an Dikrech zesummen et net fäerdeg bréngen, e Conservatoire ze géréieren, da ginn déi alleguerte sech enger Illusioun hin, déi mengen, wa mer 2017 lauter Gemenge vun 3.000 hätten, dann hätte mer eis Problemer geléist.

Wat awer doriwwer eraus vun deene Servicer, déi ech elo genannt hunn, sécherlech misst organiséiert ginn an deene sechs Regiounen - an do gesi mer dann éischer déi national an déi global Défien -, dat wären éischer Servicer, déi ugebuede ginn. Héichwäerteg an héich qualifizéiert Ressource-humainen, déi agestallt ginn, fir de Leit ze hëllefen an de Gemengen ze hëllefen, sech deene groussen Défië vun der Zukunft ze stellen.

Fir déi Gréng ass Regionalpolitik a regional Entwécklung net nëmmen Infrastrukturen, mä och a virun allem Know-how. Mir schwätzen ëmmer vun der Wëssensgesellschaft. Net nëmmen deen Einzelne wäert e Standuertvirdeel hunn - wann een esou ka soen an der Wëssensgesellschaft -, wann hie gutt ausgebilt ass, mä och Regiounen a Gemenge brauchen e gewëssen Know-how. An et sinn déi Regiounen, déi sech déi néideg Ressource-humainë ginn, déi wäerte gesinn, dass déi vir bái sinn.

Mir denken do un e Service d'architecture. Dir wësst, dass mir der Meinung sinn, fir de Wunnengsbau an de Grëff ze kréien, dass mer eng kommunal Wunnengsbaugesellschaft bräichten. Mir kéinten eis virstellen,

dass déi Wunnengsbaugesellschaft sechs Antennen hätt, eng an all Regioun, fir mat de Gemengen zesummenzeschaffen. Mir sinn och der Meinung, dass ee regional Antenne vun der Mobilitéitszentral brauch, dass dréngend e flächendeckend Netz vun Energieberoder gebraucht gëtt. Och Tourismusberoder an Animateure gi gebraucht; datselwecht fir de Kulturvolet.

Wéi soll dann déi Organisatioun um regionalen Niveau geschéien? Déi Gréng verstinn eigentlech net esou richtig, dass mer ëmmer erëm iwwer nei Strukturen diskutéieren. Firwat aktivéiere mer déi net, déi eigentlech an de Gesetzer stinn? Firwat hu mer aacht oder néng Joer nom Landesplanungsgesetz nach net eng Regioun stoen? Firwat steet net ee Syndicat à vocation multiple, esou wéi en am Landesplanungsgesetz virgesinn ass?

Well mir sinn der Meinung, déi soll een aktivéieren. Do hu mer eng gesetzlech Basis. Mir deelen d'Meenung vun der LSAP, déi seet: Do soll net e Représentant territorial mat Weisungsbefugnis an deene Strukture sëtzen.

Mir sinn als Gréng och fir d'Ofschafung vun den Distriktskommissariater. Mir kënnen eis awer virstellen, dass déi Leit, multiplizéiert op sechs, eng berodend Funktioun hunn an da kënnen an deene Regiounen de Regiounen hëllefen hir Aarbecht ze maachen.

Wat fir eis awer ganz wichteg ass, wou mer leider net driwwer geschwat hunn, quitte dass ee ka soen, dat dépasséiert d'Missioun vun dëser Kommissioun, dat ass awer: Wéi organiséiert de Stat sech da parallel zu där kommunaler Réorganisation territoriale?

Wat notzt et eis, léif Kolleeginnen a Kolleegeen, wa mer herno eng gutt strukturéiert Gemengelandschaft hunn, wann de Chaos innerhalb vun de staatleche Verwaltungen an ënnert de staatleche Verwaltungen nach wie vor esou grouss ass wéi haut. Mir géifen eis virstellen, dass an all Regioun - deene sechs Regiounen - och eng Maison de l'État wier, wou ee lues a lues géif probéieren, déi staatlech Verwaltungen och geographesch esou ze reorganiséieren, dass praktesch all Verwaltung eng Antenn an deene sechs Regiounen hätt.

Mir wëssen, dass dat méi einfach gesot wéi gemaach ass, mä mir verstinn awer net, dass, wann elo d'Forstverwaltung reorganiséiert gëtt, iwwerhaupt emol net dru geduecht gëtt, sech un deene sechs Regiounen ze orientéieren. Dofir hu mer wierklech ganz wéineg Versteedsdemech.

Mir haten och als Gréng ganz kloer Virstellungen, wat d'Reform vun de Gemengefinanzen ubelaangt. Ech fannen et duerfir net ganz richtig - wéi et elo schonn hei ugeklongen ass -, dass do keng konkret Virschléi um Dësch geleeën hätten. Eis Virschléi ware relativ konkret. Ech ginn net nach eng Kéier an den Detail. Ech ka se awer nach eng Kéier kuerz erwähnen.

Fir eis gëllt och de Prinzip, dass, wann nei Missiounen no ënnen delegéiert ginn, och Sue fléisse mussen. Mir sinn och der Meinung, dass déi kommunal Recettë musse parallel zu deene vum Stat an d'Luucht goen. A firwat soll een net e Versement forfaitaire nodréiglech an e Fonds communal ginn, wann ee feststellt, dass de Stat zum Beispill esou héich Plus-waluen ee Joer gemaach huet, wéi en dat d'lescht Joer gemaach huet? Da fanne mir et net richtig, dass d'Gemengen net am selwechte Mooss vun deene Recettë kënnen profitéieren.

Mir hunn eng Rei Virstellungen, wéi een d'Gewerbesteier ka reforméieren; och eng Rei Reformen am Fonds communal. Mir sinn der Meinung - dat war och e Konsens an der Kommissioun -, dass de Facteur géographique, dat heescht déi landschaftlech Gréisst vun enger Gemeng, de Moment net genuch berücksichtegt gëtt. Gréisser Gemenge wéi Wëntger oder Rammerech hu wierklech Schwieregkeete mat hirem Budget, fir iwwert d'Ronnen ze kommen, well hir immens Fläch och immens Käschte mat sech bréngt; wéi Feldweeër an aner Entretien, déi se musse maachen.

Mir sinn och der Meinung, dass een déi Reforme ka maachen andeem een Transitionsméchanisme fënnt, andeem een déi Plus-waluen, déi kommen, dann esou verdeelt, bis ee lues a lues de System hätt. A mir si selbstverständlech och d'accord, dass déi dräi grouss Urbanzentre méi Geld sollte kréien, fir dass se déi Missiounen, déi si wierklech ganz eleng am Land ze maachen hunn, kënnen erfëllen.

Schlussendlech ware mir mat déi Éischt an dësem Haus, déi gebetsmühlenarteg no enger Reform vun der Grondsteuer geruff hunn. Et ass bal net ze gleewen, dass, fënnef Joer nodeem hei en absolut unanimmé Konsens war fir eng Reform vun der Grond-

steuer ze maachen, emol nach net eng Iddi um Dësch läit, wéi een dat kéint maachen! Dat ass méi wéi mauvaise foi, an do froen ech mech awer, ob d'Chamber net e bëssen de Geck mat sech maache léisst, wann, fënnef Joer nodeem se hei unanime eng Motioun ugeholl huet, emol nach net usazweis eng Reform do ass.

Dann e wichtegt Wuert zum Finanzement um Niveau régional. Ech hunn e puermol an der Kommissioun d'Beispill vum Museksunterrecht zitéiert, fir ze soe wat geschitt, wa mer net fir gewësse Servicer a priori e regionale Finanzement virgesinn. Da kënnt dee Chaos, dee mer elo an deem Beräich hunn, a mir fäerten, dass en an aner Beräicher gradesou wäert entstoen, wa mer net Suen op de regionalen Niveau ginn.

Och wann DÉI GRÉNG, wéi aner Parteien hei, keen drëtten Niveau wëllen hunn, menge mir awer, dass mer eng regional Zesummenaarbecht nëmme kréien, wann och Suen op deen Niveau ginn. Och do ginn ech net midd ze soen: Mir hunn de Moment déi pervers Situatioun, dass Gemengen, déi just no sech kucken, schlussendlech méi Suen an hirem Budget Rescht hu fir hir Bierger, wéi déi, déi en Deel vun hire Suen huelen a mat anere Gemenge probéieren ze kooperéieren. Déi Sue si fort an déi verreckte Welt musse mer erëm op d'Féiss stellen. An déi Gemengen, déi kooperativ mat aneren zesummeschaffen, déi musse schlussendlech finanziell besser dostoe wéi déi, déi mengen, si kéinte mat hirer Kierch-tuermspolitik nach bis un d'Enn vum 21. Jorhonnert weiterfueren.

Duerfir hate mir och déi konkret Propos gemaach, dass, wat d'Frais d'investissement ugeet, e gudden Deel vun de Plans quinquennaux zum Beispill kéint direkt op de regionalen Niveau kommen. Dat géif éischstens déi regional Zesummenaarbecht stäerken, géif awer och verhënneren, dass mer, wéi esou oft, mat der Stränz géifen iwwert d'Land fueren a wahllos eng Rei Infrastrukturen ënnerstëtzen, déi herno vill Geld kaschten, mä déi awer de Besoinë vun de Leit an der Regioun ganz oft net entsprechen.

Fir d'Frais de fonctionnement, haaptsächlech fir sech deen Know-how ze ginn, fir héich qualifizéiert Leit kënnen anzustellen an deene sechs Regiounen, do wiere mir der Meinung, dass een déi 20% aus dem Fonds communal de dotation financière direkt an d'Regiounen sollt ginn an dass d'Regioun selwer kéinten décidéieren, zesummen, wat se mat deem Geld sollte maachen. Esou wäit zu eise konkrete Virstellungen.

Mir waren awer och der Meinung, dass doriwwer eraus een endlech misst iwwert eng Restrukturéierung um nationalen Niveau nodenken. Mir sinn Unhänger fir eng eenzeg Circonscription um Niveau national. Wann ee seet, d'Sektiounen an de Gemengen, dat sinn Iwwerbleibsel gewiescht vun der Postkutschenzäit, da muss ee gradesou soen, dass déi véier Wahlbezierker och en Iwwerbleibsel aus der Postkutschenzäit sinn. Een, deen zu Biekerech wunnt, ka sech och haut informéieren, wat op der Musel lass ass, an een, deen am Minette Deputéierten ass, kann och wëssen, wat am Conservatoire du Nord lass ass. A wann ech kucken, dass mer hei 99% vun de Gesetzer stëmmen, déi wierklech fir all Bierger a Biergerinnen aus deenen 116 Gemengen dëselwecht sinn, da froen ech mech, wat déi Ënnerdeelung nach soll.

Ech weess, dass dat nach e bëssen uto-pesch kléngt, mä de Fränz Colling, deen ech nach d'Chance hat, kuerz hei ze erliwwen, huet zu mer gesot: „Wann s de gâr häss, dass eppes soll geschéien, da muss de eppes 15 Joer laang ëmmer erëm widderhuelen.“

Mir fänken dann emol un dat hei haut an d'Diskussioun ze geheien. Wie weess, wa mer dann d'Territorialreform um Niveau vun de Gemengen emol hanner eis hunn, vläicht fänke mer dann un driwwer ze diskutéieren, ob et net zäitgeméis wier, een eenzege Wahlbezierk am Lëtzebuerger Land ze maachen.

Dann hätte mer 60 Deputéierten, déi fir d'ganzt Land responsabel wieren, an nëmme fir d'ganzt Land, well Dir wësst, dass mir Unhänger si fir déi Mandater ze

trennen, an dann hätte mer ënnendrënner 60 Buergermeeschteren, déi responsabel wiere mat hire Schäfferéit a Conseillere fir hir Gemeng an hir Regioun. Da wiere mer gutt opgestallt, fir déi grouss Défië vum 21. Jorhonnert unzegoen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, no där kuerzer Presentatioun vun eisen Iddien a Relatioun mam Rapport verstitt Der vläicht, dass DÉI GRÉNG sech schwéier-, jo ganz schwéiergedoen hunn, de Rapport ze stëmmen. Well déi Iddien, déi een doranner erëmfënnt, bái Wäitem net esou kohärent sinn, wéi eis Proposen, well se manner konkret sinn, wéi eis Virstellungen, well vill méi Themen awer och erëm no hanne verschobe ginn.

Mir gesinn Defiziter virun allem an dräi Beräicher.

Finanzen - ass och scho vu jiddferengem hei gesot ginn -: Mir hu keen Engagement vun der Regierung, dass d'Gemengefinanze parallel mat de Statsfinanze solle goen. Mir hu keen Engagement vun der Regierung, dass beim Transfert vu Kompetenzen och Transferts vu Gelder kommen. A wann ech gesinn, dass am Budget elo schonn, obwuel mer d'Gesetz nach net gestëmmt hunn, d'Sue vun de Gehälter vun de Schoulmeeschteren ofgezu gi sinn, awer néierens iergendwou eng Aussicht ass, dass mer d'Sue fir de Précoce ze géréiere kréien, fir d'Maisons relais wa méiglech deemnächst och nach gratis ze offréieren, do gesinn ech keng Spur an engem Budget.

Duerfir fanne mer, dass wirklech, ausser fromm Wënsch an d'Widderhuelung vun deem, wat hei schonn x-mol gesot ginn ass, an deem Beräich net vill ze fannen ass. Och wann nach - an dat ass vläicht wéinst deene Gréngen, well mir déi Iddi ëmmer erëm era-bruecht hu vum regionale Fong - esou ganz vag vun engem Regionalfong geschwat gëtt, da maachen ech mer och do net ze vill Illusiounen, well den Innenminister iergend-eng Kéier bei eis komm ass a gesot huet, no kuerzen Diskussiounen am Conseil de Gouvernement wier déi Iddi vum Dësch gewiescht. Well natierlech kee Minister sech ka virstellen, dass en net méi selwer all Euro un all Gemeng direkt verséiert, mä eventuell iwwer e regionale Fong gëtt, duerfir ass dat do ganz kloer e Schwaachpunkt vun dësem Bericht.

Zweeten Defizit ass awer, dass mir dat Gefill hunn, dass déi regional Zesummenaar-becht och net konkret genuch definéiert ass. Wéi ass et dann elo mam Gesetz vun '99? Ass dat nach ëmmer d'Basis? Wëlle mer dat endlech mat Liewen erfëllen, quitte dass vläicht déi eng oder aner Emännerung ass?

Ech hunn och do iwwert déi lescht dräi Joer ganz ënnerschiddlech Aussoe vum Innen- a Landesplanungsminister selwer héieren. Eng Kéier seet en, déi sechs Regiounen wiere gestuerwen. Da seet en erëm eng Kéier, neen, et géif se awer nach ginn. Da steet awer hei am Rapport, dat Gesetz wier net esou schlecht a soll benotzt ginn.

Duerfir, Här President, si mer ganz onze-fridde mat dee Beräich ubelaangt. Et ass och net kloer, och wa mer keen administra-tiv drëtte Level schafen, ob déi Strukturen dann do sollen a kënnen a müssen eegent Personal astellen oder net. A virun allem ass eis net kloer, wéi dann elo d'Zesummenaar-becht „bottom-up“ an „top-down“ soll fonc-tionnéieren.

Nach eng Kéier: Mir si fervent Unhänger vun enger Dynamik vun ënnen, mä wa mer gären an deem Land, wat eng demogra-phesch a wirtschaftlech Entwécklung huet wéi keen anert an Europa, wëllen eng Rei Phenomeener an de Grëff kréien, da brauche mer och en „top-down“ a virun al-lem musse mer eis ganz vill Gedanke maachen iwwert d'Jarnéieren, déi derfir suer-gen, dass den „top-down“ mam „bottom-up“ schlësseg an der Realitéit an an der Re-gioun ëmgesat gëtt - do ass et och relativ dënn, wat an dësem Rapport steet.

Drëttens - ech hunn et schonn erwähnt - d'Professionaliséierung vun de Schäfferéit. Firwat kënnen mer net haut direkt ufänken e Konzept an deem Beräich ze entwéckelen, quitte dass et vläicht eréischt ëmgesat gëtt, wa mer eng Kéier d'Reform gemaach hunn? Mir fäerten, dass mer elo vill Zäit brauchen,

fir déi Reform ze maachen, a wa mer eréischt 2017 ufänken iwwert deen do Pro-blem eis Gedanken ze maachen, da si mer partis pour la gloire.

Wann een dann op där anerer Säit gesäit, dass deen Usaz, dee klengen Usaz, dee mer hei an där Chamber gemaach haten, fir eis an déi europäesch Prozesser anzeklän-ken, awer kläglech - an ech mengen Dir sidd alleguerte mat mer d'accord -, wirk-lech kläglech gescheitert ass, wa mer de Bi-lan no e puer Joer maachen, dann ass eis dat net usazweis gelongen.

Dat ass sécherlech net eleng d'Ursaach, well der hei esou vill sinn, déi zwee Manda-ter hunn, mä ech mengen, dass dat awer och eng vun den Ursaachen ass, dass mer do net weiderkomm sinn.

Wa mer schlussendlech eis awer duerch-gerongen hunn, dee Rapport ze stëmmen, Här President, da well mer der Meenung sinn, dass déi Aarbecht awer net ganz ëm-soss war.

Et sinn eng Rei Avancen an dësem Text, a wann ee weess, wéi reformresistent dëst Land ass, besonnesch wann et ëm struktu-rell Reforme geet, a wann ee weess, wéi schwierig déi politesch Klass sech mat Än-nerungen deet, wa se selwer beträff ass, da léisst dat Resultat hei sech awer weisen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll zum Schluss kommen a soen, dass een natierlech och am Internetzäitalter nach mat enger elektrescher Schreifmaschinn ka schaffen. Ob een domadder awer den Erausfuерderunge vun der Zäit gewuess ass, ass eng aner Fro.

DÉI GRÉNG sinn der Meenung, dass eis Gesellschaft an dass besonnesch Lëtze-buerg viru gewaltigen Erausfuерderunge steet. Mir musse Weeër aus der Uelechfal fannen, dat heescht déi drëtt industriell Re-volution aleeiden, a fir esou grouss Proble-me wéi Wunnengsnout a Verkéierschaos musse mer eng Léisung fannen.

An een, dee mengt, dat géif ouni autonom, staark a finanziell ofgeséchert Gemenge goen, deen iert sech. Een, dee sech der Illu-sioun higëtt, dat wier machbar, ouni eng verstärkt a flächendeckend regional Ze-summenaarbecht, dee wäert sech nach wonnere. An een, dee sech virstellt, dat wier machbar, ouni dass och de Stat sech reorganiséiert an endlech am 21. Jorhon-nert ukënnt, dee weess net, wat dobausse lass ass. De Rapport vun der Spezialkom-missioun huet keng Léisunge fir all dës Erausfuерderunge parat, hie weist awer eng Rei Pisten, wéi Léisunge kéinten ausgesinn.

Duerfir ass déi Debatt vun haut fir DÉI GRÉNG net d'Enn vun der Reorganisatioun vum Land, mä den Ufank.

Ech soen lech Merci.

» **Une voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Här Gira. D'Wuert huet elo den honorabelen Här Gi-béryen.

» **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, duerch eng Resolutioun vum 7. Dezember 2004 huet d'Chamber eng Spezialkom-missioun mat der Bezeichnung „Réorganisa-tion territoriale du Luxembourg“ agesat, déi als Missioun hat, Weeër a Virschléi ausze-schaffen iwwert déi administrativ Strukture vum Land, d'Gemengelandtschaft an d'Op-deelung vun de Kompetenzen tëschent Stat a Gemengen.

2006 am Summer sollten déi Aarbechte mat engem Rapport ofgeschloss ginn an dann hei am Parlament debattéiert ginn. Aus dem Summer 2006 ass de Summer 2008 ginn, ier d'Kommissioun hir Aarbechte konnt of-schléissen.

Insgesamt 45 Sitzunge si gebraucht ginn, fir dëse Rapport ze erstellen, Sitzungen, déi vum Kommissiouns-president, dem Kolleeg Michel Wolter, mustergülteg preparéiert an a voller Transparenz an Objektivitéit ge-fouert si ginn, woufir ech him vun dëser Plaz aus wëll Merci soen, genauso wéi fir säi schrëftlechen a säi mëndleche Rapport. An deem Merci wëll ech all d'Mataarbechter vum Greffe an dem Ministère mat aschléis-sen.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, Diskussiounen iwwer eng Reform vun de Gemengen, Gemeengegrenzen, Gemeengefusiounen, -kompetenzen a -finanzen an esou weider, sinn an der Vergaangenheet schonn des Öf-tere gefouert ginn, meeschtens awer ouni grouse Succès.

Verschidde Leit aus der Spezialkommis-sioun hate sech och virgeholl, et sollt e grouse Worf ginn. D'Resultat ass awer éischter moer, wat net onbedéngt schlecht ass.

Fir d'éischt wéilt ech déi eng oder aner Vir-bemierkung maachen. Als Argument, fir déif gräifend Reformen ze maachen, gi ver-schidde Leit net midd, d'Gemenge schlechtzemaachen, wéi wa se net géife fonctionnéieren, oder zumindest net gutt géife fonctionnéieren, wéi wa se den aktuel-len Erausfuерderungen net gerecht géife ginn. Déi Leit hunn awer ni Nimm genannt.

Ech behaupten, Här President, d'Gemenge fonctionnéiere besser wéi vill staatlech Ver-waltungen a sécherlech besser wéi de Mi-nistère de l'Intérieur. Do wier villes ze refor-méieren an ze verbessern, wat da weider positiv Auswierkungen op e gudde Fonc-tionnement vun de Gemengen hätt.

De Rapport vum Ombudsmann huet bewi-sen, datt d'Reklamatiounen iwwer Gemen-gen, déi erakomm sinn, esou minimal sinn, datt se bal net konnten am Rapport opge-fouert ginn, wann ee se vergläicht mat de Reklamatiounen iwwer staatlech Verwaltun-gen.

D'Gemenge waren oft Virreider an enger Rei vun Domäner, déi haut allgemeng als eng Normalitéit ugesi ginn, a ware ganz oft méi innovativ wéi verschidde Leit a verschidde Ministère.

D'Gemenge sinn amstand, séier ze reagéie-ren, wann d'Kritären an d'Konditioune kloer sinn. Zum Beispill de Précoce: D'Gemen-gen hunn et fäerdeg bruecht, an engem Zäitraum quasi vu sechs Joer flächen-deckend duerch d'ganzt Land de Précoce anzeféieren. Elo si mer amgaangen, d'Mai-sons relais duerch d'Land anzeféieren. A wann een d'Familljeministesche viru kuerzem heibannen héieren huet, da kann een dovun ausgoen, datt an zwee, dräi Joer och flä-chendeckend am Land Maisons relais uge-buede ginn.

D'Gemenge kënnen also réaliséieren. Wann de Stat e Lycée muss bauen, dann dauert et aacht bis zéng Joer. D'Gemenge fonc-tionnéieren also besser, wéi verschidde Leit dat gleewe wëllen dinn.

Dat wëllt awer net heeschen, datt et keng Problemer gëtt, wann och vläicht nëmme punktueller Natur, déi ee muss kënnen ver-besseren. Mä da muss ee fir d'éischt ku-cken, wou déi Problemer sinn, wat d'Ur-saache sinn a wéi een dës Problemer be-hiewe kann, ouni - wéi hei versicht gouf - mam décken Hummer dranzeschloen.

Normalerweis, wann een eng déif gräifend Reform ugeet, kuckt ee fir d'éischt den Ist-Zoustand. Wou sti mer? Wat fonctionnéiert gutt? Wat fonctionnéiert manner gutt oder vläicht iwwerhaapt net? Wat sinn nei Eraus-fuерderungen un d'Gemengen? Wat bidden d'Gemengen un oder net, wat een awer haut als eng Mission obligatoire vun enger Gemeng misst ugesinn? Wou leien d'Proble-me? Wou leien d'Vir- respektiv d'Nodeeler?

Dat sinn d'Virussetzungen, déi ee misst hunn, ier een iwwerhaapt ufänkt, ze disku-téieren.

Mir hunn als ADR och ëmmer verlaangt an der Kommissioun - an ech muss soen, net nëmme mir, mä praktesch Memberen aus alle Parteien -, datt mer éischstens misste vum Innenministère e Rapport kréien iwwer sämtlech Finanztransfertë vun alle Minis-tèren un all Gemengen. Vu wat fir enge Sub-side wéini bezuelt ginn, d'Konditiounen, d'gesetzlech Basis bis alles, wat domadder zesummenhänkt, misste mer kënnen hunn.

Mir hunn dat ëmmer versprach kritt, mä, Här President, mir hunn et ni kritt. Den Här Wolter huet de Mëtteg selwer hei gesot, datt ee Schwaachpunkt d'Finanzen an dësem Rap-port sinn. Jo, ma wa mer emol net den Ist-Zoustand doriwwer kréien, wat fir eng Trans-fertë vum Stat un déi eenzel Gemengen an ënner wat fir enge Konditiounen iwwerwise ginn, wou soll een iwwerhaapt da kënnen iwwer eng Finanzgestioun tëschent Stat a Gemenge schwätzen - wann een emol den aktuelle Stand net kennt?

Et muss ee sech d'Fro stellen: firwat? Firwat kréie mer net déi Donnéeën? Et kann ee jo net dovunner ausgoen, datt d'Regierung eppes ze verstoppen huet. Et kéint een al-lerdéngs op dee Gedanke kommen, wann ee gesäit, datt iwwer Joren eng Regierung net bereet ass, déi Transparenz spillen ze loossen an dem Parlament an der zoustän-neger Kommissioun all Joer dës Informa-tiounen zoukommen ze loossen.

En zweete Punkt, deen ee misst hunn, ier een iwwerhaapt esou eng Diskussioun ufänkt, dat ass en Inventar dovunner, wat déi 116 Gemengen dann iwwerhaapt ubid-den. Wat fir eng Missions de base hu mer definéiert? Bidden d'Gemengen déi un? Wat bidde se vun Infrastrukturen a Leesch-tungen?

Dat misste mer wëssen, fir kënnen festzestel-len, wou iwwerhaapt eventuell Defiziter sinn. Et ass och ëmmer versprach ginn, mir hunn

et awer net kritt. D'Kommissioun huet dräi-anenhalleft Joer getaagt, mir hunn et net kritt.

D'Fro ass, Här President, firwat hu mer et net kritt?

A well all Parteie quasi an der Kommissioun déi zwou Saachen ëmmer gefrot hunn, an ech scho virun zéng Joer, Här President, eng Kéier eng Motioun hei deponéiert hat, déi dunne eestëmmeg vum Parlament uge-holl gi war, fir datt d'Regierung all Joer e Rapport annuel maache sollt iwwert d'Transaktiounen vun de Finanzen, mä dat bis haut net geschitt ass, Här President, de-ponéieren ech dann haut nach eng Kéier zwou Motiounen.

Déi eng Motioun ass, fir datt mer e Rapport annuel iwwert d'Transfertë vun de Finanze kréien, an eng zweet, fir datt de Minister soll en Inventar doriwwer maachen, wat déi 116 Gemenge queesch duerch d'Land ubidden, fir datt mer wëssen, iwwer wat mer schwät-zen. Dat ass nämlech d'Virussetzung, fir kënnen ze diskutéieren, wou dann elo wirk-lech déi Defiziter sinn, vun deenen ëmmer esou vill geschwat gëtt.

Motion 2

La Chambre des Députés,

- *considérant que la réorganisation territoriale définira des «missions obligatoires» pour les communes, missions échelonnées selon la taille des communes;*

- *considérant que les communes proposent déjà de nombreux services aux citoyens al-lant au-delà des missions de base ac-tuelles;*

- *considérant qu'avant de distinguer les missions obligatoires des missions facul-tatives il y a lieu de disposer d'un inventaire complet de ces missions actuellement of-fertes par les communes;*

invite le Gouvernement

- *à présenter, commune par commune, un inventaire des services proposés aux ci-toyens.*

(s.) *Gast Gibéryen, Fernand Etgen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp, Robert Mehlen.*

Motion 3

La Chambre des Députés,

- *considérant que le Gouvernement parti-cipe à divers projets communaux par des subsides et des participations financières;*

- *considérant que ces subsides et parti-cipations financières sont souvent attribués sur base de critères non autrement précisés dans les lois;*

- *considérant que dans le cadre de la réor-ganisation territoriale et d'une nouvelle ré-partition des compétences entre l'État et les communes il y a lieu d'analyser les modal-ités de financement des projets et des acti-vités communales par l'État;*

invite le Gouvernement

- *à dresser pour 2007 un rapport ventilé par ministère ordonnateur de tous les subsides et participations versés par l'État aux com-munes et ce en pourcentage et en montant;*

- *à présenter annuellement un rapport simi-laire à la Chambre des Députés.*

(s.) *Gast Gibéryen, Fernand Etgen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp, Robert Mehlen.*

De fréieren Innenminister, de Kolleeg Michel Wolter, huet einfach gesot, hien hätt wä-hrend senger Innenministerzäit gesinn, wéi vill Problemer an enger Rei vu Gemenge géife bestoen, a wéi vill Problemer hie mat enger Rei vu Gemengen hat. Dat mag sinn, datt hien dat esou gesäit.

Ech ka just soen, datt zu senger Zäit och eng ganz Rei vu Gemenge Problemer mam Innenminister haten. Dat ass nun emol eben esou, mä ob dat awer elo op där enger wéi op där anerer Säit objektiv Kritäre sinn, fir dorausser ze schlussfolgeren, elo muss Grousses hei am Land reforméiert ginn, dat schéngt mer awer net onbedéngt esou kloer ze sinn.

(Interruption)

Mir haten also, Här President, keng objektiv Dokumentatioun, fir kënnen iwwert déi Terri-torialreform do ze diskutéieren. Mir hate just en Dokument vum Här Innenminister Jean-Marie Halsdorf vum 29. Abrëll 2005 als Dis-kussionsbasis: «Concept intégratif pour une réforme territoriale et administrative du Grand-Duché du Luxembourg».

Et war dëst awer net esou direkt, géif ech soen, e politescht Dokument mat lwwer-leeunge vum Minister dran, mä et war a Wirklechkeet en Dokument, wat hierge-stallt ginn ass vu Fonctionnaires aus der Di-rektioun vum Aménagement du Territoire, den Affaires communales, dem Aménage-

ment communal, de Gemeengefinanzen an den dräi Distriktskommissären.

Et ass also a mengen Ae kee politescht Dokument, wou ee kéint soen, et ass d'Meenung vun der Regierung. Mä et ass en Dokument, wat vun héichgestallte Fonctionnairen aus hirer Siicht erstallt ginn ass.

Do si verschidde Persounen drënner, Här President, wou ech lech soen, déi net allze vill vun de Gemeengepolitiker halen. Déi komme sech heiansdo wéi esou kleng Här-gotte vir. Ech hu se ëmmer Napoléon genannt, dee léiwer alles selwer décidéiert. Déi gesinn déi meeschte Gemeengepolitiker, déi honnerte vu Buergermeeschteren, Schäffen a Conseillerë mat hire Fonctionnairen a Verwaltungen, gréisstendeels als inkompetent un. Just si hunn d'Wouerecht gepacht a just si wëssen, wat gutt a schlecht fir d'Gemengen an hir Bierger ass. An duerfir ass d'Gemengenautonomie och deenen hire gréisste Problem, well et do nach ëmmer Gemenge gëtt, déi maache wéi si et fir richtig fannen an halen, an net wéi verschidde Leit an där enger oder anerer Verwaltung dat wëllen.

An dat Dokument, vun deem ech elo grad geschwat hunn, wat de Minister eis presentéiert huet, wat also vun deenen, oder deelweis deene Leit virgestallt ginn ass, dat dokumentéiert dat och direkt. Wa mer am Kapitel C kucken, «Mesures territoriales et administratives à prendre», steet do dann éischts grousst den Titel «Problématique». Wat ass d'„Problématique“?

«Au sein du système institutionnel luxembourgeois, les communes ont une position très particulière. Cet état des choses est surtout mis en évidence si on compare notre situation à celle des autres États membres de l'Union européenne. En effet, en raison de l'absence d'autres subdivisions institutionnelles, la commune jouit au Grand-Duché d'une importance politique largement plus étendue que celle accordée aux communautés locales dans les autres pays.

Cette importance se reflète avant tout à travers son élément le plus important, l'autonomie communale, bien acrée dans notre Constitution...» A si schreiwen dann ënnen drënner: «Il est donc nécessaire de l'adapter par le biais d'une reconsidération des cadres légaux et opérationnels...»

Et ass also ganz kloer, datt déi Gemengenautonomie en Dar am A ass.

Ech wëll awer soen, Här President, wann do gesot gëtt, datt mer keng Subdivisiounen hei am Land hätten, esou wéi an anere Länner, da solle mer frou sinn, datt mer nëmmen zwee Niveauen hei am Land hunn, Gemengen a Stat, an nëscht dertëschent, well mer doduerjer méi kuerz Weeër hunn, manner Administratioun a méi bëleg sinn.

An déi zweet Iddi, déi fir d'Gemengenautonomie ze kieren an de Pouvoir vum Stat a vu verschiddene Fonctionnairen ze vergrësseren, geet wéi ee rouden, oder besser gesot an dësem Fall, wéi ee schwaarze Fuedem duerch dat ganzt Dokument.

Doranner, Här President, louch och de Problem, firwat datt d'Kommissioun am Fong dräi, véier Joer gebraucht huet, fir un en Enn ze kommen, well jiddferéen an der Kommissioun, mat Ausnahm vun der CSV, am Fong déi Tendenz gespuert huet, wou et sollt higoen. Mir hunn als ADR vun Ufank un dorobber higewisen, a lues awer sécher, muss ech soen, sinn d'Kollege vun deenen anere Parteie praktesch och alleguer méi skeptesch ginn, mat dem Resultat wat mir haut kennen, datt déi wesentlech Iddië keen Nidderschlag an dësem Dokument fonnt hunn.

Dat betrëfft zum Beispill nei Strukturen tëschent der Gemeng an dem Stat, mat vill Pouvoiren, wou d'Gemengen op regionalem Niveau musse vill Pouvoir ofginn a wou méi staatlechen Afloss komm wier, wou ee Représentant territorial de l'État - ech hunn en ëmmer „de Statthalter“ genannt - eng Co-présidence kritt hätt, ouni datt hie gewielt wier. De Représentant territorial de l'État, dat wieren déi aktuell Distriktskommissäre gewiescht, an da weess een och, wien dee Passus am Dokument geschriwwen huet, wann ee weess, wien déi Fonctioun sollt kréien.

Si hu sech an deem Text verglach mat engem Préfet a Frankräich, esou steet dat an hirer Proposition. Lëtzebuerg wier a Frankräich, opgrond vun eiser Gréisst, awer emol keng Préfecture ginn. Mir hätten hei am Land missen e puer Préfetë kréien. Frankräich ass en zentralistesche Stat. Wëlle mer dat? Verschidde Leit vläicht jo, déi grousst Majoritéit Gott sei Dank awer net.

Déi Iddi ass also duerfir, no laangen Diskussiounen, Gott sei Dank net zrëckbehale ginn. Doriwwer eraus ass de Pegel ganz no där anerer Säit ausgeschloen, a wéi mer

fäerdeg waren, huet d'Kommissioun an der leschter Sitzung eestëmmeg décidéiert, d'Kommissariater ofzeschaffen, déi duebel Kontroll ofzeschaffen an déi Kommissariater an engem Service am Intérieur ze regroupéieren.

Och wann ech elo vläicht e bësse sec, net mat de Commissären, mä éischer mat hirer Fonctioun ëmgaange sinn, esou wëll ech awer net d'Kompetenz vun deene Leit a Fro stellen, déi wierklech eng gutt Aarbecht maachen. Ech menge jiddferéen, dee Gemeengepolitik mécht oder Gemeengepolitik gemaach huet, huet an der Regel ëmmer gutt Erfahrung mat deene Leit gemaach. Mä et ass eng Struktur, wéi scho meng Virriedner gesot hunn, déi aus der Postkutschenzäit kënnt an déi ofgeschaf gehéiert.

D'ADR huet duerfir proposéiert, wann een déi Distriktskommissariater ofschaaft, se an den Intérieur ze integréieren, ee Service ze maachen, vläicht souguer ee Service juridique ze maachen, well déi meescht Gemengen haut Problemer hu mat enger ganzer Rei vun Dossieren, well se ëmmer méi komplizéiert ginn, net nëmmen nationaler, mä och europäescher, fir se ëmzesetzen. Mat Ausnahm géif ech menge vun der Stad Lëtzebuerg - ech weess net, wéi et an der Stad Esch ass - hu praktesch all déi aner Gemenge Problemer fir esou Saachen ëmzesetzen.

Et wier gutt, wa mer e Service am Intérieur hätten, dee géif de Gemenge weisen a soen, wéi et géif goen, an dee géif Règlements-type, Délibérations-type maachen, well all Deliberatiounen, ob et eng grouss oder eng kleng Gemeng ass, praktesch zu 90% ëmmer d'selwecht sinn. D'Chifferen änneren, d'Montanten änneren dran, awer d'Deliberatiounen sinn déiselwecht. Et kéint also alles formaliséiert ginn.

Wa mer da géifen de Courier électronique tëschent de Gemengen an dem Ministère aféieren - esou wéi mer dat hei an der Chamber hunn -, mat der Signature électronique, wat kéint do Zäit gewonne ginn, wat kéinten do Gelder gespuert ginn, wat kéint do alles vereinfacht ginn!

Wa mer op där enger Säit also higinn a mir soen, datt mer déi Distrikter an den Intérieur maachen, a wa mer dann op där anerer Säit higinn a mir bauen d'Gemengen administrativ aus mat professionelle Leit - wat mer als ADR och an eisem Dokument proposéiert haten -, da misst d'Gemeng, egal wéi kleng oder wéi grouss se ass, ee Basiskredit kréien, fir d'Poste vum Sekretär, Receveur an Techniker ze finanzéieren. Ab enger gewësser Gréisst kéint een och dovunner ausgoen, datt de Sekretär misst en Univesitaire sinn. Dat zesummen - ee gudde Staff op all Gemeng mat esou engem Service am Intérieur - géif schonn eng ganz Rei vu Problemer léisen.

Eng vun de groussen Diskussiounen, Här President, an de ganze Kommissiounssitzungen an och dobaussen, dat sinn d'Fusiounen. Hei gëtt et zwou grondsätzlech Approchen. D'ADR gesäit an de Gemengen de wichtigste Pilier an eiser Statsstruktur, wou d'Demokratie eiser Iwwerzeegung no am beschte fonctionnéiert. Si ass am nooste beim Bierger. De Bierger huet och een direkten Afloss, eng Kontroll an e Matsproocherecht.

De Bierger gesäit sech haut an enger grousser politescher Landschaft. An Europa huet de Bierger kee Matsproocherecht méi, déi national Parlamentar hu scho bal kee Matsproocherecht méi. An der Nationalpolitik huet den normale Bierger och scho bal kee Matsproocherecht méi, an duerfir ass et wichtig, datt mer zumindest um kommunalen Niveau dat Matsproocherecht erhalen, an dat behale mer nëmmen, wann d'Gemengen esou no beim Bierger bleiwe wéi méiglech.

Et gëtt zwou Approchen zu de Fusiounen. Mir hunn engersäits Landgemengen, déi vläicht grouss sinn, awer net Dausende vu Bierger hunn an duerfir vläicht och d'Néidegkeet net gesinn, alles unzebidden. Ech soe vläicht, mir hunn nach kee Bewäis, well mir hu keen Inventar kritt, wou dann déi Defiziter sinn. Wann esou eng Gemeng, vläicht opgrond vun der Awunnerzuel, net à même ass, ee Précoce ze maachen, well se vläicht nëmmen zéng oder zwielef Kanner huet, kann ee sech froen, ob een da soll higoen a soen, esou wéi verschidde Leit dat gesot hunn, ma da muss déi Gemeng fusionéieren, well si net à même ass, de Précoce selwer unzebidden.

Mä et gëtt och déi Approche, datt ee seet, ma da muss een där Gemeng méi Geld zoukomme loossen, fir datt se de Précoce kann offréieren, a fir datt déi Kanner, well dat si jo nach kleng Kanner, net onbedéngt mussen moies un siwen Auer an e Bus gesat an zéng oder 15 Kilometer gefouert ginn, mä datt se esou no wéi méiglech, wou d'El-

teren, wou d'Famillje wunnen, kënnen an d'Schoul goen. Dat ass och en Deel Liewensqualitéit, déi d'Gemenge bidden am Interessi vun de Kanner a vun den Elteren. A wa si et net kënnen selwer maachen, da kënnen si nach ëmmer iwwer ee Syndikat mat Nopeschgemengen zesummen esou Strukturen opbauen, ouni dofir mussen ze fusionéieren.

Fusioun gëtt hei als een Allheelmëttel duergestallt, dat ass awer net esou. Wann een e puer aarm Gemengen zesummeleet, kënnt doudsécher keng räich eraus. An et muss een och wëssen, datt een net kann higoen a Gemenge maachen, déi flächendeckend esou grouss sinn, datt d'Gemeng - a mir hu jo schonns esou eng Gemeng am Land, déi esou vill Dierfer huet, déi iwwer 20 Kierchen huet, déi e puer honnert Meter Feldweeër huet -, obschonns se da fusionéiert ass, awer net à même ass, fir dat besser ze gérieren. D'ADR ass fir Fusiounen, awer op fräiwëlleger Basis.

Da gëtt vun enger Masse critique geschwat, déi soi-disant Masse critique, déi jo einfach esou emol genannt ginn ass vun 3.000 Bierger. Et kann awer net esou sinn, wéi an den Dokumenter steet, datt déi Gemengen, déi déi 3.000 Bierger net hunn, op eemol manner Gelder kréien, datt se quasi ausgeblutt ginn an doduerch forcéiert ginn, ze fusionéieren, well da gesot gëtt: Dir hutt kee Geld, Dir hutt keng Moyenen, fir d'Déngschtleeschungen unzebidden, da musst Der eben elo fusionéieren. Esou kann et net sinn!

Et muss ee kucken, wat d'Missiounen, wat d'Besoinë vun de Gemenge sinn. Deementspriechend mussen och d'Finanze fléissen. Deementspriechend mussen och kleng Gemenge méi Gelder kënnen kréien, fir dat och am ländleche Raum kënnen unzebidden, wat all Gemeng misst flächendeckend, egal wou een am Land wunnt oder leeft, kënnen ubidden. Et kann een also net higoen an do soen: Déi iwwer 3.000 Awunner kréie méi Gelder wéi déi drënner. Neen, et kann net un d'Persoune gebonne sinn, mä et muss un d'Missiounen gebonne sinn, déi Gemenge musse kréien.

Am Dokument vum Innenminister waren am Fong esou Zwangsfusionen virgesi ginn. Et ass gesot ginn: D'Gemenge musse fusionéieren oder si kommen an de Comité de communes. Doranner musse se goen. Do musse se dann e puer - ech mengen, zwou vu véier - Politiken obligatoresch ofginn. Doranner ass geschwat gi vu Schoulen, Sport, Kultur an Infrastrukturen, wat an der Praxis guer net fonctionnéiert hätt. Mä dat war eng Zwangsfusioun.

Et muss ee sech och elo d'Fro stelle bei där neier Landkaart, déi elo gezeechent gëtt, déi Carte territoriale aus dem Innenministère, wou awer och de Syvicol seng Fanger am Spill huet, wéi wäit datt déi Kaart da geet. Ech weess zwar net, ob de Syvicol e Mandat vun de Gemengen huet - dat seet den Här Klein eis vläicht herno -, fir eben d'Landkaart do nei ze zeechnen.

Do steet zum Schluss dann e Referendum. Ech ka mer awer net virstellen, datt mer als Stat géifen higoen a soen: Mir maachen enger Gemeng e Referendum, wann déi Gemeng net wëllt fusionéieren, wann déi Gemeng kee Referendum wëllt maachen a wann déi Gemeng seet: Mir kënnen déi Missiounen, déi de Stat virschreift, erfëllen. Ech ka mer net virstellen, datt mer an esou engem demokratesche Stat wieren, wou mer dat géife maachen.

Wann eng Gemeng - de Kolleeg Gira huet et virdru gesot - mat 1.700 Leit déi Missiounen, déi mir als Basismissiounen virschreien, alleguer erfëllt, wou gëtt et dann do eng Obligatioun, fir zu där Gemeng ze soen: Dir musst awer mat der Nopeschgemeng fusionéieren?

A bis mer 2017 sinn, Här President, dovunner sinn ech iwwerzeegt, mat eisem Rhythmus wéi d'Gemengen hei am Land schafen, bitt souwisou all Gemeng d'Basisméiglechkeete fir hir Bierger un, well d'Gemenge sinn haut scho ganz gutt outilléiert an där Affär.

Mir hunn also keen Intérêt drun, fir do momentan einfach mordicus ze mengen, Fusiounen wieren d'Léisung. Et soll een d'Fusiounen ënnerstëtze fir déi Gemeng, déi dat selwer fir sech als déi beschte Léisung gesäit.

Eist Zil muss et sinn, datt mer Kritären opsetzen, datt een, egal wou een hei am Land wunnt, flächendeckend déiselwecht Leeschtunge vu senge Gemengen ugebuede kritt. Mir mussen als Stat d'Missions de base festsetzen, déi d'Gemeng muss maachen. A wann d'Gemengen déi ubidden, dann hu se hir Pflicht erfëllt, ouni datt mer se da musse fusionéieren doen.

Doduerch bleiwen d'Gemengen esou no wéi méiglech beim Bierger. Mir kréien eng gutt Liewensqualitéit. Et si kuerz Strecken, administrativ kuerz Weeër. D'Kanner kënnen no an d'Schoul goen. An et bleift eng lieweg Demokratie. Well wa mer Fusiounen maachen oder wa mer souguer regional Structure gemaach hätten, dat hätt manner Demokratie bedeit.

Et däerf een och net vergiessen, Här President, wéi vill Bénévolat haut an de Gemengen hei am Land ass; souwuel vun de Gemengepolitiker wéi vun de Gesellschaftler all.

Mir hunn een Instrument, wat sécherlech punktuell reformbedürfteg ass, dat sinn d'Syndikater. Mä d'Syndikater hunn iwwer 80 Joer oder bal 100 Joer - géif ech soen - awer eng gutt Aarbecht gemaach. Si hunn eng gewësse Flexibilitéit bruecht. Well och wa mer fusionéieren oder regional Strukturen maachen, da sinn ech iwwerzeegt, datt de Gros vun de Gemengesyndikater awer misst bestoe bleiwen.

Mir brauche regional Strukturen; mir brauche sektoriell Pläng; mir brauche Comités urbains, mä dat kënnen mer eiser Meenung no alles am Kader vun der aktueller Gesetzgebung maachen. De Pouvoir muss fir eis an den Hänn vun der Gemeng bleiwen.

Mir hunn och gesinn, datt et elo scho méiglech ass. Ech denken u Pro-Sud, d'Nordstad, de Raum Réimech, de Kanton Réiden, déi mat der aktueller Législatioun bewisen hunn, datt eng Zesummenaarbecht méiglech ass. Mir brauchen also d'Rad net nei ze erfannen. Villes ass haut méiglech, wann de politesche Wëllen do ass.

De Stat kann haut och scho villes dirigéieren iwwert de Wee vun de Subsiden. Et gëtt dach scho jorelaang gemaach, datt de Stat seng Subsiden u Konditiounen bënnt. Wann ee regional baut, kritt ee méi Subsid, wéi wann ee kommunal baut. Oder et kritt ee vläicht guer kee Subsid, wann ee kommunal baut. Esou kann de Stat dach do dirigistesch awierken, ouni datt mer mussen higoen an alles op d'Kopp werfen.

Wann ech virdru gesot hunn, datt mer den Intérieur musse reforméiere mat engem Service juridique, datt mer d'Gemenge musse méi administrativ mat guddem Personal outilléieren, dann ass den drëtte Punkt och d'Gemengepolitik.

Duerfir ass de Congé politique e wichtegt Instrument. Mir mussen deen ausbauen. Wann déi dräi Saache gemaach ginn, administratiivt Personal, Sekretär, Receveur, Caissier, Techniker an allgemeng e gudde Service am Ministère de l'Intérieur, a genuch Congé politique, da sinn ech der Meenung, datt ganz villes ka geschéien.

Et kann awer net sinn, datt de Congé politique - an do si mer eis eens heibannen - net kann iwwer 100% oder d'40-Stonnen-Woch erausgoen. D'Syndikater mussen awer eiser Meenung no an Zukunft och mat berücksichtegt ginn, wat de Congé politique ubelaangt, genaousou gutt wéi d'regional Strukturen.

Et muss een awer wëssen, datt ee muss fir de Privatsecteur eng Zwëscheléisung fannen. Well wann een higeet an et seet een einfach: Mir setzen de Congé politique erop, wësse mer, datt eng Partie Leit, déi am Privatsecteur schaffen - ob Salarié oder Patron, dat spillt keng Roll, vläicht awer bei deenen enge méi wéi bei deenen aneren -, net kënnen Politik maachen a sech net esou vill Stonnen an hire Betriber fräimaachen.

Do kann ee vläicht eng Zwëscheléisung maachen, datt ee seet, datt déi Leit aus dem Privatsecteur ebe méi Stonne schaffen, cumuléiert gesinn hir Aarbecht a politesch Aarbecht, an een Deel vum Congé politique duerfir ausbezuelt kriter, fir eben net brauchen esou vill Stonnen am Betrib ze sinn. Soss fäerten ech kréie mer spéiderhi keng Leit méi aus dem Privatsecteur, déi Gemeengepolitik géife maachen. Dat wier net gutt. Mir mussen och do eng Mëschung behale vu Leit, déi aus alle Secteure kommen.

De Cumul vum Deputéierten a Buergermeeschter. Här President, ech sinn der Meenung, datt et wichteg ass, datt mer Kommunalpolitiker hei an der Chamber hunn. Kéint Dir lech virstellen, iwwer esou eng Reform wéi déi heiten hätte mer missen

eng Spezialkommissioun asetzen an et wiere keng Gemengepolitiker an där Kommissioun gewiescht? Da wier d'Resultat, gelldir, Här Wolter, doudsécher en anert Resultat.

(*Interruption*)

Da wier dat erauskomm, wat de Minister sengerzäit virgeschloen hat. Dat wier eng Katastroph fir d'Gemengen. Duerfir ass et wichtig, datt mer Kommunalpolitiker hei an der Chamber hunn, déi dat wichtegst Glidd an eiser Demokratie heibanne vertrieeden, an déi oppassen.

Och fir elo ze mengen, wa mer géifen eng Chamber maache vun de Gemengen, do brauche mer eis näischt virzemaachen. Een, deen net heibannen ass, dee schwätzt net mat. Well losse mer emol kucken, wa mer éierlech sinn, wéi vill datt mer heibannen d'Avisé vun deenen anere Chambres professionnelles kucken. Et ass räichlech wéineg. A wa mer d'Gemenge wëllen dorobber erofstufen a mengen, da géif hir Meenung hei zum Virschäi kommen, dann ire mer eis, wann d'Gemengen net heibannen direkt vertratt sinn. Duerfir triede mir do fir an.

Et kann natierlech kee méi wéi 100% Congé poltique kréien, ob hie Conseiller oder Buergermeeschter oder Deputéierten ass. Et muss een och wëssen, datt d'Deputéierten aus dem Privatsecteur nëmme 50% Congé politique heibannen hunn; wa mer elo vu Buergermeeschtere schwätzen, déi sollen 100% kréien.

(*M. Laurent Mosar prend la Présidence*)

Mir haten als ADR an deem doten Zesummenhang eng Pressekonferenz gemaach, déi hir Wierkung net verfeelt huet. Mir haten am Fong gesot, datt et jiddferengem fräigestallt wier, wann hie mengt, hien hätt ze vill Aarbecht, fir kënne ze demissionéieren.

Et kann net sinn, Här President, datt een zweemol kandidéiert, sech zweemol wile léisst, sech zweemol feiere léisst, zweemol Indemnitéiten an d'Täsch stécht a sech dann och nach fir dat Ganzt wëllt bedauere loossen. Een, deen dat Ganzt net packt, deem seng Meenung steet fräi, dee kann op där enger oder anerer Plaz ophalen. Et ass schonn e Paradox, datt Leit hikommen a soen: Kommt, mer maachen e Gesetz, well ech packen déi Aarbecht net. Dir musst mer dat onbedéngt verbidden, soss packen ech dat Ganzt net.

Also wann ee wëllt ophalen, Här President, da kann hien ophalen.

(*Interruption*)

Wann ee wëllt ophalen, Här Clement, da kann hien ophalen.

Här President, wa mer méi eng kloer Kompetenzopdeeling maachen tëschent Stat a Gemengen, kloer Finanzstrukturen, d'Gemengen administrativ ausbauen, de Ministère de l'Intérieur reforméieren, de Gemengepolitiker den néidege Congé politique ginn, da sinn déi meescht Problemer an der aktueller Situatioun geléist. An dësem Rapport, Här President, gëtt et awer eng Rei vu Punkten, déi och eis Zoustëmmung hunn, déi eis Iddi kritt hunn, wéi d'Schoulpolitik, de Museksunterrecht, d'Ofschafung vun den Distriktskommissären, d'Gemengepersonal, d'Tutelle an esou virun, duerfir hu mir net géint dëse Projet gestëmmt, mä mir hunn eis bei dësem Projet enthalen.

Merci.

» **Une voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Ech soen dem Här Gibéryen Merci. Als nächste Riedner ass den Här Marco Schank agedroen. Här Schank, Dir hutt d'Wuert.

» **M. Marco Schank (CSV).** - Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, den Enjeu vun der Aarbecht vun der Spezialkommissioun huet de Rapporteur - de Michel Wolter - virdu presentéiert a virewech och mäi Merci un de Président-Rapporteur, dee mat ganz vill Geschéck an där him eegener konstruktiver Tockskäppgeheet et fäerdeg bruecht huet, datt d'Aarbecht vun der Spezialkommissioun konnt no dräi Joer zu engem virleefegen a positiven Enn gefouert ginn. Wann eng Kéier alles ëmgesat ass, wat d'Kommissioun proposéiert huet, da si mer effektiv e gutt Stéck weiderkomm.

Fir meng Begrëffer ass d'Resultat eigentlech ganz remarquabel, wann ee bedenkt, datt dat erkläertend Zil war, ee méiglechst breede Konsens iwwert d'Fraktiounen eraus ze fannen. Esou eng wesentlech Reform wéi d'Reform vun eisen territoriale Strukturen kann een net eleng mat de Stëmme vun der Majoritéit plangen.

Nun, wat ass dat inhaltlecht Zil vun dëser Reform? De Rapporteur huet et virdu kloer gesot, ech wëll et nach eng Kéier a fënnf Punkte résuméieren.

Kloer Missioun fir d'Gemengen am 21. Jorhonnert am Zesummespill mat de staatleche Kompetenzen, dat ass ganz wichtig, méi revendikativ si vis-à-vis vum Stat, méi Autonomie am Sënn „net méi Bittsteller-gemeng sinn“, méi Effizienz an der Gestiou vun eise Gemengen. Eng gréisser Effizienz ass ee ganz wesentleche Punkt. Eng Gemeng vun 3.000 Awunner ka wesentlech méi effizient eng Maison relais organiséieren, géréieren, wéi wann eng nëmme 1.000 Awunner huet. Et gëtt aner Beispiller. Wichtig ass och méi Subsidiaritéit an Nohaltegeheet - dee Begrëff hunn ech haut weider net héieren - am Wiesselspill vun de Kompetenze Stat/Gemengen.

Derbäi kënnt, datt den Intérêt communal haut natierlech e ganz aneren ass wéi am 19. Jorhonnert, dat souwisou, mä och am 20. Jorhonnert war et een aneren. Wann ech kucken, haut spille Politikfelder eng Roll, déi et an der Zäit, also fréier iwwerhaapt nach net gouf, wann ech un d'Ëmwelt denken, d'Energie, nohalteg Waasserwirtschaft, eng breet Prévoyance sociale, ee komplexen Aménagement vun eise Gemengen an esou weider. Haut geet et och net duer, einfach eng Schoul ze organiséieren, mä wichtig ass och dat, wat ronderëm passéiert. Zum Beispill d'Interaktioun tëschent der Schoul an de Kannerbetrieuungsstrukturen, eben ee gutt Beispill fir déi nei Erausforderungen an eise Gemengen.

Haut spillen d'Gemengen eng ëmmer méi grouss Roll wat d'Versuergung mat Energie ugeet. Si si ganz dacks déi, déi mam gudde Beispill virginn, eng Virreiderroll spillen am Kontext Energieeffizienz, Stéchwuert Klimabündnisgemengen. Op d'Activité commerciale kommen ech nach zrëck.

Haut mussen awer och de Logement an Aarbechtsplazbeschafung zum Beispill an eise Gemengen eng Roll spillen, e grouss Stellewart hunn, well vill Gemenge beweisen Dag fir Dag, datt si et sinn, déi et erméiglechen, datt zum Beispill Wunraum wesentlech méi erschwénglech ass, wéi dat vläicht op anere Plazen de Fall ass.

Haut mussen d'Gemengen och wesentlech méi leeschten, wéi dat nach viru Jorzéngten de Fall war. Virun allem doraus resultéiert eng modern Konzeptioun vun der Gemeng zu Lëtzebuerg. An anere Wieder, mir wëllen - et ass schonn e puermol gesot ginn - méi staark an autonom Gemengen, déi Services de base ubidden, Déngschtleeschungen, déi d'Biergerinnen an d'Bierger erwaarde vun de Gemengen. Et ass am Endeffekt d'Evolution vun der Gesellschaft, déi derfir suergt, datt eng Rei Missiounen vun de Gemengen an och vum Stat dobaussen erwaart ginn.

Här President, ech wollt véier Punkten uschneiden, kuerz d'Principes fondamentaux de l'État, dann déi noutwendeg Moyenen, déi modern Gemenge brauchen, drëtens op d'Disponibilité politique agoen an och ee ganz wichtige Sujet - mäin Dada, wann ech dat esou därfer soen -, d'Kooperatioun vun de Gemengen ënnerenee respektiv an de Regiounen.

Als Éischt just ee Saz zu de Principes fondamentaux de l'État. D'Meenung vu menger Fraktioun war, fir der Logik vun der Organisatioun vun eise Stat trei ze bleiwen, d'Artikelen 2 an 107 vun eiser Verfassung: „l'autonomie communale relève d'une délégation de compétence et de missions de l'État vers les communes“, an et ass de Stat, deen dës Kompetenze bestëmmt.

Ee Wuert zu der Fro, ob eng Collectivé de voie publique eng Activité commerciale därfer ausüben. Mir hunn als Fraktioun prinzipiell Nee gesot. Déi Fro hu mer och an der Kommissioun diskutéiert. Notamment am Kontext vun der Energieversuergung a bei den erneierbaren Energien hu mer awer och dättelech gesot am Rapport, datt Gemenge sollen, kënne an deem Beräich aktiv sinn, aktiv bleiwen, well et eng historesch Evolution gëtt respektiv Gemenge bei erneierbaren Energien och eng wichtig Virreiderroll nun eemol spillen.

Mir hunn an deem Kontext och gefrot fir eng Loi-cadre ze kréien, wou d'Regele festgeschriwwe ginn am Kontext vun den ekonomeschchen Aktivitéiten vun de Gemengen, déi an eisen Aen awer sollen d'Ausnahm bleiwen.

D'Kommissioun huet och ganz dättelech gesot, datt et legitim ass, datt Gemengen Initiativen am Beräich vun den erneierbaren Energien an d'Wee leeden an och een Deel vun der Energiepolitik organiséieren, ouni datt déi Démarchen op eng reng Activité commerciale erauslafen.

Dann deen zweete Punkt: Ganz wichtig ass et, déi noutwendeg Moyenen ze garantéieren, fir datt d'Gemengen hir Missiounen kënne erfëllen. Ech hu virdu gesot, méi staark an autonom Gemengen, déi Services de base ubidden, mat Déngschtleeschungen, déi d'Biergerinnen an d'Bierger dobaussen erwaarden.

Eng Parenthèse an deem Zesammenhang: Ech selwer hunn am Numm vu menger Fraktioun, am Numm vun der Intérieurskommissioun am November 2003 am Kader vum Débat „Kompetenze Stat/Gemengen“ gesot, datt ebe just Stat a Gemengen eng partnerschaftlech Relatioun ustriewe mussen; eng Polariséierung hei wier sécher fatal. An deem Kontext an och am Kontext vu staarke Gemenge fält mir direkt de Begrëff vun der Masse critique an, notamment ee Seuil minimal vun der Populatioun, fir datt eng Gemeng iwwerhaapt an der Lag ass, fir deenen neien Erausforderungen ze entsprechen.

Och wa sécher net all déi Déngschtleeschungen an Aktivitéiten, déi d'Gemenge sollen organiséieren, am ganze Land déiselwecht kënne sinn, mussen awer gradesou sécher eng gewëssen Zuel vu Services de base fir all Gemeng ugebuede ginn. A wa mer vu méi Autonomie fir d'Gemengen a virun allem méi Effizienz schwätzen, dann huet d'Kommissioun Recht gehat, fir 3.000 Awunnerinnen an Awunner als Seuil respektiv Objektiv ze fixéieren, wat och keen absolute Wäert soll duerstellen, mä entsprechend ugepasst soll ginn.

Hei gëtt et virun allem och Ënnerscheeder, ob mer am ländleche Raum denken an evolüieren oder am städtesche Raum. Mir als Fraktioun si vun dësem Seuil vun 3.000 bis 4.000 Awunner am ländleche Raum ausgaangen - net, wéi den Här Etgen gemengt huet, vu 4.000 bis 5.000, mä vun 3.000 bis 4.000; seet awer ganz dättelech eis Fraktioun - a vun 10.000 am städtesche Raum. Ech wëll derbäi soen, datt insgesamt knapp een Drëttel vun deenen 116 Gemengen dee Seuil vun 3.000 Awunnerinnen an Awunner errechen.

Eis Fraktioun ass der Meenung, datt Fusiounen en adequat Mëttel sinn, fir méi staark a performant Gemengen zustanzekréien. Dat hu mer och schonn 2003 gesot am Rapport vum Débat „Kompetenze Stat/Gemengen“. Deemools ware mer eis schonn eens, datt d'Fusiounen dättelech am Intérêt vun de Gemenge sinn, besonnesch deene klenge Gemengen, fir hir Missiounen iwwerhaapt nach an dann och nach effikass kënne ze erfëllen. A wéi gesot, méi grouss Gemenge kënne méi Effizienz leeschten an enger ganzer Partie vu Services, déi se normal ubidden, ob dat eng Maison relais ass, ob dat ee Museksunterrecht ass, ob dat ee Service technique ass an esou weider.

D'Virgehensweis mat der Roadmap an Zesummenaarbecht mam Syvicol ass déi richtig, well se dem Terrain ugepasst ass a well se de reelle Kooperatiounen jeeweils um Terrain Rechnung dréit.

Um Terrain selwer deet sech de Moment eigentlech enorm vill. No Tandel, no Kiischpelt déi lescht Jore sinn eng Partie weider Fusiounsprojeten amgaangen. Ech denken un Hengesch-Munzen-Clief, u Fëschbech-Fiels, un Iermsdref-Miedernach, an Esch-Sauer-Ningsen-Heischent. Et gëtt vu Biekerch-Eil-Réiden geschwat. Ech weess net, wéi wäit se do sinn. Vu Feelen-Märzeg gëtt geschwat. Do weess ech och net, wéi seriö dat amgaangen ass. Mä wéi gesot, regelméisseg kommen eng ganz Partei esou Norichten.

D'Fro ass och net, d'Fusiounen oder Kooperatioun tëschent de Gemengen. Mä mir brauchen d'Fusiounen an d'Kooperatioun vun an an de Gemengen. Et ass kloer, datt och d'Fusiounen eleng un hir Grenze musse stoussen, an déi interkommunal Zesummenaarbecht geet dättelech doriwwer eraus.

Ouni Reform vun de Gemegefinanzen - et ass jo gesot ginn - mécht eng richtig Réforme territoriale wéineg respektiv kee Sënn, mä d'Regierung an och de Syvicol hu Propose gemaach. Et ass net esou, wéi gesot ginn ass, et wiere keng Propositionen, déi um Dësch géife leien. Ech hat eigentlech gemengt, de Kolleeg Fernand Etgen géif der am Numm vun der DP maachen. Ech hunn awer näischt esou ze héiere kritt de Mëtteg.

(*Interruption et hilarté*)

Am Regierungsprogramm an am Rapport steet jo och nach wie vor de Wunsch vun de

Gemenge respektiv vum Syvicol, fir d'Gemegefinanze méi enk un d'Statsfinanzen ze koppelen.

Eis Fraktioun huet an deem Kontext och dättelech gemaach, datt eng national Planung vun den noutwendegen Investissementer néideg ass, ënner anerem a besonnesch a Relatioun mat de Plans sectoriels.

Ech wëll och dorun erënneren, datt mer am November 2003 zwou Motiounen - am Ganze waren et der, mengen ech, néng - am Kontext vun der Grondsteuer an och vum Fonds régional zrëckbehalen hunn. Mir haten deemools festgehalen, datt den Impôt foncier ënner anerem net nëmme eng weider Ressource fir d'Gemengen ass, mä virun allem e Mëttel ass, fir d'Spekulatioun ze ënnerbannen op de Bauterrainen, a genau déi Iddi gëtt am Kader vum Pacte logement ëmgesat.

Dann hate mer an der Motioun am Kontext Fonds régional deemools geschriwwen, datt d'Gemengen, déi an enger regionaler Approche operéieren a kooperéieren, och entsprechend regional Aidë solle kréien. Haut elo huet d'Spezialkommissioun sech dättelech positionéiert a seet och, datt dës Fongen, déi iwwert de Statsbudget sollen alimentéiert ginn, fir d'Équipement an d'Politiken en vue vun enger regionaler Entwécklung geduecht sinn.

Da wollt ech awer nach, Här President, op en drëtten wichtige Punkt agoen, dat ass dee vun der Disponibilité politique. Am Fall eben, wou d'Reforme territoriale ëmgesat ass, si mir als Fraktioun der Meenung, datt et sënnavoll wier, eng Trennung vun de Mandater unzestriewen, d'Trennung tëschent de lokale Mandater engersäits an den nationale respektiv europäesche Mandater andersäits.

Ech wëll derbäi soen, dat d'Mandat vum Deputéierten an Zukunft ganz kloer méi e staarken europäesche Volet muss beinhaltten, wa mer dat wëllen ëmsetzen, wa mer eis selwer am Fong virginn hu fir d'Zukunft. Dat ass ganz, ganz wesentlech an dat maache mer nach ëmmer net genuch.

Hei ware mer eis fraktiounsiwwergräifend bekanntlecherweis net eens, notamment mir net mat der LSAP respektiv der DP. Déi Gréng louchen déi Kéier éischter op eiser Linn, souwuel bei den Dispositions anticumul wéi och bei der Chambre des élus communaux. Ech kommen nach dorop ze schwätzen.

Zrëckbehal gouf elo, datt dës Fro eréischt méi spët tranchéiert gëtt, ebe wann eng substantziell Reduktioun vun de Gemengen erreecht gouf - eng vun de Konklusiounen iwwerengs och am Regierungspabeier vun eise Innenminister.

An deemselwechte Kontext ass och d'Fro vum haaptamtleche Buergermeeschter tritéiert ginn. Et wäert ganz kloer esou sinn, datt mat enger ëmgesatener Territorialreform, mat méi Masse critique an de Gemengen d'Funktioen vum Buergermeeschter muss professionaliséiert ginn, an do spillen dann eben och d'Indemnitéiten vun de Buergermeeschtere beispillsweis, respektiv d'Protection sociale e ganz wesentleche Punkt, wou mir gesot hunn, datt ee sech Ähnlech keint virstelle wéi bei den Deputéierten.

D'CSV-Fraktioun huet sech doriwwer eraus och fir eng Assemblée territoriale ausgeschwat, wou d'Buergermeeschtere géife siégéieren. Och déi Iddi huet kee Konsens gemaach, mä esou schlecht kann d'Iddi jo awer net sinn, well och de Syvicol huet d'Schafe vun enger Chambre des élus locaux préconiséiert.

Iwwerengs soll d'Upassung vun den Indemnitéiten an dem Congé politique zesumme mat dem Zustandekomme vun där neier Kartographie geschéien am Kader vun der Ëmsetzung vun der Territorialreform am Laf vun der Zäit. Eis Fraktioun huet och gesot, datt déi Fro vum Congé politique sech quasi net méi stellt, wann eng Territorialreform richtig bis ëmgesat ass.

Da wéi gesot mäi véierte Punkt, dee vun der Kooperatioun vun de Gemengen an all hire Formen, d'Kooperatioun tëschent de Gemengen, gewässeremoosse parallel an evolutiv mat de Fusiounen.

Erlaabt mer duerfir, och op dëser Plaz e puer Wuert zu den Aspekter vun der Zesummenaarbecht ze soen. Virdu och am Rapport vum Michel Wolter ass déi Kontinuitéit dättelech ginn, déi besteet tëschent dem Gesetz vun 1999, dem Programme directeur, den Débatten an der Chamber, ënner anerem deem iwwert d'Kompetenzopdeeling tëschent Stat a Gemengen, dann deem iwwert den IVL, der Ofstëmmung vun de sektorielle Pläng an der Territorialreform - Wou wunne mer an Zukunft? Wou schaffe mer? D'Mobilitéitsfro: Wéi bewege mer eis?

**Jeudi,
3 juillet 2008**

Wou fënnt d'Landwirtschaft statt? Wou Natur? -, d'Landesplanung am Zesummespill vu ville Strukturen, ech mengen, datt dat ee ganz wesentlech Punkt ass an datt dat och lues a lues ëmgësat gëtt.

Fir mech si Fusioun a Kooperatioun Schlësselbegrëffer fir eng performant Territorialreform, déi op feste Féiss steet.

An deene leschte Joren a Jorzéngten hu sech - gewässermoossen „bottom-up“ - d'Regiounen iwwer Land entwéckelt, dat ass scho gesot ginn. Mä et geet net duer mam „bottom-up“, mir brauchen och ee gewëssenen „top-down“.

Duerfir brauche mer d'Territorialreform mat neie Strukturen op Niveau vu Kantonen, vun Naturparken. Ech denken un de Pro-Sud als eng éischt Ëmsetzung och am Kader vum 99er Gesetz. Iwwerall do an deene Planungsregiounen, déi mer eng kéier definéiert hunn a wou mir als Fraktioun och der Meenung sinn, datt déi Regiounen an déi Iddi vun de Planungsregiounen sollen existent sinn, wëlle mer, datt déi Planungsregiounen no an no iwwert d'Gesetz vun '99 och mat Liewe gefëllt ginn.

Eis als CSV gefält dat Gesetz eigentlech ganz gutt. Ech erënneren och dorun, datt d'Naturparkgesetz deemools eigentlech Pätter respektiv Giedel stoung fir dat Gesetz vun 1999.

Selbstverständlech kann dee genauen Territoire vun de jeeweilege Regiounen eréischt da festgeluecht ginn, wa mer an e puer Joer wëssen, wéi eis Gemengelandchaft definitiv ausgesäit.

An deem Modell géifen déi städtesch Regiounen am Süden an am Centre Sud als Communautés urbaines gëréiert ginn. De Centre Sud kritt doduerch eng vill méi urban Vocioun. An am Fall vun der Regioun Süde gesinn ech d'Kreatioun vun dräi Communautés urbaines, déi jo am Rapport virgestallt goufen, ronderëm d'Pole vun Esch/Uelzecht, Diddeleng an Déifferdeng. Dëst an der Logik, datt tëschent deene Stied och eng enk Kooperatioun entsteet, déi d'Potenzial vun där ganzer Regioun wäert opwäerten.

Da géifen déi ländlech Regiounen, den Norden an de Westen an d'Région mixte vum Zentrum Norden iwwer eng entsprechend operationell Struktur verfügen, déi d'Gestioun vu verschidde Politiken ebe méiglech mécht op engem regionalen Niveau.

An den Diskussiounen vun der Kommissioun ass och däitlech ginn, datt een awer ländlech a städtesch Regiounen net an een Dëppe geheie kann an där. Si hunn däitlech eng aner Vocioun am Beräich vum Aménagement du territoire, an der ekonomescher Entwécklung an doriwwer eraus, an duerfir brauch een och aner Virgehensweisen.

D'Nordregiounen mussen also déi néideg Strukture mat op de Wee kréien, fir deenen Differenzen ze entspreche par rapport zu de Südregiounen.

Aus deem Grond schwätze mer an de ländleche Regiounen an an der Région mixte am Norden ëmmer nach vu Syndicats intercommunaux à vocation multiple, dat, wat mer jo och elo schonn, wéi gesot „bottom-up“, an de verschiddene Kantone hunn an an den Naturparken. Déi interkommunal Syndikater erstreckt sech iwwert dee gesamten Territoire vun där jeeweileger Regioun an ëmfaassen och do all d'Gemengen. An dat mat deenen - dat ass wichteg - regionspezifische Missiounen, selbstverständlech a Konformitéit mat den entsprechenden Regionalpläng, déi mir brauchen, an och de Plans sectoriels.

An d'Regioun mixte Zentrum Norde misst där Partikularitéit och Rechnung droen, datt d'Communauté européenne vun der Nordstad op hirem Territoire do entsteet. Och hei misst d'Gestioun d'Vocioun vun där spezieller Regioun erëmginn.

Wat elo d'Kompetenze vun där Gemengesyndikater ugeet, wieren et jo dann éischter d'Plans régionaux, un deenen ee sech géif orientéieren. Doriwwer eraus mussen d'Memberen am Syndikat, also d'Gemengen, fräi sinn, iwwert dee rege regionalen Niveau eraus Initiativen an Aktiounen ze maachen, déi si selwer fir néideg fannen, an dat entsprechend de Kompetenzen, déi un d'Syndikater weider delegéiert ginn.

Wat déi regional Entwécklung an Zesummenaarbecht konkret ugeet, sinn ech perséinlech der Meenung, datt hei een haaptamtleche Management noutwendeg ass. Dat hunn d'LEADER-Regiounen gewisen, dat hunn och d'Naturparke gewisen, datt, wann een haaptamtlech Leit huet, Experten, déi sech an der regionaler Entwécklung auskennen a wéi gesot haaptamtlech Aarbecht maachen, een a ville Beräicher iwwert d'Ekonomie, iwwert de soziale Beräich, iw-

wert d'Ekologie an esou weider méi konkret, méi effikass schaffe kann an eben och mat spezifesch Hëllef fir de Fonctionnement, déi zu där Aarbecht géife gehéieren.

Här President, ech kommen zum Schluss. Ech wollt, nodeem datt ech mech nach méi intensiv mat der Zesummenaarbecht tëschent de Gemengen a Relatioun mam Stat beschäftegt hunn, am Fong och nach eng kéier däitlech maachen, datt d'Kooperatioun a mengen Aen de Schlëssel fir den Erfolleg vun der Territorialreform an hirer séierer Ëmsetzung duerstellt. De Rapporteur huet virdrun en Appel un d'Gemenge gemaach; ech géif mech deem uschléissen.

Ech mengen, datt awer dobaussen deelweis nach méi Bereetschaft, fir an d'Richtung vun den Iddien, vun de Grondsätz vun deem grouss Konzept vun der Territorialreform ze goen, besteet, wéi mir dat vläicht mengen. Wann ee mat de Responsabelen aus de Gemenge schwätzt, kritt ee ganz däitlech d'Gefill, datt do eng ganz grouss Bereetschaft ass, eng Opbrochstëmmung deelweis, fir mat op de Wee ze goe vun där Territorialreform. Insgesamt wier natierlech nach vill zu där ambitiöser Reform ze soen.

Ech wollt awer och menge Kolleeginnen a Kolleegen an der Kommissioun e Kompliment maachen a soen, datt si och zum groussen Deel bereet waren, emol iwwer méi enk Grenzen ze sprangen. De Rapport ass ouni Géigestëmm ugeholl ginn; mat natierlech där enger oder anerer Remarque awer am Text, wou besonnesch och d'DP hir aner Vuen artikuliert huet.

Erlaabt mer nach déi breet Identitéit de vue vun der Kommissioun mam Syvicol feststellen, déi net onwesentlech a mengen Aen zum positive Resultat bäigedroen huet. Ech muss soen, selwer sinn ech och zefridden, datt den Exercice vu viru bal fënnef Joer - den Débat deemools Kompetenze Stat/Gemengen, wou ech selwer Rapporteur war - och net ëmsoss war, well d'Spezialkommissioun zum Deel konnt an hirer Aarbecht dorop opbauen.

Ech wëll och do déi 14 Propositionen ernimme vum deemolegen Innenminister am Kader vun deem Débat. Wann een déi nach eng kéier noliest, gesäit een, datt eng ganz Partie Saachen och gehollef hunn, d'Konzept eigentlech am Kader vun der Territorialreform däitlech ze maachen. Dësen Débat ass selbstverständlech kee Schluss, mä e weidere wichtige Schratt an d'Richtung, fir eist Land fit ze maache fir d'Erausfuerderunge vum 21. Jorhonnert.

Ech soen lech Merci.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Ech soen dem Här Schank Merci. Als nächst Riedner ass den Här Jean-Pierre Klein agedroen. Här Klein, Dir hutt d'Wuert.

» **M. Jean-Pierre Klein (LSAP).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Merci dem Rapporteur, net nëmme fir säin detailléierten a gudde Rapport, mä och fir déi vill Aarbecht, déi hien als President vun der Spezialkommissioun gemaach huet.

An deene leschte Joren ass dacks an der Öffentlechkeet an och hei an der Chamber gesot ginn: Mir brauche staark Gemengen, déi d'Erausfuerderunge vum 21. Jorhonnert meeschte kennen. Wat heescht dat iwwerhaupt, staark Gemengen?

Erlaabt mer, fir dës Fro ze beäntweren, op den Ufankspunkt vun eisen Diskussiounen zrëckzekommen, a besonnesch op d'Zilsetzung vun der ugestrieffter territorialer Neuordnung: 1. alle Bierger am Land eng diversifizéiert a qualitativ héichwäerteg Offer un öffentleche Servicer unzëbieden; 2. dës Servicer op eng méiglechst effikass Aart a Weis ze organiséieren.

D'Analysen, déi d'Spezialkommissioun gemaach huet, lafen op folgend Konklusiounen eraus: Fir dës Ziler ze erreechen, brauchen d'Gemengen eng gewësse Masse critique. Dës hu mer jo bekannterweis op ronn 3.000 Awunner festgeluecht an nach mat anere Kritäre verbonnen.

Wat ech awer hei nach eng kéier wëll ënnersträichen, ass, dëst ass just eng Condition nécessaire, mais pas suffisante fir staark Gemengen ze hunn, fir den Uspréich vun de Bierger gerecht kënnen ze ginn an am Respekt vum Prinzip vun der Subsidiaritéit déi Aufgaben auszeféieren, déi am beschte kommunal gëréiert solle ginn.

Ech wëll probéieren lech duerzeleeën, wéi ech mengen dass mer elo solle virgoen, fir dass dës esou staark Gemenge Realitéit ginn.

Vergiesse mer eppes net: D'Reorganisation territoriale ass mam Rapport net ofgeschloss. Am Fong fänkt se elo eréischt un,

an um Wee vun hirer Exekutioun wäerte mer nach Schwieeregkeeten ze iwwerwonne kréien.

D'Spezialkommissioun hat bewosst eng ganz breet Approche suivéiert a sech mat ville Sujete befaasst, déi de près ou de loin mam Thema ze dinn haten. Villes vun deem, wat mer virschloen, hänkt awer direkt oder indirekt vum Succès vum eigentleche Kärstéck vun der Reform of, nämlech vun der Gestaltung vun enger neier Gemengelandchaft, déi mer hei zu Lëtzebuerg wëlle kréien.

D'Kommissioun ënnerstëtzt d'Bestriewunge vum Innenminister, deem zesumme mam Syvicol e Schema ausgeschafft huet, wéi esou eng nei Territorialuerdnung kéint ausgesinn. Dëse Schema ass als Base de discussion ze gesinn, deem da mat de betraffene Gemengen duerchdiskutéiert muss ginn.

Ech sinn der Meenung, dass d'Regierung hei dee richtege Wee ageschloen huet. Si respektéiert dat, wat d'Gemengen ëmmer gefuerdert hunn, nämlech dass d'Fusiounen net vun uewen erof kënnen diktéiert ginn. Et soll besonnesch bestehenden interkommunale Kooperatiounen Rechnung gedroe ginn, der geographescher Lag, de Spezifisitéit vun der Regioun. Déi Gemenge solle beieeneekommen, déi beienee passen, beienee gehéieren.

D'Propos ass no objektive Kritären ausgeschafft ginn a si ass net a Stee gemeesselt, mä léisst nach Spillraum fir Diskussiounen a berechtigt Retouché mat de Gemengen op.

Ech sinn net pessimistes, mä realistesch. Et soll sech net ze fréi op d'Schëller geklappt ginn. Mir därefen net vergiessen, dass an de 70er Jore schonn eng ähnlech Tentative feelgeschloen ass. Bekanntlech soll ee probéieren aus de Feeler vun der Vergaangenheet ze léieren, duerfir erlaben ech mer kuerz drop anzegoen, wat menger Meenung no deemools schifgelaf ass a wat haut muss anescht ugepaakt ginn.

Am Oktober 1972 huet den deemolegen Innenminister en Dossier un all d'Gemenge geschéckt mat zwee Schemae fir eng nei Gemengelandchaft a mat engem Questionnaire, op deem ënner anerem d'Fro stoung: Le Conseil communal est-il d'accord en principe à fusionner avec d'autres communes?

Contrairement zur haut wäit verbreete Meenung, waren d'Gemengen net majoritär géint d'Fusiounen. En fait hunn 83 Gemenge positiv op dës Fro geäntwert; nëmmen 42 waren am Ufank dergéint.

D'Association des Villes et Communes luxembourgeoises hat deemools eng Rei vu Versammlungen uechtert d'Land organiséiert, fir de Bols bei de Gemengen ze fillen. Am Rapport, deem doropshi gemaach gouf, war Folgendes ze liesen: «Il semble qu'une majorité de représentants communaux accepte maintenant l'idée d'une restructuration par fusions. Celle-ci ne se heurte plus à la répugnance plutôt générale d'il y a quelques années encore. L'idée en elle-même a sans doute fait son chemin. Il importe cependant que la fusion ne soit pas réalisée comme une fin en soi. Il ne faut pas faire de fusions uniquement pour avoir la satisfaction de réduire le nombre de communes. Il est indispensable que l'utilité de l'opération soit mise en évidence dans chaque cas. L'administration doit être améliorée et les avantages pour les habitants doivent être démontrés.»

Wann ech näischt virdru gesot hätt, hätt ee kënnen mengen, hei géif d'Stëmmung aus dem Joer 2008 beschriwwen ginn. Wou louch dann awer deemools d'Kromm an der Heck? Ech zitëiere weider aus dem Rapport ënnert dem Kapitel «L'insuffisance des informations recueillies dans le dossier diffusé par le Gouvernement»: «Pour accréditer l'idée de la fusion aux yeux des mandataires communaux et sans doute aussi de la population, il ne suffit pas de parler vaguement d'une amélioration de l'administration et d'un meilleur emploi des investissements. Les élus ont déploré unanimement l'absence de tous renseignements sur la manière dont devraient être résolus un certain nombre de questions et de problèmes au sujet desquels une clarté suffisante doit être acquise avant.»

Hei ginn zum Beispill ugeféiert: de Wahlmodus vum neie Conseil; d'Manier wéi d'Representatioun vun den integreerte Gemengen am neie Conseil soll geregelt ginn; d'finanziell a steierlech Aspekter; den Numm vun der neier Gemeng an esou weider.

Et ass duerfir, dass den Innenminister, wann hien am Hierscht eng Tournée duerch d'Gemenge mécht, net nëmmen eng Kaart a senger Mapp huet, mä prett ass op eng ganz Rei konkret Froen ze äntweren, déi

d'Gemengeverrieder ouni Zweifel wäerten hunn. Eng Strategie nom Motto „Komm, mir maachen elo emol eng Kaart an da kucke mer wéi et weidergeet“ fonctionnéiert net, wéi eis d'Erfahrung aus de 70er Jore weist. Idealerweise solle schonn éischt Elementer vun enger zukünfteger Loi-cadre iwwert d'Fusioun bekannt sinn.

(Mme Anne Brasseur prend la Présidence)

Wichteg ass awer och, den Éluen an de Bierger d'Valeur ajoutée vun där Fusioun kloerzemaachen. Besonnesch de Fait, dass eng méi grouss Gemeng vill méi diversifizéiert Servicer ubidde kann, muss ervirgestrach ginn. Duerch d'Zesummeleeën vu Gemengenadministratiounen kënnen d'Beamte vill méi spezialiséiert Aufgaben iwwerhuelen. D'Gemenge kréie vill méi Gestaltungsspillraum. Si kënnen kreativ ginn an a Beräicher, wou si et fir néideg halen, ganz aner Akzenter setzen, wéi zum Beispill am Ëmweltberäich, an der Kultur, am Tourismus, fir nëmmen dës Beispiller ze nennen.

Mir müssen awer och realisteschereis do-vunner ausgoen, dass, egal wéi gutt d'Kommunikationspolitik vun der Regierung an deem Dossier ass, et ëmmer nach Gemeengepolitiker a Bierger uechtert d'Land wäert ginn, déi der Meenung sinn, dass dach eigentlech alles gutt fonctionnéiert, dass mer sollen alles beim Ale loossen an dass mer keng Territorialreform brauchen.

Ech fäerten, dass ee si och net mat Argumenter iwwerzeegt kritt wéi zum Beispill deem, dass, wann d'Gemenge méi grouss sinn, si an hire Gemenge méi diversifizéiert a méi qualitativ héichwäerteg Servicer ubidde kënnen respektiv dass si méi effizient fonctionnéiere kënnen.

Wann een iwwert d'Fusioun schwätzt, ass ee séier op sensiblem Terrain. Begrëffer wéi Identitéit, lokal Verwurzelung, Lokalpatriotismus sinn dësen Diskussiounen net friem. Mir vergiessen nämlech dacks, dass de Mënsch net nëmme rational handelt, mä dass en och staark vun Emotiounen geprägt a beaflosst ass. Ech erlabe mer hei ee Vergläich ze maache mat engem rezenten Evénement aus der europäescher Aktualitéit, nämlech dem Referendum an Irland iwwert de Lissabonner Traité. Fir déi Baussestehend war déi virulent Opposition bei engem Deel vun der Bevölkerung schwéier nozevollzéien, well se allem Uschäin no méi emotional wéi rational motivéiert war.

Esou Reaktiounen muss een awer erwaarden, wann een un d'Repère fréckele geet, un déi d'Leit gewinnt sinn. An dat ëmsou méi an engem mondialiséierten Ëmfeld, dat sech Dag fir Dag rasant verännert. Duerfir, gradesou wéi elo gesot ginn ass, et misst een den Iren deen néidege Respekt weisen, solle mer och deenen, déi sech schwéierdi mat de Fusiounen, mat Respekt géintiwuertrieden. Wat ech domat wëll soen, ass, dass een hinnen Zäit soll ginn, fir sech un déi nei Repèren ze gewinnen.

De Syvicol huet sech a sengem Positionspabeier fir d'Konzept vun de Coopérations renforcées agesat. Engersäits war d'Verriedung vun de Gemengen ëmmer géint vun uewen erof diktéiert Fusiounen, anersäits muss een awer och agesinn, dass déi fräiwëlleg Fusiounen, déi jo elo scho méiglech sinn, eis net wierklech weiderbruecht hunn. Et ass tatsächlech schued, dass no de Fusiounen aus de 70er Joren den Dossier an den Tirang geluecht ginn ass. Wären déi sukzessiv Regierungen um Ball bliwwen, da wäre mer haut scho vill méi wäit fort. Mir bräichte souguer vläicht net méi iwwert d'Problematik ze schwätzen.

D'Originalitéit vun de Coopérations renforcées besteet doranner, dass se e Mëttelwee duerstellen tëschent dem „top-down“ an dem „bottom-up“. Et geet drëms, fir iwwer eng intensiv Zesummenaarbecht, iwwer e Wee vu gemeinsame Projeten d'Gemenge progressiv beienenzeféieren. Concernéiert Gemengeréit treffe sech regelméisseg, fir iwwert de Stand vun der Kooperatioun ze informéieren a se virunzedreiwen.

Si sollen esou Zäit kréien, fir sech uneneen ze gewinnen, ier se dann de Schrëtt a Richtung vun enger regelrechter Fusioun maachen. Dës Transitionsphas ass fir eng Rei Gemengen onbedéngt noutwendeg; ech kann dat net genuch ënnersträichen. Wann d'Verfechter et dann och nach fäerdeg

bréngen, déi Saach mat deem néidege Fan-
gerspëtzegefill unzepaken, da sinn ech op-
timistesesch, dass dësen Ulaf dee richtege
wäert sinn an de Projet mat Succès ofge-
schloss ka ginn.

Madame Presidentin, Dir Dammen an Dir
Hären, ech hunn et virdru gesot, eng nei
Gemengelandchaft schafen, soll net dat
eenzegt Zil vun eise Bestriewunge sinn.
D'Spezialkommissioun huet eng Rei Re-
commandatioune gemaach, a wéi enge
Beräicher um Niveau vun der Kompetenz-
verdeelung tëschent Stat a Gemenge punk-
tuell Adaptatioune misste gemaach ginn.
Doriwwer eraus kënne mer awer net iwwer
staark Gemenge schwätzen, ouni e Wuert
iwwert d'Gemengenautonomie ze verléie-
ren.

Wéi Der wësst, ass d'Autonomie commu-
nale am Artikel 107 vun eiser Constitutioun
festgehalen.

Mä wat ass Gemengenautonomie? Déi eu-
ropäesch Charta vun der Autonomie locale
probéiert se folgendermoossen ze definéie-
ren: «Par autonomie locale on entend le
droit et la capacité effective pour les collec-
tivités locales de régler et de gérer, dans le
cadre de la loi, sous leur propre responsa-
bilité et au profit de leur population une part
importante des affaires publiques.»

Fir ze vermeiden, dass si trotzdeem nëm-
men en abstrakt Konzept bleift, dat, jee no-
deem op wéi enger Säit ee steet, anescht
interpretéiert ka ginn, leet d'Charta, déi mer
1987 hei zu Lëtzebuerg ratifizéiert hunn, an
hiren Artikelen eng Rei Prinzipië fest, déi ee
Land muss respektéieren, wann et et mat
der Gemengenautonomie eescht mengt.

D'Erfahrung aus deene leschten 20 Joer
huet allerdéngs gewisen, dass et noutwen-
deg ass, nach ee Schrack méi wäit ze goen
an der Protektioun vun der Gemengenauto-
nomie. Duerfir huet de Congrès des pou-
voirs locaux et régionaux vum Conseil de
l'Europe elo e Projet de protocole addition-
nel zu der Charta ausgeschafft, dee ver-
schidden Dispositiounen développéiere
respektiv complétiéiere soll.

Et muss ee mat grousser Satisfaktioun fest-
stellen, dass heiranner elo eng Rei Prinzipië
verankert sinn, fir déi mir schonn zënter Jo-
ren antrieden. Ech wëll kuerz déi wichtegst
opzielen.

De Prinzip vun der Connexitéit seet ënner
anerem Folgendes: Éischtens, dass, wann
duerch d'Reduktioun oder d'Supressioun
vun enger lokaler Steier oder d'Diminutioun
vun hirer Base imposable, déi vum Niveau
supérieur, an eise Fall vum Stat décidéiert
gëtt, de Revenu vun de Gemengen erof-
geet, eng adequat Kompensatioun fir d'Ge-
menge muss stattfannen.

Ech maachen drop opmierksam, dass,
wann dës Dispositiounen deemools schonn
a Kraaft gewiescht wären, d'Erofsetze vum
Taux d'assiette vun der Gewerbesteier vu 4
op 3% am Joer 2001 net ouni Kompensa-
tiounen de Gemengen hätt kënne oc-
troyéiert ginn.

Zweetens, wann d'Autorité supérieure déci-
diéiert, de Gemengen nei Chargen opze-
erleëen, muss gläichzäiteg een Transfert
vun de finanzielle Ressourcen un d'Ge-
menge respektiv d'Autorisatioun, nei Res-
ourcen ze generéieren, virgesi ginn. Et ass
bekannt, dass och de Syvicol ëmmer
contestéiert huet, dass d'Gemenge gehale
gi sinn, d'Éducation précoce anzeféieren a
Betreiungsstrukture fir d'Schoulkanner op-
zerichten, ouni dass se duerfir zousätzlech
finanziell Méttelen zur Verfügung gestallt
kritt hunn. Elo kréie se also iwwert dëse Pro-
tokoll de Réck gestäipt.

Een anere wichtigen Artikel vum Protokoll
befaasst sech mat den Dotatiounen a Sub-
ventiounen fir d'Gemengen. Éischtens gëtt
festgehal, dass déi finanziell Transferte vum
Stat un d'Gemenge virun allem aus net af-
fektéierte Revenuë bestoe sollen. Zu Lëtze-
buerg stelle mer awer an deene leschte
Jore genee déi entgéigegesaten Tendenz
fest.

D'Subsiden un d'Gemenge gi proportionell
vill méi staark an d'Luucht wéi déi net affek-
téiert Revenuen. Dëst ass a mengen Aen e
Moyen fir de Stat, fir seng Kontroll iwwert de
Gemengen hir Aktivitéiten ze verstärken an
ass duerfir net kompatibel mat enger staar-
ker Gemengenautonomie.

Zweetens - an dëse Paragraph mécht mer
ganz besonnesch vill Pläseier - seet eng
Dispositioun am Protokoll, dass d'Kritäre fir
d'Zougestoe vun Dotatiounen a Subsiden
„objectifs, clairs, transparents, prévisibles
et vérifiables“ musse sinn.

Jiddfereen, deen eppes mat Gemengepoli-
tik zu Lëtzebuerg ze doen huet, weess,
dass mer am Moment vun dëser Transpa-
renz bei der Attributioun vu staatleche Sub-
siden nach wäit ewech sinn.

En drëtten wichtigen Artikel betrëfft d'Parti-
cipatioun vun de Collectivités locales un den
Décisiounen, déi si betreffen. Ier d'Autorité
supérieure eng Décisioun hält, déi eng oder
méi Gemenge betrëfft, muss se 1. virdrun
d'Gemengen doriwwer informéieren; 2. hin-
nen en Accès zu relevanten administrativen
Dokumenter ginn; 3. hinne d'Méiglechkeet
ginn, hir Positioun bekannt ze maachen; 4.
a schlussendlech hir Décisioun motivéieren,
andeem se d'Meenung vun de Gemenge
mat a Betruecht hält. All Décisioun, déi den
Equilibre vun de Ressourcë vun de Geme-
ngen, d'Modalitéte vun der Allocatioun vu
Subsiden oder Dotatiounen affektéiert,
muss virdru mat de Gemenge verhandelt
ginn.

Virun esou enger Décisioun muss eng Eva-
luatioun vun hirem Impakt op d'Finanze vun
de Gemenge gemaach an hir Resultater pu-
blic gemaach ginn.

Schlussendlech gëtt och nach eng Kéier de
Prinzip bekräftegt, dass déi administrativ
Kontroll vum Stat - d'Tutelle - kee Pouvoir
d'évaluation vun der Opportunitéit vun en-
ger Gemengendécisioun däerf hunn, mä
dass just d'Legalitéit däerf kontrolléiert ginn.

Wa Lëtzebuerg - wéi ech hoffen - dëse Pro-
tokoll ënnerschréift, wäerte mer d'Geleee-
nheet kréien, fir am Detail dës Dispositiounen
an der Chamber ze diskutéieren. Ech géif et
awer richteg fannen, wann dës Elementer
elo an dësem Moment schonn an d'Ëmset-
zungsphas vun der Territorialreform géife
mat agebaut ginn. D'Regierung wär gutt be-
roden, sech elo scho Gedanken ze ma-
chen, wéi se déi administrativ Prozeduren,
déi mer am Moment hunn, konform zu dë-
sen Dispositiounen maache kann. Wéi staark
eis Gemengen tatsächlech sinn, wäert näm-
lech heivunner ofhänken.

Ech erënnere drun, dass d'Spezialkom-
missioun zur Konkursioun komm ass, dass
eng fundamental Neiverdeelung vun de
Kompetenzen tëschent Stat a Gemengen
net wünschenswäert ass, well et eigentlech
drëms geet, dass d'Gemenge genuch
Marge de manoeuvre hunn, fir dës Kompe-
tenz kënne auszeüben; eng reell Autono-
mie communale eben. Hei ass, mengen
ech, zu Lëtzebuerg nach Verbesserung
méiglech.

An dësem Zesammenhang muss och d'Fro
nach eng Kéier gestallt gi vun der Vertrie-
dung vun de Gemengeninteressen am in-
stitutionelle Gefüge zu Lëtzebuerg. Zurzäit
geschitt dëst iwwert de Syvicol. Och wann
en iwwert déi lescht Joren ëmmer méi als In-
terlocuteur vun der Regierung fir d'Froen,
déi d'Gemenge betreffen, uerkannt gëtt, esou
besteet awer néierens eng Obligatioun, fir
de Syvicol ze konsultéieren, wa Gesetzer
déposéiert ginn, déi en Impakt op d'Ge-
mengen hunn.

Ech mengen, dem Syvicol seng Roll als
Sprochrouer vun de Gemenge muss op-
gewäert ginn. A wéi enger Form, dat bleift
nach ze kucken. D'Iddi, fir eng Chambre
des pouvoirs locaux ze schafen, an där
d'Buergermeeschtere vum Land vertruede
wären an déi als zweet Chamber nieft der
Chambre des Députés hätt kënne bestoen,
ass vun der Kommissioun net zréckbehale
ginn.

Dass de Syvicol awer op d'mannst en ähn-
leche Statut wéi eng Chambre profession-
nelle misst kréien, dat schéngt mer am In-
térêt vun der Demokratie hei zu Lëtzebuerg
ze sinn.

Staark Gemenge sinn awer och Gemengen,
déi professionell gefouert ginn. Dat heescht,
deenene hir Éluen déi néideg Disponibilitéit
an dat néidegt Wëssen hunn, fir hirem Man-
dat nozegoen, an déi eng modern Adminis-
tratioun hunn, déi de Besoinë vun der Zäit
ugepasst ass.

D'Gemengepolitik soll am 21. Jorhonnert
keen Hobby sinn. Mir sinn de Bierger et
schëlleg, Éluen ze hunn, déi present an ac-
cessibel sinn, déi sech an de Fong vun den
Dossiere kënne knéien an dëser dach ëm-
mer méi komplexer Welt.

Den Innenminister huet versprach, de
Congé politique eropzesetzen. Dat ass
dréngend noutwendeg, dat ass och schonn
haut de Mëtteg e puermol hei gefuerdert
ginn.

D'Fro, déi sech stellt, ass: Geet dat duer
oder muss een eventuell higoen an de pro-

fessionellen, dat heescht Vollzäitbuerger-
meeschter aféieren?

D'Kommissioun huet sech nach net definitiv
heizou prononcéiert. Ech mengen awer
schonn, dass et eng logesch Konsequenz
ass vun deem ganze Pak vu Konkursiounen,
déi d'Chamber gezunn huet.

Enk verbonne mat dësem Sujet ass och
d'Trennung vum Mandat vum Buerger-
meeschter an Deputéierten. Dës Fro wäert
sech nei stellen, wann eng nei Gemenge-
landschaft entstanen ass.

D'Kommissioun war awer eestëmmeg der
Meenung, dass et opportun wär, d'Offer u
Formationsméiglechkeete fir d'Éluen ze
verbesseren. Ech wëll hei dorun erënnere,
dass de Syvicol amgaangen ass, mam Mi-
nistère de l'intérieur an am Gespréich mat
der Fonctioun publique mat dem Institut na-
tional d'administration publique ee Forma-
tionsprogramm opzebauen, deen aus dräi
Deeler soll bestoen.

Am éischten Deel geet et dorëm, dat fach-
lecht Wëssen op- respektiv auszebauen.
Dat wäer Coursen, wou déi eenzel Législa-
tiounen, déi d'Gemengepolitik betreffen, ex-
poséiert ginn, vum Gemengegesetz iwwert
d'Gemengefinanze bis zum Aménagement
communal.

Am zweeten Deel geet et dorëm, déi metho-
dologesch Kompetenzen opzebauen, mat
Schwéierpunkten a Beräicher wéi Füh-
rungstechniken, Conduite de réunions an
esou weider.

An engem drëtten Deel geet et ëm sozial a
relationell Kompetenzen, mat Theme wéi
zum Beispill d'Prise de parole en public
oder d'Kommunikatioun mam Bierger.

Wann ee sech konsequent wëllt sinn, misst
een och op de Wee goen, fir den Éluen e
Congé de formation ze ginn, fir hinne ze
erméiglechen, vun dëser Offer ze profitéie-
ren. An deem Sënn hunn ech schonn am
Joer 2001 hei an der Chamber eng Proposi-
tion de loi gemaach.

Wat déi nei Strukturéierung vun der Geme-
negerverwaltung ubelaangt, ware mer eis an
der Kommissioun zimlech séier eens. Déi
proposéiert nei Opdeelung an dräi Piliere,
en administrativen, e finanziellen an en
techneschen, mat méi kloren hierarchesche
Relatiounen huet sech aus den Erfahrungen
um Terrain erginn.

D'Gemenge sollen och an Zukunft, wa se
wëllen, op Personal aus der Carrière supé-
rieure zréckgräifen, fir d'Postes a responsa-
bilité ze besetzen. Dat gëllt net nëmme,
awer ganz besonnesch fir déi méi grouss
Gemengen, wou et zäitgeméis ass, fir och
Juristen, Ekonomisten a Gestionnaire kën-
nen anzustellen, wéi et sech fir e modernen
Déngschtleeschungsbetrib gehéiert.

Rappeléiere wëll ech an deem Zesammen-
hang, dass hei nieft der Hauptstadt och a
ganz besonnesch déi am IVL zréckbehale
Mëttelzentre vum Land, d'Stad Esch an
d'Nordstad, betraff sinn, déi jo als Entwéck-
lungszentren an der Regioun eng beson-
nesch Roll ze spillen hunn.

Dir Dammen an Dir Hären, no dräi an en-
gem hallwe Joer Aarbechten huet d'Spezial-
kommissioun „Réorganisation territoriale du
Luxembourg“ hiren Ofschlossbericht vir-
geluecht.

Et muss een objektiv agestoen, dräi an en
halleft Joer ass eng laang Zäit. Ech erënne-
ren dorun, dass mer ursprénglech an der
Motioun festgehalen haten, schonn am
Summer 2006 mat enger parlamentare-
scher Debatt ofzeschleissen.

Dobäi ass et och net esou, wéi wa mer hei
Neiland betrueden hätten. Schon am No-
vember 2003 hate mer eng Orientéierungs-
debatt an der Chamber iwwert d'Opdeelung
vun de Kompetenzen tëschent Stat a Ge-
mengen. An ech widderhuelen, wa mer
nach méi wäit zréckkucken, stelle mer fest,
dass och an de 60er Jore schonn ähnlech
Diskussiounen mat ähnlechen Argumenter
gefuert goufen.

Firwat huet dat esou laang gedauert?

Well mer eis dorëm beméit hunn, d'Prinzipië
vun enger territorialer Uerdnung an engem
gréisstméigleche Konsens tëschent de
Fraktiounen ze formuléieren, esou wéi mer
dat an der politescher Kultur an eise Land
gewinnt sinn. Dass dat net einfach ass bei
engem Projet, deen d'Strukturen an d'Ge-
wunnechten op d'Kopp geheit, un déi mer
Jorzéngten a Jorhonnerte gewinnt waren,
schéngt mer evident. An dës fir d'Land
wichtig Problematik konnt an huet net dier-
fen iwwert de Knéi gebrach ginn.

Mir kënne duerfir zeifridde sinn, dass elo e
Rapport virläit, deen d'Marschrichtung
ugëtt, wou eist Land soll histeieren a wéi et
soll strukturéiert sinn.

De Moment ass awer och elo komm, fir vun
den Diskussiounen op d'Ëmsetzungsphas
ze wiesselen. Duerfir sollte mer alleguerten
zesummen - d'Chamber, d'Regierung,
d'Gemengen - doru schaffen, dass dat, wat
mer eis virgeholl hunn, och elo mat Succès
ëmgesat gëtt.

Ech soen lech Merci.

» Une voix.- Très bien!

» Mme le Président.- Merci, Här Klein.
Dee leschten agedroene Riedner ass den
Här Roth. Här Roth, Dir hutt d'Wuert.

» M. Gilles Roth (CSV).- Madame Pre-
sidentin, Dir Dammen an Dir Hären, de Rap-
port iwwert d'Territorialreform spigelt déi
ganz Komplexitéit vun der administrativer
Dezentralisatioun vun eise Land zréck. De
Bericht zeechent awer kloer Weeër op, wéi
mir als kengt a modern Land besser kën-
nen an Zukunft fonctionnéieren.

De Mérite vun deem Dokument läit doran,
dass mat Ausnahm vun där enger oder ane-
rer méi oder manner politesch gefierfterer
Nuance op zentrale Froen e generelle Kon-
sens besteet, wat ze verbessern ass. Dë-
sen Accord besteet net nëmme um Niveau
vun der Landespolitik, e gëtt och op enger
breeder Basis vun de Gemengevertrieder
iwwert den Daachverband, dem Syvicol,
gedeelt.

Ech wëll dem Rapporteur, dem Michel Wol-
ter, an all deenen, déi un der Ausaarbechtung
vun dësem Bericht bedeelegt waren,
félicitéieren.

Madame Presidentin, eng territorial Nei-
uerdnung vun eise Land, och wann et
kleng ass, mécht sech net vun haut op
muer. D'Erausfuorderung ass awer ëmsou
méi grouss. Mir mussen déi administrativ
Strukturen am Land méi schlank a méi effi-
kass maachen. Stat a Gemenge mussen
den Erausfuorderunge vun haut ugepasst
ginn. Si mussen am Interessi vum Bierger
méi performant ginn um Niveau vun den öf-
fentlechen Déngschtleeschungen. D'Déci-
siounen am öffentlechen Interessi mussen
duerfir op dem Terrain méi séier kënne em-
gesat ginn. Mir brauchen e bessert Ma-
tenee vu Stat a Gemengen.

Dat verlaangt en Ëmdenken, wat d'Zuel,
d'Gréisst an d'Roll vun de Gemengen ube-
laangt. Eng modern Gemeng vun haut ass
net méi wéi fréier ausschliesselech de Ver-
trieder op lokalem Plang vun enger staat-
lecher Autoritéit. D'Aufgab vun der moder-
ner Gemeng ass méi, wéi fir Recht an Uerd-
nung ze suergen. D'Gemeng vun haut ass
virun allem en effikassen öffentlechen
Déngschtleeschungsbetrib fir de Bierger.

Mir brauchen duerfir manner a méi grouss
Gemengen. An deem Sënn ass déi am Rap-
port ugestriefte Masse critique vun 3.000
Awunner pro Gemeng ze begrëissen, grad
wéi déi nei Gemengekaart, déi den Innen-
minister zesumme mat dem Syvicol opge-
stallt huet.

Fir deenen neien Uspréich vun der moder-
ner Gemeng gerecht ze ginn, muss dat be-
stehend verfassungsrechtlecht Ëmfeld mat
enger bedéngter kommunaler Autonomie
net a Fro gestallt ginn. Iwwert déi nei Mis-
siounen vun der Gemeng vun haut besteet
och e breede Konsens. Dat ass e grouse
Schritt no vir um Wee zu enger moderner
Gemengelandchaft an där domat verbon-
nener Territorialreform.

D'Missiounen vun der Gemeng vum 21. Jor-
honnert mussen elo an engem gesetzleche
Kader verankert ginn. Nëmme esou er-
reeche mer, dass all Bierger am Land, egal
a wat fir enger Gemeng hie wunnt, déisel-
wecht Grondmissiounen vu senger Gemeng
kann an Usproch huelen.

Madame Presidentin, eng Territorialreform
mécht een net vun haut op muer. Si zitt sech
natierlech iwwer eng gewëssen Zäitschinn.
Kuerzfristeg ass eng verbessert Relatioun
tëscht Stat a Gemengen néideg.

Déi Verantwortlech vun enger Gemeng aus
dem 21. Jorhonnert si keng Lokalfürsten. Si
sinn awer och keng Kasperlen, déi sech hire
Wee duerch den Dschungel vun engem iwwer-
gewichtege staatleche Verwaltungs-
apparat musse schloen.

Fir e bessert Matenee vu Stat a Gemenge
brauche mir kuerzfristeg manner Bürokratie.
Mir brauchen net méi Gesetzer, mä mir
brauche méi einfach Prozeduren. Mir
brauche manner administrativen Opwand a
méi Kohärenz.

Wann eng Gemeng en Netwunnegebitt
schafft, da muss bei der Genehmegung
vum Lotissement d'Autorisatiounen vum In-
nenministère a vum Ëmweltministère ope-
neen ofgestëmmt sinn. Si mussen an engem
bestëmmten Zäitplang virleien. E Biotop,
wann et dann een ass, muss dobäi direkt
detektéiert ginn an net eréischt wann d'Ge-

nehmegungsprozedur hallef ofgeschloss ass.

Bei den Tempo-30-Zone brauche mir ee le-gale Kader, dee fir all Gemenge gültig ass. Et kann net no vage Recommandatioune vun engem Statsservice gefuer ginn, déi jee no Uertschaft esou oder esou ausgeluecht ginn.

Ass et nach zäitgeméiss, dass mir am Land nach 116 verschidde Bautereglementer hunn, wou d'Interpretatioun jee no Gemeng och nach ënnerschiddlech ass? Wier et net méi einfach, iwwert d'Land generell eng Rei vu Basis-„dispositions-type“ an all Baute-reglement anzeschreiwen, wou dann d'Aus-leeeung vu virera bekannt wier an d'selwecht géif ugewannt ginn?

Ass et ubruecht, dass bei Kommodo-Genehmegunge vun der Klass 2 - dorënner falen ënner anerem Säll mat eng Capacitéit vu bis zu 500 Leit - déi adequat Sécher-heetsbestëmmungen an déi domat ver-bonne Responsabilitéit vun engem Buerger-meeschter musse festgeluecht ginn, deen och mat beschter Ënnerstëtzung vu senge Gemengeservicer dofir net iwwert dat néi-degt Fachwësse verfügt?

Zu den allgemengen Déngschtleesch-tungen, déi de Bierger sech vum Stat oder der Gemeng erwaart, gehéiert och d'Sécher-heet an d'Anhale vun de Regele vun der öf-fentlecher Uerdnung. D'Sécherheetsgefill ass fir de Bierger eppes Wichteges. Dat gëllt souwuel op nationalem wéi och op lo-kalem Plang.

Den Trottoir oder eng Afahrt mam Auto zou-parken, den Hond ouni Léngt op enger öf-fentlecher Plaz lafe loossen, de Wuess méi-nen um Sonndeg oder spéit am Owend hunn nâischt mat Kriminalitéit ze din. Et sinn awer Incivilitéiten, déi d'Bierger am All-dag nerven. Den direkten Uspriechpartner ass meeschtens d'Gemeng.

Et ass duerfir ze begreissen, dass de Jus-tiz- an den Innenminister deemnächst eng gesetzlech Basis wëlle schafen, fir et den Agents municipaux - oder méi lëtzebuergesch „de Pecherten“ - ze erlaben, am Op-trag vum Buergermeeschter Avertissements taxés, also Bousgelder ze erstellen bei en-gem Netrespekt vu kommunale Polizeireg-lementer grad wéi bei enger Rei vun Infrac-tiounen zum Code de la route oder zum neien Hondsgesetz.

Hei gëtt net erëm eng nei Gemengepolice agefouert. Neen, d'Agents municipaux sol-len als Zousaz zur Police fonctionnéieren. Si ginn duerfir net Officier oder Agent de po-lice judiciaire a wäerten an der Ausübung vun hirer Fonctioun och kloer begrenzte Kompetenz kréien.

Madame Presidentin, dëst sinn nëmmen e puer Beispiller fir d'Noutwendegkeet vun engem bessere Mateneen tëschent Stat a Gemengen. Déi staatlech Kontroll vun de Gemenge muss dobäi bestoe bleiwen. Mä do, wou d'Kontroll spilt, muss et kloer an onkomplizéiert Regele ginn, déi am Virfeld festgeluecht sinn. D'Kontroll däerf net vum Ermiessen an der Laun vun där enger oder anerer staatlecher Déngschstell ofhänken. Neen, d'Kontroll vum Stat muss an engem legale Kader oflafen. Si muss de Fall gesat och kënne vun engem Geriicht iwwerpräift ginn. E bessert Mateneen tëschent Stat a Gemenge brauch deemno méi kloer Linnen, an dat an alle Politikfelder.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **Mme le Président.** - Merci, Här Roth. Dat war dee leschten agedroene Riedner. Den Här Innenminister huet elo d'Wuert.

» **M. Jean-Marie Halsdorf, Ministre de l'Intérieur et de l'Aménagement du Terri-toire.** - Madame Presidentin, Dir Dammen an Dir Hären, mir schwätzen oft a gär vum Lët-zebuerger Modell. D'Organisatioun vun ei-sem Stat, d'Aufgabenopdeellung, si sinn och ee Stéck vun deem Lëtzebuenger Mo-dell. An deen ass anescht wéi bei eisen No-peren. Mir hunn e Stat mat enger zentraler Struktur, der Regierung, a just eng dezentral Struktur, eis Gemengen. Et ass also kloer, dass hinnen eng méi bedeitend Roll zoukënn wéi an eisen Nopeschlänner, wou et nach aner institutionell Partner gëtt, déi de Stat organiséieren.

Wie vun deem, wat ech elo gesot hunn, iwwerzeegt ass - an dat sinn ech -, dee weess, dass kee Wee laanscht eng Reorga-nisatioun vun eisem Territoire féiert, wann eng Gemeng nom Subsidiaritéitsprinzip hir Aufgabe soll a voller Autonomie ausüben, ëmsou méi mer och nach eng Organisa-tioun hunn, déi aus dem 18. an 19. Jorhon-nert datéiert.

Ech stellen haut de Mëtteg - oder ech ka scho bal soen, haut den Owend - fest, dass

de Konsens grouss heibannen ass. Ech stelle fest, dass an de leschte Jore villes, besonnesch an de Käpp vun de Leit an de politesch Responsabele geschitt ass. Haut si sech déi allermeescht bewosst, dass d'Zäit vun enger grousser a breeder Terri-toirereform komm ass an dass elo muss ge-handelt ginn. Well wa bis elo praktesch iwwerall am Land déiselwecht Basisleesch-tunge vun de Gemenge konnte prestéiert gi fir hir Matbierger, dann ass dat besonnesch dorop zrëckzeféieren, dass d'Gemenge-finance gutt evoluéiert sinn an de leschte Jorzéngten. An dat war méiglech, well eist Land wirtschaftlech geboomt huet.

De Bierger vum 21. Jorhonnert erwaart vu senger Gemeng e Partner, deen eng Hand mat upeekt, fir dass dem Bierger seng Lie-wensqualitéit assuréiert bleift. Hei steet d'Gemeng als Prestataire de services am Mëttelpunkt. Justement doraus ergëtt sech dee Méiwäert, deen den Alex Bodry am Fong geholl virdrun ugeschwat huet an dee mer eise Bierger musse vermëttelen.

D'Aart a Weis wéi mer an de leschten dräi an en halleft Joer zesummegeschafft hunn op d'Ausschaffe vun enger fundamentaler Territorialreform, déi mécht Sënn. D'Resultat gëtt eis och Recht. Mir hunn e breede po-letesch Konsens an der Chamber, am Syvi-col an och an der Regierung. An nëmmen op esou enger breeder Front kënne mer och punkten.

Wann ee probéiert Léieren ze zéien aus der Démarche vu mengem Virgänger, dem Mi-nister Wohlfahrt, dee jo an de 70er Joren och wollt eis Gemengelandchaft reforméie-ren, schéngt et mer, dass de Wee, dee mer amgaange sinn ze goen, Erfolleg ver-sprécht. Eis Démarche baséiert nämlech op engem breede Konsens. Mir gi schréttweis vir an hunn eng „tailor made“ Strategie. Mir probéieren also individuell all Coopération renforcée ze traitéieren an erwaarden eis esou eng méi nuanciéiert Zilfindung fir eise Modell. Dee muss op 100% vum Territoire gräifen, well dës Réorganisation territoriale kann nëmmen als Ganzt fonctionnéieren.

(*M. Lucien Weiler reprend la Présidence*)

Fir mech ass et kloer: Sollte mer et net fäer-deg bréngen, eist Land kohärent ze organi-séieren, da kréie mer spéider d'Rechnung presentéiert, well eise Liewensraum - eist Land, eis Groussregioun, Europa, eis Welt - evoluéiert weider an orientéiert sech net un deem, wat hei zu Lëtzebuerg geschitt oder net geschitt.

Prompt Handeln ass also erwënscht. Duer-fir hunn ech och am Ufank vu menger minis-terieller Amtszäit, nodeems d'Chamber am Dezember 2004 eng Spezialkommissioun geschafen hat, nach während der Lëtze-buerger Présidence e Concept intégratif fir eng territorial an administrativ Reform vu Lëtzebuerg mat menge Leit ausgeschafft. Dat war am Mee 2005.

Dëst Konzept hat e kloere roud Fuedem, nämlech eng kohärent Territorialentwëck-lung zu Lëtzebuerg am Aklang mam Pro-gramme directeur a mam IVL ze bewierken. Dëse Package - Réorganisation territoriale, IVL an Territorialentwicklung duerch e Pro-gramme directeur - ass e Ganzt an dat kann och nëmmen als dat ëmgesat ginn. Dat muss elo net eent zu eent sinn, mä d'Vernet-zung vun dësen Elementer setzt eis e Ka-der, an deem an no deem mer eis müssen organiséieren, no deem mer musse plangen a schaffen.

De Concept intégratif fir eist Land ze orga-niséieren, deen ech virgeluecht hat, war fir mech eng Base de discussion gradesou wéi och déi nei Kartographie vun eisem Land, déi jo ausgeschafft gouf an och als Base de discussion ze verstoen ass. Dëst Konzept huet jo och als wichteg Grondlag gedéngt fir d'Aarbechte vun der Spezial-kommissioun.

A wa virdru gemengt gouf, dat Dokument hält éischter en technesche Charakter, muss ech soen: Ech hunn dat net esou ge-sinn. Ech hunn zum Beispill nieft Fusiounen och sougenannte Communauté-de-com-muné proposéiert, fir d'Gemengen ze stäer-ken. Hei war awer och éischter den Hanner-gedanken deen, fir am Ufank net direkt eng exklusiv steril Diskussioun ze kréien iwwert d'Fusiounen oder d'Netfusiounen. Nëmmen dofir hat ech dëse Modell esou opgestallt.

(*Interruption*)

Ouni elo wëllen op all Einzelheete vun dë-sem Konzept an deem, wat do erëm zrëck-behale ginn ass, anzegoen, kann ech awer roueg behaupten, dass villes an op jidde Fall de roud Fuedem, ech géif soen de Geescht, d'Philosophie vum Konzept vun der Spezialkommissioun iwwerholl ginn ass, wat mech als Minister freet. Et weist, dass mer op darselwechter Wellelängt sinn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Spezialkommissioun huet säit dem Fréi-joer 2005 eng formidabel a laangootmeg Aarbecht geleescht.

Als zoustännege Minister sinn ech erfreet iwwert de Rapport vun der Spezialkommis-sioun, deen e grouse Konsens duerstellt an deen entstanden ass opgrond vun Diskus-siounen, bei deenen all implizéiert a concer-néiert Partner, besonnesch natierlech déi aus dem Gemengesecteur, gehéiert gou-fen. Ech wëll hei ganz besonnesch déi konstruktiv an déi deelweis och entschee-dend Influenz vum Syvicol ervirhiewen.

Mä geneesou wëll ech onbedéngt ervirsträi-chen, dass de President Michel Wolter wierklech eng gutt Aarbecht gemaach huet. Seng Ausdauer, seng Entschlossenheet an och seng wierklech konsensuell Aart a Weis hunn dozou bäigedroen, dass mer haut do ukomm sinn, wou mer elo ukomm sinn. Ech wollt him och Merci soe fir dee gudden, ex-haustive Rapport, dee mer virleien hunn, a mech deene Mercien, déi hien ausgedréckt huet fir all déi Leit, déi eng Hand mat uge-paakt hunn, uschléissen.

D'Konklusioun vum Rapport vun der Spe-zialkommissioun weisen eis also elo de Wee fir eng territorial an eng administrativ Reor-ganisatioun, déi eiser Zäit entsprécht. Ze-summe musse mer elo Schrëtt fir Schrëtt dee Wee goen, dat heescht eng Démarche festleeën, déi eis an enger realistischer Zäitschinn bis zum Zil féiert, wat mer eis ge-sat hunn.

Duerfir zwou Froen, op déi ech wollt äntwer-ten a menger Interventioun: Wou si mer elo drun? Wéi soll et weidergoen?

Gutt, mir sinn esou wäit wéi mer nach ni wa-ren. Mä gläichzäiteg si mer op engem kru-ziale Punkt ukomm - de Jempy Klein huet dat nach elo just gesot -, well déi entschee-dend Phas, déi fänkt elo eréischt un. Elo gëtt et konkret an elo kann et emol wéi dinn.

Feststelle muss een, dass sech an de leschen dräi Joer säit der Virstellung vum Concept intégratif vum Ministère villes ge-doen huet. Mir hunn och am Ministère llicht Adaptatiounen gemaach un eisem Konzept. Wa mer gesinn hunn, wou de Wee besser wär, deen d'Kommissioun virgeschloen huet, a well mer verschidden Elementer gutt erkannt hunn, hu mer och Verschiddener weidergedriwwen, ouni ofzewarden, bis d'Spezialkommissioun hir Aarbechten ofge-schloss hat. Zum Beispill d'Äntwerten, déi d'Regierung ginn huet op d'Froe vun der Spezialkommissioun, enthalte konkret Ele-menter, déi sech un den Aarbechte vun der Kommissioun orientéieren am Esprit vun ei-sem Konzept.

Och bei där aktueller Démarche, déi mer müssen elo lassgoe fir eng nei Landschaft ze kréien 2017, si mer pragmatesch vir-gaangen a wäerten och weider esou vir-goen. Ech wëll eng Klamer hei opmaachen a ganz kloer soen - den Här Etgen, mengen ech, huet dat gesot -, dass ech d'Joer 2017 seriö huelen. Dass et also net esou ass, dass een elo scho kann ufänken a mengen, et misst een nach eng Period hannen-drunhänken, mä et soll een deen Datum se-riö huelen. Wann een eng Zäitschinn huet, soll een déi maximalistesche ugoen.

Duerfir fannen ech et och net abwegeg, wann de Minister dann erwägt, fir effektiv, wann e finanziell Ureizer kreéiert fir d'Ge-mengen, do eng Zäitschinn hannendrunze-setzen, an dass en deene Leit, déi éischter mat an d'Boot klammen, méi op den Dësch leet, wéi deenen anerem. Ech fannen dat nëmmen normal an ech wäert dat och esou proposéieren, wann déi Diskussiounen ufa-len.

Kloer ass och an de leschte Méint - a Joer, kann ech bal soen -, wann ee Gespräicher mat Gemengepolitikier oder mat Leit vum Terrain hat, dass sech ëmmer méi bewosst gëtt, dass eng Gemeengefusioun am Fong geholl Virdeeler bréngt, dass staark Entitéite wierklech kënnen e Plus si fir eis alleguer-ten. Well wéi wier déi Ëmfro, déi d'ILReS ge-maach huet virun engem gudde Joer, anescht ze erklären, wou ee gesinn huet, wéi vill Leit hei zu Lëtzebuerg sech fir Fu-siounen ausgeschwat hunn.

Mir wäerten elo mam Büro vum Syvicol duerch d'Land goen an déi Kaart oder déi Schémas de coopération, déi mer ausge-schafft hunn, als Diskussiounsbasis virstel-len. Déi Tournée wäert ufänken am Hierscht a wäert dauere bis an d'Fréijoer 2009. Dës Base de discussion respektéiert - dat ass wichteg - de Programme directeur de l'amé-nagement du territoire an och den IVL. Den Detail, wéi mer dat elo wäerte maachen, gëtt nach eng Kéier mam Syvicol ofge-schwat.

Eis Approche ass awer déi, fir jiddfer méig-lech renforcéiert Kooperatioun eenzel mat de concernéierte Gemengen ze traitéieren.

D'Kaderkonditiounen vun de Fusiounen - dat ass wichteg - wäerten a musse bei dëse Gespräicher och scho gréisstendeels um Dësch leien, soss kréie mer ze vill Diskus-siounen.

Mir sinn also elo derbäi mat de Gemengen ee Prozess ofzewéckelen, fir dee souge-nannte Rééquilibrage an der territorialer Struktur vun eisem Land ze kréien, dee mer brauchen. Dëse Rééquilibrage huet dräi Elementer. Éischtens, an dat ass dat wich-tegst Element, dat ass de Filet: staark, méi grouss a méi autonom Gemengen.

Mä dat zweet Element ass a mengen Ae gradesou wichteg, well et e Ganzt ass. Mir brauche performant interkommunal Struktu-ren am städteschen an am ländleche Raum an och wichteg operationell Regiounen, wat mer elo nach net hunn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, op deen éischte Punkt - staark, méi grouss an autonom Gemengen - wäert ech herno ausféierlech zrëckkommen, duerfir loosst mech elo fir d'éischt op déi wichteg inter-kommunal Strukturen agoen. Meng Servicer sinn amgaangen, op eng performant inter-kommunal Struktur hinzeschaffen.

Dat geschitt elo scho konkret um Terrain, am Sënn, dass mer an de städtesche Raim de Moment véier Konventiounen ausgeschafft hu mat de Gemengen. Dat ass eng Initiativ vum Minister. Dat ass net nëmme Ge-schwätz, mä do kënn eppes derbäi eraus. Resultat Nordstad, Dir gesitt, wou mer do dru sinn. Och am Südweste vun der Stad Lëtzebuerg komme mer gutt weider, am Uelzechtall an och ronderëm de Flug-hafen.

Hei gëtt exemplaresch wierklech partner-schaftlech zesummegeschafft am Sënn vun enger integrativer, gemengeniwwergräifen-der, nohalteger a raimlecher Entwëcklung an duerfir ass deen „masterplan“ vun der Nordstad keen Zoufall. Dee war nëmme méiglech, well mer iwwert dee Mechanis-mus zesumme mam Ministère a mam Minis-ter dëst Dokument ausgeschafft hunn, an dat wëll ech hei nach eng Kéier ervirsträi-chen, well dës Zesummenaarbecht ass ebe wesentlich an et ass eng Viraussetzung, wa mer wëllen déif gräifend strukturell Schrëtt weidermaachen am Sënn vun enger Com-munauté urbaine, déi mer net wëllen impo-séieren.

Eng Communauté urbaine gëtt een Instru-ment, wat d'Gemengen am städtesche Raum kënne benotzen. Dat gëtt net impo-séiert. Esou e Projet de loi wëll ech an den nächste Wochen an der Regierung erabrén-gen an ech hoffen, dass dëst wichteg Ins-trument fir d'Gestaltung an d'Entwëcklung vun de städteschen Agglomeratiounen schnell vum Législateur ofgewéckelt ka ginn. Well ech weess, dass munch Leit drop waarden. Ech hoffen, dass och déi sechs Gemenge vun der Nordstad dëst neit Instru-ment wäerte benotzen, fir sech dann eng performant Struktur ze ginn, déi se och brauche fir déi noutwendeg urban Entwëck-lung vun der Nordstad hinzekréien.

Am selwechten Otemzuch wëll ech och vun der Geleeënheet profitéieren, fir deene sechs Nordstadgemenge mäi Respekt aus-zedrécke fir d'Qualitéit vun hirer virbild-lecher Zesummenaarbecht.

An de ländleche Raim, wou sech jo de Gros vun den awunnerméisseg klenge Gemenge befënn, gëllt et virun allem staark, méi grouss a méi autonom Gemengen ze scha-fen, déi den Erausforderunge vum 21. Jor-honnert gewuess sinn. Duerfir sinn hei d'Gemeengefusiounen néideg, fir dass d'Ge-mengen déi noutwendeg Masse critique er-reechen, fir ënner anerem modern Service-providere kënnen ze sinn, fir also ze garan-téieren, dass iwwerall déiselwecht Basisser-vicer fir eis Matbierger kënne prestéiert ginn, no vergläichbare Präisser a Konditiou-nen.

Des Weidere setze mer an dëse Raim, déi vill Naturpotenzial hunn, och op eng Aus-weidung respektiv souguer eng Neibildung vun Naturparken, deenen hir Aufgaben duerchaus ausbaufäeg sinn. Hei wäerten 2009, wann den Naturpark Uewersauer soll erneiert ginn, sécherlech nei Iwwerleeun-gen op den Dësch kommen.

Eppes ass awer och kloer: Eréischt wann déi nei Gemengelandchaft bis steet an

d'Communautés urbaines sech gebilt hunn, da kënnen mer endlech operationell an de Regiounen schaffen, da kënnen mer se mat Liewe fëllen. Soulaang wéi dat net de Fall ass, ass et schwiereg, Plans régionaux ëmzesetzen. Ech géif mengen et wier éischter Harakiri, wann een esou eppes géif maachen.

Dëst setzt also viraus, dass sech an deene sechs Regiounen, déi do virgesi sinn, performant regional Syndikater à vocation multiple bilden, déi dann déi regional Gelder kréien, déi de Stat bestëmmt a programméiert fir d'Regioun.

Grad dës regional Gelder sinn ee wichtegt Stéck vun enger Reform vun de Gemeengefinanzen a si sinn och, géif ech soen, eng Aart Conditio sine qua non ier ee ka global iwwert d'Gemeengefinanze schwätzen. Duerfir ass et schonn net esou negativ, wann d'Kommissioun elo net onbedéngt e Modell dévloppéiert huet, well nach ze vill Kaarten net kloer um Dësch leien, fir do déi richteg Stoussrichtung ze fannen, fir déi zukünfteg Finanzpolitik vun de Gemengen ze maachen.

Eppes ass kloer: A verschidde städtesche Regiounen wäert et an Zukunft just eng Communauté urbaine ginn, a verschiddene wäert et béides ginn, dat heescht eng Communauté urbaine an ee Syndicat à vocation multiple. An de ländleche Raim wäerte mer e Syndikat hunn, mä et wäerten awer och ländlech Raim ginn, wou mer Naturparken hunn. Wichteg ass, dës regional Struktur mussen dann ugepasst ginn iwwert de Programme directeur an dann integrativ an d'Landesstruktur agebett ginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Häerzstéck vun eiser Territorialreform bleift awer d'Schafe vu staarken, méi groussen a méi autonome Gemengen. Mir hu méittlerweil erkannt - an ech hunn et scho gesot -, dass mer staark, méi grouss a méi autonom Gemenge brauchen, fir den Ufuerderunge vum 21. Jorhonnert gerecht ze ginn. Mir mussen duerfir eis Gemenge fit maachen, fir dass se hir Roll, déi se ze spillen hunn, och amstand sinn auszuféieren.

Dës Roll gëtt definéiert duerch d'Kompetenzen, déi eis Gemengen an Zukunft ze meeschteren hunn. Ech sinn zefridde mat der Kompetenzopdeelung tëschent Stat a Gemengen an och mam Inhalt vun de Gemengekompetenzen, esou wéi en am Rapport vun der Spezialkommissioun festgehale gëtt. Dës kloer Aussoe sinn eng wichteg Basis fir eng Reorganisatioun vum Territoire a vun der Verwaltung.

Ech wëll net am Detail op d'Kompetenzopdeelung agoen. Ech wëll awer speziell ervirhiewen - an ech mengen de President vun der Spezialkommissioun huet et och ugeschwat -, dass ech d'Vuë vun der Spezialkommissioun iwwert d'zukünfteg Roll vun eise Gemengen an der Energieversuergung an am Bezuch op erneierbar Energien deelen. Ech wäert duerfir deemnächst den Ëmweltminister an den Energieminister uschreiwen, fir schnellstens ee gesetzleche Kader fir dës Beräich ze schafen.

Wann d'Problematik vu regionale Zones d'activités économiques ugeschwat gëtt vun der Kommissioun, do komme mer och gutt weider. Déi gëtt nämlech iwwert d'Erstelle vum Plan sectoriel «Zones d'activités» realiséiert. Mir wäerten no dräi Joer Aarbechten och am Hierscht dës Programm oder dës Plang kënnen virstellen.

Eppes ass awer och kloer: D'Chamber, d'Regierung an de Syvicol mengen, dass ongeféier 3.000 Awunner missten an enger Gemeng sinn, fir se esou kënnen ze organiséieren, dass d'Bierger dee Service kënnen kréien, deen den Uspréich vun enger moderner Gemengeverwaltung gerecht gëtt.

Mir hunn haut nach - dat muss ee sech virstellen - 75 Gemenge mat manner wéi 3.000 Awunner. Mir hu just duerfir mam Syvicol eben déi Kaart ausgeschafft, fir dann an engem nächste Schratt am Dialog mat de Bierger a mat de Gemenge mat vill Iwwerzeegungsaarbecht - well déi wäerte mer brauchen - déi nei Gemengelandchaft ze schafen, mat méi groussen a méi staarke Gemengen.

Wat hei wichteg ass, dat ass e gutt Zesummespill tëschent „bottom-up“ an „top-down“. Dat ass noutwendeg.

Ech wëll awer och duerfir betounen op där heiter Plaz, dass, wéi mer déi nei Kartographie opgestallt hunn, mer se am Konsens mam Syvicol gemaach hunn, awer eis net nëmmen no der Awunnerzuel orientéiert hunn. E weidere wichtege Kritär, dee mer och zrëckbehalen hunn, dat ass déi aktuell Zesummenaarbecht tëschent de Gemengen, an dëst besonnesch um Niveau vun deene kleng Gemengesyndikater, dat heescht deene Gemengen, wou elo dräi, véier Gemengen zesummeschaffen.

Ech mengen, et misst een onbedéngt soen, do, wou elo gutt Aarbecht geleescht gëtt, soll dat och an Zukunft esou bleiwen, mam Ënnerscheed, dass, wa mer eventuell kee Syndikat méi brauchen, well d'Gemengen ebe fusionéiert hunn oder et aner Forme vun Zesummenaarbecht gëtt, een da soll och dohinner schreiden.

Fir eist Land fit ze maachen, komme mer net derlaanscht, a ville Beräicher déi aktuell Form vun interkommunaler Zesummenaarbecht nei ze definéieren.

Aner Kritären, déi mer och nach zrëckbehalen hu beim Opstelle vun der Kartographie, waren d'geographesch an d'topographesch Lag respektiv d'Verkéisersubannungen an d'Distanzen tëschent den Uertschaften an de Gemengen.

Fir all proposéierte Regroupement, dat wäert Der gesinn an deenen nächste Wochen, hu mer en Argumentaire opgebaut. Dat hunn eis Servicer gemaach. Mir wäerten dann zesumme mam Syvicol dës Argumentairen diskutéieren a kucken, ob mer dann hoffentlech konstruktiv a wierklech positiv weiderkommen.

Ech hunn dës Deeg och en Avis vum Syvicol kritt zu eiser gemeinsam ausgeschaffter Kartographie, wou si op den Diskussionsprozess, deen Ufank vun den 90er Jore vum deemolegen Innenminister gefouert ginn ass, hiweisen.

Ech stelle fest, deemools huet de Minister ee Projet de loi préparéiert, an deem am ganze Land Gemengefusione virgesi waren, mat den zukünftigen Chef-lieu an de Gemengennimm. Mir hunn an eiser heiteger Démarche dorop verzicht, fir esou en iwwergräifend Gesetz ze preparéieren, dat am Fong geholl de Gemenge scho quasi alles virschreift.

Well d'Gemegegrenzen awer nëmme kënnen iwwer e Gesetz geännert ginn - den Artikel 2 vun eiser Verfassung gesäit dat vir -, si mir der Meenung, dass een an all Fall deenen eenzelne spezifesch Situatiounen vun der Gemeng Rechnung droe muss, an och besonnesch de Referenden, déi duerno kommen, an duerfir muss all Gemengefusioon iwwer een eenzelt Gesetz ëmgesat ginn.

An deem Gesetz ginn natierlech déi spezifesch Aspekter wéi den Numm, den Hauptsätz, administrativ Verwaltungsfroen an esou weider geregelt, an och d'Fro vum Wahlmodus, déi ech schonn ugeschwat hunn an der Kommissioun. Ech gesi kee Problem, wat de Majorz- oder de Proporzsystem betrëfft, Iwwergangsléisungen ze benotzen, wann d'Gemenge sech dat esou wënschen, déi een dann an dat spezifesch Fusionsgesetz aschreift. Obschonn d'Awunnerzuel bei méi wéi 3.000 läit, kann een an deem Fall eng oder zwou Perioden nach esou weiderfueren. Dat, mengen ech, dierft kee Problem sinn.

Ee leschte Punkt zum Thema Kartographie ass de finanziellen Aspekt. Do plädéieren ech fir eng kohärent an eng transparent Virgehensweis. Mir mussen als Regierung d'Gemenge finanziell ënnerstëtzen. D'Regierung muss hei hir Verantwortung iwwerhuelen am Sënn vu staarken an autonome Gemengen.

Mä déi finanziell Ënnerstëtzung däerf net un e puer spezifesch Projete gebonne sinn, mä muss e generelle Charakter hunn. Si soll sech un der zukünftiger Awunnerzuel orientéieren. Allgemeng soll jidderee gläich behandelt ginn. Esou stellen ech mer vir, dass dee Projet soll ausgesinn, deen ech och nach dëst Joer als Propos am Regierungsrot wëll ënnerbreeden.

Eng modern Gemeng kann natierlech nëmme begrenzt fonctionnéiere mat Strukturen, déi aus dem viregte Jorhonnert stamen an zum Deel nach méi al sinn. Mir mussen also och de Management vun eise Gemengen der Zäit upassen.

Mir sinn eis eens, dass all Gemeng dräi zolidd Pilier brauch, fir de Service um Bierger optimal ze organiséieren a fir dass se och ka voll selbststänneg fonctionnéieren, esou wéi d'Charte européenne de l'autonomie communale dat jo och virgesäit.

An Zukunft muss mer eis och kloer sinn, dass mer an de Gemenge vill méi universitär Carrière wäerte gesinn. Mir wäerte sé-

cherlech e generell Aféiere vun dëse Carrièren am Gemengesecteur erëmfannen.

Mä déi dräi Pilieren, op déi mer eis stäipen - se sti jo och am Rapport - sinn:

1) den administrative Service ronderëm de Gemengesekretär. Ech kéint mer virstellen, dass dat an Zukunft och e Jurist ka sinn.

2) En zweete Service oder eng zweet Achs ass e richteg Finanzservice, deen am Fong geholl dee gesamte Beräich vun de Gemeengefinanzen ëmfaasst. Grouss Gemenge kommen och net derlaanscht, en Ekonomist anzustellen. An hei an dësem Service muss och de Receveur seng Plaz fannen.

3) Mir brauchen e performanten technesch Dëngscht mat qualifiziertem Personal. D'Gesetz vun 2004 iwwert den Aménagement communal huet jo hei schonn en éischten Usaz bruecht. Dësen Usaz ass nach ausbaufäeg. Ech sinn der Meenung, dass dës performanten technesch Dëngscht e Préalabel ass fir e modernen Urbanismus an eise Gemengen.

Den Detail vun de Gesetzesännerungen, déi hei ustinn an dësen dräi Pilieren, wëll ech an engem Aarbechtsgrupp zesumme mam Syvicol a mam Gemeengepersonal ausschaffen, also mat de Leit vum Terrain, déi d'Realitéit vum Terrain an den Alldag beschtens kennen.

Déi dräi Servicer fonctionnéieren awer an Zukunft och nach ëmmer ënnert der hierarchescher Autoritéit vum Schäfferot, dee responsabel ass fir d'Organisatioun vun der Gemengeverwaltung.

Fir dass d'Performance vun deenen dräi Pilieren och garantéiert bleift, mussen d'Anstellungsprozeduren an d'Formatioun vum Gemeengepersonal adaptéiert ginn.

An der Démarche, déi mer haut ugin, mussen d'Gemengen och ënner verschiddene Konditiounen op spezialiséiert Personal aus dem Privatsecteur zrëckgräife kënnen.

Hei stelle sech also och Froen zum Statut, déi haut och schonn opgeworf gi sinn: Wat ass den „core business“ vun de Gemengen? Wou ass nach Spillraum? Wou ass kee Spillraum?

Schlussendlech ass et och um Schäfferot, deen déi alldieglech Gestiouen vu senger Gemeng am Grëff muss halen, fir duerch intern Evaluatiouns- a Kontrollmechanismen - eng Aart Assessment - d'Effikassitéit an d'Effizienz vun der Aarbecht am Interessi vun de Bierger ze garantéieren.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, méi grouss a méi staark autonom Gemenge brauchen en adequate politesche Management. Eng Viraussetzung heifir ass déi, dass d'Membere vum Schäfferot déi néideg Disponibilitéit kréien, fir hir Aufgaben am Interessi vun de Bierger a voller Responsabilitéit auszuféieren.

Eng Klamer wëll ech hei opmaachen. D'Fro ass opgeworf gi vun der Responsabilité pénale. Ech hu mer virgeholl, dësen Aspekt juristisch analyséieren ze loossen an an der Chamberskommissioun vum Intérieur beim Marco Schank dann dës Elementer virzeleeën an ze kucken, wat dat mat där Responsabilité pénale heescht a wat dat net heescht.

Dat gesot, wa mer am politesche Management wëllen optimiséieren, brauche mer eng besser Disponibilitéit. Mir mussen also weider eise Congé politique ausbauen. Mir bauen op de Congé politique de Moment, an do kann ech dat soen, wat virdrun ugeschwat ginn ass: Laut Statistike sinn et besonnesch déi lokal Politiker aus dem Privatsecteur an aus de fräie Beruffer, déi op de Congé politique zrëckgräifen. Déi aner maachen dat an engem manner grouse Mooss.

D'Stonnenzuel, déi mer elo hunn am Congé politique, ass aus dem Joer 1989. Ech géif mengen, dat geet wierklech net méi duer, fir dat ëmmer méi breet, méi komplex a villfältig Aufgabefeld ze bewältegen.

Ech gesi perséinlech d'Noutwendegkeet vun enger Upassung vum Congé politique. Ech kann déi novollzéien, duerfir wäert ech dann och virun der Sommervakanz de Regierungsrot mat engem entsprecheende Projet de règlement grand-ducal befaassen. Dëst geschitt och - esou, wéi et mam Syvicol ofgesprach war - parallel mat dem Projet vun der Kaart fir eng nei Gemengelandchaft.

Mat dësem Schrëtt wëll ech eise Buergermeeschteren a Schäfte méi Zäit garantéieren, fir hir Aarbecht an der Gemeng an an hire Kooperationsstrukturen am Hibleck op 2017 ze konkretiséieren.

Mä dës Schrëtt am Konzept vum Congé politique ass als Phase transitoire unzegesinn. Wann déi nei Gemenge Realitéit sinn, wa mer also déi nei Forme vun Zesummen-

aarbecht wäerten hunn - d'Communautés urbaines, d'Naturparken, d'regional Syndikater oder déi GECTen, déi Groupements européens de coopération territoriale -, da stellt sech de Cadrage vum politesche Mandat um lokale Plang an engem anere Kontext.

Et muss een dann de Congé politique an dëser neier Gemengelandchaft reconsidéréieren, an zwar opgrond vun enger Evaluation, déi dee Moment gemaach muss ginn.

Well awer d'Uspréich, déi an Zukunft un eis Gemengepolitiker gestallt ginn, ëmmer méi e groussen Zäitopwand wäerten erfuerderen, duerch déi lokal Affären, duerch déi interkommunal a regional Dimensioun an awer och déi grenziwwerschreidend Zesummenaarbecht, komme mer och net laanscht eng Diskussioun iwwert de Cumul vun de politesche Mandater an der Gemeng an um nationalen an um europäesche Plang. Eng Diskussioun zu dësem Thema ass späitstens fällig, wann 2017 déi nei Gemengelandchaft Realitéit gëtt.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dass am Beräich vun de Gemeengefinanzen eng Reform muss kommen, dat ass kloer. Dat seet jiddfereen. Et ass och evident, dass dës Reform nëmmen Hand an Hand mat dem Erstelle vun deem neie Bild vun eise Gemengestrukture muss a ka goen.

Parallél zur Territorialreform mussen also de Floss vun de Gelder an d'Parametere vun de Finanzen nei organiséiert ginn. D'Prinzipien, déi am Rapport stinn an déi am Regierungsprogramm stinn, d'Recettë vum Stat ze paralleliséieren mat de Recettë vun de Gemengen, oder wann nei Aufgaben ufallen, fir déi och dann duerch méi Geld un d'Gemengen auszgläichen, déi schénge kloer ze sinn. Mä wat awer ass, dat ass, mir brauchen eng méi breet, grouss Approche, am Fong geholl eng Radiographie vun den Aufgaben, déi sech op deene verschiddenen Niveauë lokal, regional maachen.

Dat kann eréischt geschéien, wann eis Gemengelandchaft prett ass, wa se méi prezis gëtt. Dat ass fréiestens an engem Joer, an esou verstinn ech och déi Motioun, déi virliit an déi seet: «à concevoir à brève échéance des lignes directrices d'une réforme des finances communales...». Ech fannen déi Approche richteg. An engem Joer soll et och kloer sinn, wéi dat Ganzt cadréiert gi soll. Mä dat wierklech à brève échéance, also elo kuerzfristeg ze maachen, dat schéngt mer net realistesch ze sinn. Mir mussen an déi Richtung goen.

Ech wäert awer scho kuerzfristeg punktuell Adaptatiounen a Rectificatiounen un den Transfertë vun net affektéierte Revenuen un d'Gemenge maachen. Et schwieft mer vir, d'Dotation de base fir d'Gemengen ab 3.000 Awunner eropzesetzen. Dat hu mer och schonn am Conseil supérieur des finances communales diskutéiert. Esou Moossnamen, an och aner kleng Moossnamen, déi mer huele wäerten - déi net contraire sinn zu där zukünftiger globaler Reform -, géifen éischter déi aktuell Inkohärenzen eliminéieren, wat jo och eng gutt Saach wär.

D'Diskussiounen iwwert d'Grenze vun de Wahlbezierker, vun den Distrikter, de Gerichtsdistrikter, och de Kantonen, de Planungsregiounen, kënnen mer féieren, wann déi nei Gemengelandchaft prett ass. An een, zwee Joer mussen déi Diskussiounen gefouert ginn, an ech si gespaant, wéi déi verlafe wäerten.

Et ass awer kloer, dass, wa mer eng nei Gemengelandchaft mat méi staarke Gemengen hunn, mer och nei performant Strukturen brauchen an der Zesummenaarbecht tëschent Stat a Gemengen. Nëmme wann déi gutt ofgestëmmt sinn, wann déi richteg fonctionnéieren, kënnen mer als Stat oder als Gemeng esou fonctionnéieren, dass d'Gesetz, déi mer hunn, kënnen gutt applizéiert ginn.

D'Gesetz mussen an alle Gemengen op eng méiglechst eenheetlech Aart a Weis zur Uwendung kommen. Duerfir ass de Stat de Garant, fir de Bierger an och de Gemengen an engem Rechtsstat dës Garantien ze ginn. Staatlechersäits mécht et duerfir Sënn, am Kader vun der Verfassung Opsichtsstrukturen a Gremien ze kreéieren, déi deenen neien, méi performante kommunale Strukturen ugepasst sinn an déi dës berodend begleeten. Duerfir brauche mer keng duebel Kontroll méi duerch d'Distriktskommissariater, an de Ministère gëtt ersat duerch eng komplett Neiorientéierung vun der Opsicht vum Gemengesecteur duerch déi staatlech Instanzen.

Wéi ech och am Concept intégratif vun 2005 ugekënnegt hat, wëlle mer méi Fräiraum schafe fir d'Gemengen, also méi Autonomie verbonne mat méi Responsabilitéit. Duerfir gëtt et awer manner Kontroll vum

Stat a méi einfach, méi nuanciéiert a méi schnell Prozeduren, dat Ganzt am Dialog mat de Gemengen.

D'Approbatioun vun deenen Décisiounen wäert och an Zukunft nach just an e puer wichtege Beräicher bestoe bleiwen, zum Beispill bei de Gemengesteieren. Fir hei e besseren Duerchbléck ze kréien, wäerte mer eng Lëscht vun alle Beräicher ausschaffen, déi zukünfteg nach eng Approbatioun kréien. Fir all aner Décisiounen an Akte vun de Gemenge soll d'Kontroll am Dialog geschéien, a si ass éischter als Hëllefstellung geduecht, fir spéider Problemer ze vermeiden, an net als en Akt vun uewen erof oder als e béise Fanger vum Minister.

Heiduerch kréie mer ee permanenten, institutionaliséierten Dialog. Déi Beamten, déi d'Dossiere vun de Gemenge suivéieren, spillen da virun allem eng berodend Roll vis-à-vis vun de Gemengen. An et ass nëmmen am Fall wou keng Eenegung ka fonnt ginn, wou den onofhängege Verwaltungsriichter mat engem Dossier befaasst gëtt.

Déi nei orientéiert staatlech Kontroll gëtt an engem neie Gremium duerchgeféiert. Dëst geschitt duerch eng Reorganisatioun vun de Servicer vum Ministère de l'Intérieur a vun den Distriktskommissariater, an hei kann ech mer och gutt regional Antenne virstellen, esou wéi den Här Bodry se virdrun ugeschwat huet. Duerch eng Zesummeleeung vun de Kompetenzen aus dem Ministère an de Kommissariater kréie mer och eng eenheetlech Ausleeung vun der Bewäertung vun de Gemengenaffären.

Déi nei Form vu Matenee gëtt duerch den Dialog mat de Gemenge geprägt. Dësen Dialog soll an de Regiounen stattfannen. Esou entsteet dann och eng Relatioun, déi e bessert Verständnes vun de Vuë vun där enger a vun där anerer Säit wäert mat sech bréngen. Och kritt de Stat duerch dës Neiung eng ausgeprägte berodend Funktioun vis-à-vis vum Gemengesektor. Déi Beamten, déi an deem neie Gremium am Alldag de Kontakt mat de Gemenge fleegen, kréien e besseren Abléck an déi konkret Problemer, déi sech um Terrain stellen. Dës nei Relatioun tëschent Stat a Gemenge kann nëmme fir béid Säite vun Notze sinn.

Och am Beräich vun der Kontroll vun de Gemengefinanze ginn nei Weeër ageschloen, déi am Aklang mat der neier Ausrichtung vun der Gemengelandschaft an hirem Finanzsystem stinn. Deen heitege Kontrollmechanismus, deen ass wierklech iwwerlieft. De richtege Wee fir déi zukünfteg Gemengefinanzkontroll ass deen, dee grad an eisem Konzept an och am Rapport vun der Chamberskommissioun virgezeechent ass. Et gëtt eng Chambre des comptes communale un d'Cour des Comptes ugegliddert, an déi gëtt mat der Kontroll vun der Gemeengegestioun beoptraagt. Dës Kontroll begräift dann och d'Aussoen iwwert d'Aart a Weis, wéi eis Gemenge mat den öffentleche Gelder ëmginn.

Meng Konklusioun, Här President, Dir Damen an Dir Hären: D'Territorialreform ass ee Ganzt. Mir mussen u ville Riedercher gläichzäiteg dréien, bis 2017 all déi parallell Chantieren ofgeschloss sinn. Um gesetzleche Plang wäerte mer Schrëtt fir Schrëtt all Neierungen an engem Code communal festleeën. Ech verstinn och d'Chamber, dass se wëllt de Suivi regelméisseg maachen, an duerfir ass déi Resolutioun gutt. Ech ënnerstëtzen och déi éischt Motioun, mä déi zweet Motioun, déi erabruecht ginn ass vun der ADR, mengen ech, déi wär an deem Sënn net ubruucht.

De Jempy Klein huet gesot, wat iwwregens och esou am Rapport steet, dass eng fundamental Neiverdeelung vun de Kompetenzen net wëschenswäert ass. Or, esou eng Démarche mécht nëmme Sënn, wann ee wierklech eng fundamental Neiverdeelung mécht. Mir ginn awer an d'Richtung, dass mer d'Autonomie communale weider spille loossen. Duerfir gesinn ech de Sënn an de Méiwäert vun esou enger Motioun net, an ech géif och proposéieren, déi net unzehuelen.

D'Motioun 3 iwwerschneit sech am Fong geholl mat der Motioun 1, well, wa mer à brève échéance des lignes directrices d'une réforme des finances communales am Conseil supérieur des finances communales ausschaffen, da musse mer automatesch dat maachen, wat an där Motioun do steet, an dat gëtt dann och an deem Gremium, am Conseil supérieur des finances communales, diskutéiert.

Fir mech ass et kloer, dat Ganzt ass eng grouss national Erausforderung. Et ass ee Wierk, wat d'Zukunft vun eisem Land fir déi nächst 50, 100 Joer bestëmmen wäert. Duerfir musse mer all zesummen, gradesou wéi bei dësem Débat, an engem konstruktive Geescht d'Ëmsetzung vun eise gemeinsamen Ziler an d'Hand huelen.

Ech soen Iech Merci fir Är Opmierksamkeet.

» M. le Président. - Merci, Här Minister. Dir Dammen an Dir Hären, mir kommen dann zum Vote vun de Motiounen an der Resolutioun. Mir fänken u mat de Motiounen.

Motion 1

Fir d'éischt déi, déi déposéiert ginn ass vum honorabelen Här Michel Wolter. Ech denken, dass mer déi kënne par main levée ofstëmmen? Ass dat esou?

(Assentiment)

Vote

Wien d'accord ass mat der Motioun, ass gebieden d'Hand an d'Luucht ze hiewen.

Ech gesinn, et ass Unanimitéit, pardon, eng ganz grouss Majoritéit, Här Gibéryen, fir déi Motioun. Kucke mer emol, ob Är Motiounen déiselwecht grouss Majoritéit kréien.

Motion 2

Déi éischt, vum Här Gibéryen déposéiert, do huet de Minister gesot, dass hie se géif oflehnen. Ass de Vote électronique verlaangt?

(Assentiment)

Da maache mer dat elektronesch.

Vote

D'Motioun 2 ass ofgelehnt mat 37 Nee-Stëmmen, bei 17 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: MM. Eugène Berger, Xavier Bettel (par M. Fernand Etgen), Mme Anne Brasseur, M. Fernand Etgen, Mme Colette Flesch (par Mme Anne Brasseur), MM. Charles Goerens, Alexandre Krieps, Claude Meisch (par M. Eugène Berger) et Carlo Wagner (par M. Alexandre Krieps);

MM. Claude Adam (par Mme Viviane Loschetter), François Bausch (par M. Félix Braz), Félix Braz et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes (par M. Gast Gibéryen), Jean-Pierre Koepp (par M. Robert Mehlen) et Robert Mehlen.

Ont voté non: Mmes Sylvie Andrich-Duval (par M. Marcel Oberweis), Nancy Arendt (par M. Marc Spautz), M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank (par M. Lucien Clement), Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar (par Mme Christine Doerner), Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen (par M. Lucien Thiel), MM. Fred Sunnen (par M. Paul-Henri Meyers), Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel (par Mme Claudia Dall'Agnol), Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diedrich, Mme Lydie Err (par M. John Castegnaro), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch (par M. Alex Bodry), MM. Roger Negri, Jos Scheuer (par M. Ben Fayot), Romain Schneider (par M. Roger Negri), Roland Schreiner et Mme Vera Spautz.

Motion 3

Da komme mer un d'Motioun 3, wou de Minister gesot huet, dass déi superfétatoire wär. Dir mengt, si wär net iwwerflësseg. Da stëmme mer déi och elektronesch of.

Vote

D'Motioun 3 ass ofgelehnt mat 38 Nee-Stëmmen, bei 18 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: MM. Eugène Berger, Xavier Bettel (par M. Fernand Etgen), Mme Anne Brasseur, M. Fernand Etgen, Mme Colette Flesch (par Mme Anne Brasseur), MM. Charles Goerens, Paul Helminger (par M. Charles Goerens), Alexandre Krieps,

Claude Meisch (par M. Eugène Berger) et Carlo Wagner (par M. Alexandre Krieps);

MM. Claude Adam (par M. Félix Braz), François Bausch (par Mme Viviane Loschetter), Félix Braz et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes (par M. Gast Gibéryen), Jean-Pierre Koepp (par M. Robert Mehlen) et Robert Mehlen.

Ont voté non: Mmes Sylvie Andrich-Duval (par M. Marcel Oberweis), Nancy Arendt (par M. Marc Spautz), M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank (par M. Lucien Clement), Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar (par Mme Françoise Hetto-Gaasch), Marcel Oberweis, Gilles Roth, Patrick Santer (par M. Jean-Paul Schaaf), Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen (par M. Lucien Thiel), MM. Fred Sunnen (par M. Paul-Henri Meyers), Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel (par Mme Claudia Dall'Agnol), Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diedrich, Mme Lydie Err (par M. Roger Negri), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch (par M. John Castegnaro), MM. Roger Negri, Jos Scheuer (par M. Alex Bodry), Romain Schneider (par M. Ben Fayot), Roland Schreiner et Mme Vera Spautz.

Résolution 1

Dann hu mer nach d'Resolutioun, déi den honorabelen Här Wolter déposéiert huet. Kënne mer déi par main levée ofstëmmen?

(Assentiment)

Vote

Wien derfir ass, ass gebieden d'Hand an d'Luucht ze hiewen.

Ech gesinn, dass mat Ausnahm vun de Vertrieeder vun der ADR déi aner alleguerten domat d'accord sinn. Dann ass d'Resolutioun deementspriedchend ugehol.

Dir Dammen an Dir Hären, domadder si mer um Enn vun eisen Aarbechten ukomm. Fir déi nächst Sitzung gitt Der schréftlech convoquéiert. Si ass den nächsten Dënschdeg um dräi Auer.

D'Sitzung ass opgehuewen.

(Fin de la séance publique à 19.32 heures)



Chambre
des Députés
L U X E M B O U R G

d'Chamber live
Chamber TV
och an der Rediffusioun
all Sëtzungsdag
vun 19:00 Auer un

d'Chamber online op
www.chd.lu
mat de Rubriken

- Composition & Organisation
- Séances publiques & Commissions
- Hôtel de la Chambre
- Portail documentaire
- Web TV live